

INFO BLAT

°03 21

Den analytische Bericht von der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 17. MÄERZ 2021

Conseil communal du 14 juillet 2021

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIONSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 14 JUILLET 2021

A⁻ A⁺ 🔊

Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)

Tom Ulveling (1er échevin, CSV)

Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)

Robert Mangen (échevin, CSV)

Laura Pregno (échevine, déi gréng)

Guy Altmeisch (LSAP)

Fred Bertinelli (LSAP)

Paulo De Sousa (déi gréng)

Jerry Hartung (CSV)

Pierre Hobscheit (LSAP)

Georges Liesch (déi gréng)

Fränz Meisch (DP)

Erny Muller (LSAP)

Ali Ruckert (KPL)

Christiane Saeul (DP)

Fränz Schwachtgen (déi gréng)

Guy Tempels (CSV)

Eric Weirich (déi Lénk)

Nicole Wohl (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{03 21}

COMPTE-RENDU DU 17 MARS 2021

4-49

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 03/2021, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

DU MERCREDI 17 MARS 2021

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)	Jerry Hartung (CSV)
Tom Ulveling, 1 ^{er} échevin (CSV)	Pierre Hobscheit (LSAP)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)	Georges Liesch (déi gréng)
Robert Mangel, échevin (CSV)	François Meisch (DP)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),	Erny Muller (LSAP)
Guy Altmeisch (LSAP)	Ali Ruckert (KPL)
Fred Bertinelli (LSAP)	Christiane Saeul (DP)
Paulo De Sousa (déi gréng)	Guy Tempels (CSV)
Gary Diderich (déi Lénk)	Nicole Wohl (déi gréng)

Absents/excusés: Fränz Schwachtgen (déi gréng)

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Projets communaux : remise en état de l'accès à la cour et aménagement de deux bureaux au Lommelshaff – devis, article budgétaire 4/132/221311/19001 et présentation de la structure provisoire à mettre en place dans le cadre d'Esch2022.
3. Actes et conventions :
 - a. Acte notarié de vente – échange de terrains aux lieudits Rue de Soleuvre et In Schouleschgründchen à Oberkorn contre trois appartements à construire par le promoteur ;
 - b. Acte notarié de cession gratuite d'une parcelle d'une superficie de deux centiares au lieudit Rue de Soleuvre à Oberkorn ;
 - c. Autorisations domaniales signées avec l'État et les CFL pour la pose et l'exploitation d'une conduite d'eau et de gaines (au PK 6,150-6,567 à Oberkorn) pour la pose et l'exploitation d'une canalisation sous le domaine ferroviaire (au PK 3,915-3,933 à Differdange) ;
 - d. Convention conclue avec l'État et les CFL pour la construction et la gestion d'une mBox située sur un terrain communal à proximité de l'arrêt de Niederkorn ;
 - e. Convention 2021 relative au Club Senior Prënzebiërg ;
 - f. Convention 2021 pour les services d'éducation et d'accueil pour enfants ;
 - g. Convention services pour jeunes pour l'exercice 2021 ;
 - h. Convention avec la SA Oxylux portant sur la déviation de la canalisation d'azote entre la rue Émile-Mark et la rue du Gaz, phase 2 déviation piste cyclable ;
 - i. Contrat de bail d'un appartement situé au 1, rue du Parc-Gerlache à Differdange ;
 - j. Convention office social pour l'exercice 2021 ;
 - k. Convention avec l'office social et l'ASBL Caritas – Accueil et solidarité pour l'exécution du projet Street-work Differdange ;
 - l. Avenants à des baux existants au 1535° Creative Hub et notification de deux résiliations de contrats.
4. Projet d'aménagement particulier au lieudit Avenue du Parc-des-Sports à Oberkorn présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de monsieur Patrick Pereira.
5. Règlements communaux : règlements temporaires de circulation.
6. Autorisation d'ester en justice accordée au collège échevinal.
7. Changements au sein des commissions consultatives.
8. Questions.

1. Communications

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance du conseil communal et passe aux communications. Elle excuse monsieur Schwachtgen, qui a donné procuration à madame Wohl.

Elle demande aux conseillers communaux la permission de retirer le point 3a de l'ordre du jour, car le morcellement en question n'a pas été validé par l'Administration du cadastre.

Christiane Brassel-Rausch communiquera au conseil communal qu'elle partira à 10 h et que monsieur Ulveling présidera la suite de la séance. Madame la ministre Dieschbourg viendra en visite à Differdange dans le cadre de la Journée de l'arbre.

Le budget prévoit 250 000 € pour soutenir le commerce. Le collège échevinal, le city manager et l'économiste communal ont prévu de mettre en place un système de distribution d'une aide financière aux commerces qui en ont le plus besoin. Ces commerces devront fournir notamment leurs bilans de 2018, 2019 et 2020.

Christiane Brassel-Rausch ne sait pas combien de commerçants vont profiter de l'offre. Elle demande aux conseillers communaux de donner leur accord de principe.

Le ministère a confirmé que les communes toucheront une différence de cinq millions d'euros en dotation. Le scénario est donc moins mauvais que ce qui avait été prévu. Pour ce qui est de l'impôt commercial, la Ville de Differdange touchera 3 050 000 € au lieu de 2,4 millions d'euros. Auchan a bien fonctionné pendant la pandémie tout comme ArcelorMittal, le 1535°, des chaînes comme Aldi et Lidl, le Haneboesch... Certaines petites entreprises fonctionnent également très bien.

Christiane Brassel-Rausch répète que la commune conservera les 3 050 000 € de l'impôt commercial. Pour ce qui est de la dotation de l'État, 5,5 millions d'euros seront répartis au niveau national.

Si 2020 a finalement été bien meilleur que prévu, les prévisions pour 2021 sont mauvaises. Une vague de faillites n'est pas à exclure.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Gemengerotssëtzung haut am Hall O. Ech hunn e ganze Koup Kommunikatiounen ze maachen. Als Éischt wëll ech den Här Francis Schwachtgen entschëllegen. Deen hëlt haut net un eise Gemengerot deel. D'Procuratioun huet d'Madamm Nicole Wohl.

Ech géif ëm Äert Averständnis bidden, fir de Punkt 3a vum Ordre du jour ze huelen. Et geet ëm en Akt. Leider ass e Morcellement méi spët gemaach ginn. An dat Morcellement ass nach net vum Kadaster validéiert ginn. Soudass mer et dann an den nächste Gemengerot huelen. Ass dat okay? Kënne mer dat esou unhuelen? Ech soen Iech villmools Merci.

Ech wëll Iech matdeelen, dass ech just bis zéng Auer hei sinn. No zéng Auer iwwerhëlt den Här Ulveling d'Leedung vum Gemengerot. D'Madamm Minister Dieschbourg kënnt haut am Kader vum Dag vum Bam. An ech fueren da mam Fierschter bis erop, d'Madamm Dieschbourg empfänken. Ech bidden ëm Äert Verständnis, ech wousst et leider och net éischter, dass dat e bëssen esou gaangen ass.

Dann hunn ech eng ganz wichteg Kommunikatioun ze maachen, wat d'Finanze vun eiser Geschäftswelt ubelaangt. Dir wësst, dass mer am Budget 250.000 Euro fir d'Commercë virgesinn hunn. Ech wollt elo Iech virschloen, zum Beispill de Schäfferot mat der Verwaltung, sou wéi eise City Manager an eisen Ekonomist, dass mer konzeptuell e Projet op d'Bee stellen an engem System, deen herno dem Comité d'accompagnement économique virgestallt gëtt an och do validéiert gëtt. Dass mer aus Urgence eraus – well et weess kee Mënsch, wat elo erëm kënnt, mir sinn erëm op deem Punkt – kéinten eng Tranche deblockéieren, ganz onbürokratesch, fir deene Leit ze hëllefen, déi et brauchen opgrond vun hire Bilanen, 2018 an 2019 an de Bilan pandémique vun 2020. An ze kucken, wéi mer hinnen entgéintkomme kënnen.

Mer wëssen net, wéi vill Demanden nach erakommen. D'Betribler musse sech selwer mellen. Wann ech do Äre

prinzipiellen Accord kéint kréien, dass mer dee Wee kéinte goen, fir wierklech do, wou Nout um Mann oder un der Fra ass, kënnen anzesprangen. Well mer awer, leider Gottes, ëmmer méi esou Demandé kréien. Kënne mir op dee Wee goen?

Le conseil communal décide à l'unanimité l'élaboration d'un concept concret d'attribution des aides au commerce par le collège échevinal et les services communaux, et soumis à l'approbation du comité d'accompagnement économique et à la ratification par le conseil communal.

Da soen ech Iech villmools Merci.

Wat dat anert Finanziellt ugeet, do hate mer jo eng Interfraktionell. Do kann ech Iech soen, dass mer bestätegt kritt hu vum Ministère, dass mer bei der Dotation de l'Etat eng Differenz vu fënnf Milliounen kréien. Mir hate jo mat engem ganz schlechten Zenario gerechent. Mir hunn elo d'Confirmatioun, dass mer en Iwwerschoss vu fënnf Milliounen an der Dotation de l'Etat kréien.

Mir hunn och confirméiert kritt vum Steieramt, dass eis Gewerbesteier, eisen ICC, déi mir direkt behale kënnen, 3.050.000 Euro sinn amplaz vun 2,4 Milliounen – plus ou moins, et ass elo graff, et ass elo net op de Cent. Dat ass e Plus vu 600.000 Euro. Mir hu Chance an deem Sënn, mir generéieren eisen ICC. Haaptsächlech den Auchan huet ganz gutt ugezunn elo d'lescht Joer an der Pandemie. ArcelorMittal, 1535°, all weider Commercen, och aner Chaîne wéi Lidl, Aldi, Haneboesch ass net ze negligéieren. An awer och méi kleng privat Entreprises, déi wierklech gutt lafen. Dat heescht, dat ass fir eis eng Chance.

Mir dierfen, laut Gesetz, déi 3.050.000 Euro behalen. Déi kommen an d'Gemengekeess. An d'Differenz vu plus ou moins 5,5 Milliounen, déi ginn zrëck an d'Dotation de l'Etat an déi ginn dann erëm verdeelt, national, wéi et soll sinn.

1. Communications

D'Joer 2021 gesäit méi schlecht aus, well jo déi Bilanen hei op engem schlechten Zenario opgestallt si vun 2020. 2020 ass awer elo vill besser gelaf, wéi ugeholl ginn ass. Mee mir hunn d'Aussicht, dass 2021 vill méi schlecht gëtt. Dofir nach ëmmer mäin Opruff: Et ass onsécher, wat 2021 ass. Et ass net ausgeschloss, dass nach eng ganz Well vu Faillitte komme kann.

An de Lockdown, dee riskéiert och nach, leider Gottes, verlängert ze ginn. Dee war net matagerechent vum Ministère fir 2021. Dat heescht, déi optimal Visioun fir 2021 wär e Wuesstum vu 4,5 %. Mee dat wär dee gudden Zenario. Den negativen Zenario wär e Wuesstum vu minus 0,6 %. Do géife mer an d'Rezessioun falen. Mir hunn eis alleguer gesinn. Mir am Schäfferot wäerten iwwermuer kucken, wéi mer eis Projete wëllen ugoen.

An ech maachen awer nach eng Kéier hei den Opruff, dass mer mat eise Finanzen, och wa se elo vill besser si wéi geplangt, ganz virsiichteg ëmginn. Mir wäerten dat elo am Schäfferot mat eise Ekonomist beschwätzen. An duerno géife mer dann d'Interfraktionell erëm zesummeruffen, fir ze kucken, ob Der mat deem Wee averstane sidd. Well mir hunn ëmmer vu rouser Luucht an oranger Luucht geschwat. D'Luucht ass elo gréng. An et wëll awer keen, in weiser Voraussicht, dass se erëm op rout schalt. Dat ass elo d'Zil vun dësem Schäfferot. Dat war d'Kommunikatioun vun de Finanzen.

Zanter dëser Woch hu mer offiziell den 28.000sten Awunner hei zu Déifferdeng.

Zu der Vente vum Gravity: Den 2. Appell ass ganz gutt ugeholl gi vun de Leit. Et koumen 58 Demandé fir 28 Unitéiten, Appartementer, toutes chambres confondues, ob dat elo zwou, dräi oder véier Chamberen sinn. 25 Leit hunn en Appartement kritt, mat enger Prime de construction. Vun de véier Appartementer, déi fir d'Seniores reservéiert waren, koumen dräi Demanden eran. Dat véiert ass an den normale Pool erëm zrëckgaangen. Wat ech just nach wëll soen: Déi Question parlementaire, déi vun de Piraten an der Chamber gestallt ginn ass, déi war net gerechtfertegt. Ganz einfach, well se d'Konditiounen vun der Stee, ënner anerem, dat war elo

e Wuertspill, net kannt hunn. Wollt ech einfach soen.

Da ginn ech d'Wuert elo mol weider un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Ech wëll Iech matdeelen: D'Renovatioun vun der Kierch vu Lasauvage geet gutt virun. Enn September, am Kader vun der Journée du patrimoine national, plange mer eng Ouvertür.

Zum Parc AS Terrain. Ee grousst Wonner! No zwee Joer hu mer endlech vum Ministère den Ausschreibungsdossier kritt. Soudass dat elo kann ausgeschriwwen ginn. An dann hoffen ech, dass mer iergendwann eng Kéier kënne lassleeën.

Dat anert, wat ech Iech nach wollt soen, de Rapport vum Joer 2020 wäert ech Iech zoukomme loossen iwwer eise Service Maraîchage. Do schaffen aktuell zwou Persounen op engem Terrain vun ongeféier 40 Ar, fir biologeschen Ubau ze maachen. 60 verschidden Zorte Geméis gi geziicht. Et gëtt mat Päerd laboréiert. Et ass wierklech en zertifizierte biologeschen Ubau. Et gëtt organeschen Engrais geholl. A si fueren nëmme mat ganz klengen Maschinnen, fir de Buedem ze bearbechten.

An deem Rapport steet alles, wat ugebaut gëtt: Karotten, Ënnen, Concombres, Auberginen, Fraisen an esou weider. Et steet alles dran. Mir hunn eng Positioun gehat vun 2,2 Tonnen.

Während där Zäit, wou d'Maison-relaisen zou waren, hu mer 218 Kilo gespent un Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Mir hunn och verkaf u Privatleit. Do ass ee Montant vun 1.122 Euro zesummegekomm. 100 Kilo Courgette sinn un d'Croix-Rouge Déifferdeng geliwwert ginn an un eng Association d'aide alimentaire zu Péiteng, wou mer 240 Euro erakritt hunn.

Et ass ee flotte Projet. Dir kënnt alles genau am Rapport noliessen. Mir wëllen de Projet weiderféieren. Et besteet eng Demande vun Educateuren vun de Maison-relaisen, fir en Accueil a pedagogesch a rekreativ Saachen unzebidden, wou d'Kanner gesinn, wou Tomate wuessen, dass déi net um Bam wues-

Le confinement pourrait être prolongé, ce que le ministère n'avait pas prévu au départ. Dans un scénario positif, la croissance atteindrait 4,5 % et dans un scénario négatif 0,6 %.

Le collège échevinal discutera de la façon de procéder après-demain. Car si les finances communales sont plutôt bonnes, il convient de rester prudent. Le collège échevinal parlera à l'économiste communal avant d'organiser une réunion entre les fractions. Actuellement, les feux sont au vert et personne ne veut qu'ils repassent au rouge.

Differdange compte officiellement 28 000 habitants depuis cette semaine.

En ce qui concerne Gravity, 58 demandes ont été déposées pour 28 appartements. Vingt-cinq personnes ont obtenu un appartement avec une prime de construction. Trois appartements pour seniors ont trouvé preneur. Le quatrième passe dans le pool normal. Christiane Brassel-Rausch ajoute que la question parlementaire des pirates n'était pas justifiée parce qu'ils ne connaissaient pas les conditions de la vente aux enchères.

TOM ULVELING (CSV) annonce que les travaux de rénovation de l'église de Lasauvage avancent bien. L'ouverture devrait avoir lieu fin septembre dans le cadre de la Journée du patrimoine national.

Un miracle a eu lieu concernant le terrain de l'AS. Le ministère a enfin terminé le dossier d'appel à candidatures.

Les conseillers communaux ont reçu le rapport du service de maraîchage. Deux personnes cultivent soixante sortes de légumes bios sur un terrain de quarante ares. La production se chiffre à 2,2 t. La Ville de Differdange a fait don de 218 kg à Déifferdeng eng Stad hëlleft lorsque les maisons relais étaient fermées. Les recettes provenant de particuliers se montent à 1122 €. Cent kilos de courgettes ont été livrés à la Croix-Rouge et à une association d'aide alimentaire pour deux-cent-quarante euros. Les éducateurs des maisons relais proposent par ailleurs d'organiser des activités pédagogiques autour des légumes.

1. Communications

À l'avenir, le service maraîchage cultivera également les terrains achetés en France.

Tom Ulveling rappelle que l'objectif est de servir des légumes certifiés bios dans les maisons relais. Les relations entre le maraîchage et les cuisiniers sont excellentes.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) signale que la commune a signé une convention d'attribution du label Jugendinfo avec le Jugendtreff Déifferdeng. Le label certifie la qualité de l'information délivrée aux jeunes et permet donc aux usagers de reconnaître facilement les structures proposant des informations fiables. Il s'agit aussi d'assurer une couverture territoriale décentralisée de l'information aux jeunes et de créer des multiplicateurs de l'information. Les informations doivent répondre aux exigences de l'État.

Les maisons des jeunes disposeront donc d'un label certifiant qu'elles constituent une structure d'information de qualité des jeunes en partenariat avec l'Agence nationale pour l'information des jeunes et l'European Youth Information and Counselling Agency ERYCA.

Pour les jeunes, cela signifie qu'ils auront accès à des informations fiables, précises et compréhensibles dans une structure labellisée mises à disposition par un personnel formé les guidant si nécessaire vers une autre structure spécialisée.

Paulo Aguiar remercie madame Pereira pour son engagement ainsi que le Jugendtreff Déifferdeng et son équipe éducative.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) signale que les écoles de Differdange ont connu 126 cas de COVID-19 du 15 septembre au 16 mars. Ce mois-ci, on dénombre sept cas.

sen. Wou mer och kënne praktesch Ate-liere maachen. Et gëtt genuch Méiglechkeeten, fir déi Saach auszebauen.

Déi zwee Leit, déi de Moment do schaffen, hu sech relativ gutt gemaach. Mir kucken an Zukunft och déi Parzellen ze notzen, déi mer a Frankräich kaf hunn, oder en Deel dovun. Kucken, fir dat nach e bëssen auszebauen.

Dee genaue Rapport kritt Der zougeschéckt. Da kënnt Der Iech e Bild dovu maachen. Et war eng gutt Iddi, déi mer sengerzäit do haten, mir alleguerten zesummen, fir biologeschen Ubau ze maachen. De But ass jo, dass mer alles, wat do recoltéiert gëtt, eise Maison-relaisen, eise Kichen zur Verfügung stellen, fir dass déi mat zertiféiert biologeschem Geméis kënne schaffen. Déi Relatioun tëschent de Käch an dem Maraîchage fonctionéiert exzellent. Dat ass just eng Informatioun, déi ech Iech wollt ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Den Här Aguiar, wannechgelift.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madame la Bourgmestre. Le 3 mars, nous avons signé une convention d'attribution du label Jugendinfo avec le Jugendtreff Déifferdeng. Il s'agit de mettre en valeur un service de qualité pour jeunes, qui respecte les caractéristiques et principes définis dans le compendium de l'information jeunesse Luxembourg et dans la charte européenne de l'information jeunesse.

Ce label a pour objectif de certifier la qualité de l'information délivrée aux jeunes, d'acquérir une reconnaissance auprès des jeunes, parents, professionnels et des instances politiques, de permettre aux usagers de repérer les structures d'information fiables qui ont les jeunes comme public, d'assurer une couverture territoriale décentralisée de l'information jeunesse, une mutualisation et une homogénéisation des compétences, depromouvoir et valoriser une information de qualité adaptée aux jeunes, de créer des multiplicateurs de

l'information jeunesse et d'assurer la coordination de l'information jeunesse au Luxembourg.

Il s'agit d'un label de qualité en matière d'information jeunesse qui répond à l'exigence de l'État de garantir aux jeunes leur droit d'accès à une information de qualité qui soit fiable, actuelle, accessible et impartiale.

C'est un pas très important pour la Ville de Differdange, pour notre service jeunesse, pour les maisons des jeunes et pour les jeunes, car ce label permet d'avoir la reconnaissance d'une structure information jeunesse de qualité en partenariat avec l'Agence nationale pour l'information des jeunes et ERYICA, l'European Youth Information and Counselling Agency, la valorisation de la structure et de son personnel et la reconnaissance d'une structure de l'information jeunesse de qualité par les jeunes.

Les avantages pour les jeunes : l'accès à une information de qualité qui est neutre, fiable, précise et compréhensible; l'accès à une structure labellisée qui dispose de différents canaux et sources d'information afin de soutenir les jeunes dans la recherche d'informations; le contact avec un personnel formé qui les accompagne pour prendre leurs propres décisions; la proximité d'une structure qui permet d'informer ou de guider les jeunes vers une autre structure spécialisée et la reconnaissance des structures où ils trouvent une information de qualité.

C'est une initiative de notre service jeunesse. Un grand merci à madame Pereira pour son engagement, ainsi qu'au Jugendtreff Déifferdeng et à son équipe éducative pour la collaboration qualitative et professionnelle. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. An ech hat eppes vergiess – gutt Traditione soll ee jo bäibehalen: Mir hunn an der Schoul pro Mount bis elo 126 Fäll gehat. Vum 15. September bis Stand gëscher, de 16. Mäerz. Dëse Mount hate mer siwe Fäll an eise Schoulen. Wollt ech just nach noschéissen.

2. Lommelshaff

Da kéinte mer zum zweete Punkt vum Ordre du jour kommen, Projets communaux. Ech géif ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Bertinelli huet nach eng Fro.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Pardon. Här Bertinelli, jo.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt zwou Froen umellen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Zwou Froen. Déi huele mer zum Schluss vun der Séance publique. Den Här Ruckert och eng.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech hunn och eng Fro unzemellen, jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et ass notéiert.

Da géife mer zum Punkt 2 vum Ordre du jour kommen. An ech géif direkt d'Wuert un den Här Ulveling weiderginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Buergermeeschter, Dir Damen, Dir Hären, et geet em eise Lommelshaff, dee mer e bैसे müssen an d'Rei setze fir Projeten en vue vun 2022. Dir hutt den Devis virleien, engersäits fir dee ganzen Accès ze securiséieren an och ze reparéieren, géif ech soen. D'Mauern, wéi d'Pilieren, wou d'Dieren dru sinn, müssen nei gemaach ginn. Dat wäert eng 24.000 Euro kaschten. Dee ganze Portail muss reparéiert ginn, nei geschweesst ginn, nei ugestrach ginn an esou weider.

Mir hu wëlles déi Garagé vir, wann Der erakommt, rietser Hand, dat sinn esou eng 40 m², dréchen ze kréien an als Depot respektiv als Mini-Büro mol kënnen ze benotzen, wa Saachen do stattfannen. Dofir hunn ech Iech och, do kommen ech nach drop zrëck, fir 2022 dee Projet hei dobäigeluecht, fir déi Installatioun ze maache vun deem – et ass eng Aart Zelt, mee do kommen ech nach drop zrëck.

Dee gréissten Deel vun deenen Aarbechte wäerte mer mat eisen eegene Servicer maachen, mam CID. Den Ustrach an esou weider. Dat eenzegt, wat mer net wäerte maachen, dat sinn d'Fënsteren. Den Aspect extérieur wëlle mer de Moment net changéieren, well mer jo mat Sites et Monuments musse kucken. A mir sinn och amgaang mat deenen ze kucken, déi Renovatioun, déi mer elo hei maachen.

Mee mir wëllen elo keng nei Fënsteren dramaachen, well mer net wëssen, wéi déi Fënstere wäerten ausgesinn, déi mer an de Rescht vum Gebai maachen. Soudass mer deem net virgräife respektiv eppes drasetzen, wat duerno erëm misst erausgeholl ginn. Mir maache just hannen esou eng Aart Fënster, fir dat ofzedichten, géif ech éischter soen. A mir loossen alles, wéi et elo ass vu baussen. Dat bleift alles sinn. Soudass dee gesamte Projet, d'Entrée plus déi Renovatioun vun deene Garagen, eng 70.000 Euro kaschte wäert.

Da wollt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir Iech e bैसे virzustellen, wat mer 2022 wëlles hunn. Ech wäert Iech och nach dee ganze Fichier zoukomme loossen, vun der leschter Assemblée générale vun 2022, wou Der genau gesitt, wat fir Projeten zu Déiferdeng geplangt sinn. Et feelen der zwee an der Opzielung, mee dann hutt Der eng Iwwersiicht, wat do geschitt oder wat do geschéie soll.

Mir wäerten e kleng Pavillon oprichten. Dee Pavillon ass demontabel. E kann duerno erëm op enger anerer Plaz verwent ginn. Op dëser Foto gesäit dat nach zeltaarteg aus. An Tëschenzäit gouf et liicht modifizéiert. Um leschte Blat vun de Pläng gesitt Der, wéi et elo ausgesäit. Dat huet den Avantage, dass een et duerno, wann een et erëm opricht, ka widder eng Face setzen an da besser ka benotzen. Firwat hu mer déi

TOM ULVELING (CSV) constate que monsieur Bertinelli souhaite poser une question.

FRED BERTINELLI (LSAP) annonce deux questions.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond qu'il pourra les poser à la fin de la séance publique.

ALI RUCKERT (KPL) a également une question.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) en prend note.

Elle passe au point 2 de l'ordre du jour.

TOM ULVELING (CSV) explique que le Lommelshaff doit être remis en état pour 2022. Le devis prévoit la réparation et la sécurisation de l'accès. Les murs et les piliers doivent être refaits. Le portail sera réparé et peint. Le devis pour ces travaux se monte à 24 000 €.

Les garages de quarante mètres carrés à la droite de l'entrée seront transformés en bureaux et en locaux de stockage. Une tente sera installée dans le cadre d'un projet de 2022. Le CID réalisera ces travaux à l'exception du remplacement des fenêtres. L'aspect extérieur ne sera pas modifié, car il faudrait l'autorisation de l'Administration des sites et monuments. Les fenêtres ne seront pas remplacées immédiatement, car leur choix dépendra de la façon dont sera réaménagé le reste de la ferme. En revanche, une sorte de fenêtre sera installée à l'arrière des garages pour les isoler. Les couts se chiffrent à 70 000 €.

En ce qui concerne les projets de 2022, Tom Ulveling enverra un dossier complet aux conseillers communaux. Il manque deux projets dans la liste dont ils disposent. La commune aménagera un petit pavillon démontable. Sur une des photos, il ressemble à une tente. Mais entretemps, il a été modifié pour en faciliter la réaffectation. En plus, la tente aurait été moins grande.

2. Lommelshaff

Sur les plans, les conseillers communaux peuvent voir où le pavillon sera installé en 2022. Après 2022, il sera démonté et déplacé au 1535° ou ailleurs. Le pavillon couvrira entre 80 000 € et 90 000 €.

La commune récupérera une partie des fonds.

Le pavillon sera monté en septembre. Deux ateliers par mois sur l'alimentation et la durabilité y seront organisés en collaboration avec le parc naturel d'Esch-sur-Sûre.

En juin 2022, une délégation de Kaunas occupera les lieux. Plusieurs événements auront lieu durant le mois en question — notamment un opéra en lituanien avec un chœur auquel peuvent participer des Litوانيens habitant au Luxembourg et la représentation d'une pièce de Renelde Pierlot.

Le pavillon peut servir de scène, d'atelier ou de salle.

Tom Ulveling précise que le devis d'aujourd'hui porte sur la rénovation de l'entrée et du garage.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *salue le fait que la rénovation du Lommelshaff commence enfin. Il est important que les citoyens voient que la commune ne laisse pas cette structure se dégrader.*

Les écologistes se réjouissent des activités qui y seront tenues et qui permettront aux citoyens de prendre connaissance des lieux. Actuellement, le Lommelshaff est fermé, mais les projets d'Esch2022 permettront aux gens d'y entrer et de découvrir son cachet.

ERNY MULLER (LSAP) *prendra position au nom du LSAP. Il est question de la remise en état de l'entrée du Lommelshaff. Le portail est la petite porte sont en piteux état. La structure en béton extérieure verra les piliers et les murs rénovés. Vingt-quatre-mille euros sont prévus.*

Pour ce qui est du garage, le collègue échevinal propose de remplacer les portes d'entrée et les fenêtres par des éléments en aluminium. Les couts se montent à 21 000 €.

Erny Muller rappelle que le Lommelshaff est classé par l'Administration des sites et monuments. L'avis du ministère est donc néces-

zeltaarteg Struktur net bäibehalen? Duerch hätte mer bannena relativ vill Plaz verluer.

Dir gesitt um Plang, wou dee Pavillon soll am Haff opgeriicht gi fir 2022. Wéi gesot, wann 2022 eriwwer ass, kann dee Pavillon erëm demontéiert ginn an eventuell am 1535° oder soss iergendwou erëm opgeriicht ginn. Dee kann een erëm weider benotzen. Dee Pavillon soll ëm 80.000, 90.000 Euro kaschten. Mir kréien awer een Deel vun de Suen iwwert de Projet erëm zréck.

Ech wollt nach soen, wat mer virgesinn hunn 2022. De Pavillon gëtt am August opgeriicht, an ab September wäerten zweemol am Mount Workshopen organiséiert ginn iwwer Ernährung an Nohaltekeet an Zesummenaarbecht mam Naturpark Esch/Sauer a mam Kichenatelier. Do gëtt iwwer Ernährung geschwat.

An am Juni 2022 ass eng Woch Residenz vu Kaunas. Do sollen dräi Performancë stattfannen. Eng Oper op Litauesch, mat engem Chouer, wou déi litauesch Matbierger, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, matmaache kënnen. Am Oktober ass de Mëttelpunkt, do wäert en Theaterstück opgefouert gi vum Renelde Pierlot. Et geet haaptsächlech ëm d'Erënnung un de Lommelshaff. Déi Struktur ka souwuel als Bün, wéi als Workshop, wéi als Atelier, wéi als normale Sall funktionéieren. Et ass een Invest, dee mer, wéi ech virdru schonn erkläert hunn, spéider nach op anere Plaze benotze kënnen. Dat zur Informatioun.

Et geet am Devis haut, iwwert dee mer ofstëmmen, ëm d'Renovatioun vun der Entrée plus dem Garage. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Gudde Moien alleguerten. Mir als Gréng begrëssen, dass mer elo endlech an d'Gäng komme mat där Renovatioun. Och fir d'Bierger ass et flott ze

gesinn, dass eppes geschitt, dass de Site net weider degradéiert. Heiansdo gëtt een drop ugeschwat: „Wéini geet dann eppes lass?“, „Wéini geschitt eppes?“ D'Erklärungen hu mer haut de Moie kritt, dass déi éischt Preparativen elo ulafen, fir Esch 2022, fir do eng Aktivitéit ze maachen.

Mir begrëssen, dass op deem Site eng Aktivitéit virgesinn ass. Dat ass eng flott Geleeënheet fir eis Bierger, dat dann och kennenzeléieren. Well eng Partie Leit géife gären do eragoen. Am Moment ass zou. Wat jo och verständlech ass. Dee Projet mat Esch 2022 wäert ville Leit d'Méiglechkeet ginn, zumindest mol bis an den Haff eranze kommen an dee Cachet vum Bannenhaff ze erliewen. Dat fanne mer ganz flott.

Mir wäerten dësen Devis natierlech stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleginnen a Kollegen, am Numm vun der LSAP huelen ech Stellung zum Devis Lommelshaff, deen eis haut virläit, an dee vum Här Ulveling erkläert gouf. Dat heescht d'Instandsetzung vun der Entrée, wou d'Bleche vum Haaptportal an och där klenger Dier an engem ganz schlechten Zoustand sinn. An och déi bause Bëttonsstruktur, wou Pilieren erneiert ginn an de Beworf vun de Maueren an och Ofdeckplacken ersat ginn. Heifir si 24.000 Euro virgesinn.

Deen zweete Punkt betrëfft déi sougenannte Garage. Hei sollen zwou hëlzen Entréedieren an d'Fënsteren ersat ginn duerch eng Aluminiumausféierung. Käschtpunkt: 21.000 Euro.

Mir hu Follgendes ze soe respektiv Froen ze stellen. Den Här Ulveling ass schonn drop agaang. De Lommelshaff ass een iwwer Sites et Monuments klasséierte Patrimoine. Heifir ass et néideg, den Avis vum Ministère anzehue-

2. Lommelshaff

len, wat d’Gestaltung an d’Materialauswiel ubelaangt, speziell wat de baussechten Aspekt ubelaangt, dee sech jo muss harmonesch an déi spéider Restauratioun vun den Haaptgebaier uleenen.

Eis Fro: Ass Sites et Monuments mat dëser Deel-Renovatioun befaasst ginn? Soss riskéiere mer, dat Ganzt spéider erëm mussen ëmzeänneren. Dir hutt gesot, Dir hätt d’Fënsteren dofir scho mol ewechgelooss. Mee och déi Diere kéinte Bestand si vun där Diskussioun mat Sites et Monuments. Et sollen hei Büron entstoën. Eis Fro: A wat fir engem Kader, respektiv Personal ginn dës Büroe benotzt? D’Büroe solle vum Gemengepersonal, CID, amenagéiert ginn. Käschtepunkt: 14.110 Euro. Dee gesamte Käschtepunkt beleeft sech op 70.000 Euro.

D’LSAP ënnerstëtzt dëse Projet. Mir hätten awer nach Froen am Zesammenhang mam Projet vun der Renovatioun vum ganze Lommelshaff. Wou ass dëse Projet drun?

Erlaabt mer nach op deen zweeten Dossier kuerz anzegoen. Lommelshaff a Relatioun mat Esch 2022. Am Libellé vum Ordre du jour geet rieds vu Présentation de la structure provisoire à mettre en place dans le cadre d’Esch 2022. Et ass e Pavillon mat enger Surface au sol vun 80 m² – wann dat dann och esou ass, dat soll sech nach änneren – a wou sech kënnen maximum 50 Persounen ophalen. Viraussiichtleche Käschtepunkt, dee mer konnten erkennen, ass 87.800 Euro. Dëse steet haut, wéi Der gesot hutt, net direkt zum Vott. Mee mir si jo awer domadder konfrontéiert ginn, fir dëse Projet sécherlech och ofzeseenen oder deem zouzestëmmen oder net.

Derniewent läit nach en Devis vun 29.900 Euro vun eise Responsabele vun Esch 2022 vir. Dat ass jo vill manner. Wat fir een Devis ass valabel? Oder ass dat mol eng éischt Rechnung, déi an deem Kader soll oder muss bezuelt ginn?

Eis Meenung heizou: Mir vermessen nach ëmmer e Gesamtkonzept fir Esch 2022, wat d’Stad Déifferdeng ubelaangt. Mir fannen dës Aktioun, vis-à-vis vun engem ugekënnegte Projet Renovatioun Lommelshaff, fir et mol léif

auszedrécken, e bësse schappeg. Hei gëtt just an den Aussenhaff e kleng Pavillon opgeriicht a gëtt elo als Projet Lommelshaff verkaaft. Mir hätten eis méi Initiativ vum Schäfferot erwaart a Richtung Renovatioun op d’mannst vun de fréiere Ställ vum Lommelshaff. Hei hätten eng ganz Partie Manifestatiounen am Indoor kënnen stattfannen. An dat och fir d’Zukunft, dat heescht nohalteg.

Et heescht, dëse Pavillon kéint dann och nach fir aner Organisatiounen wéi Chrëschtmaart an därgläiche benotzt ginn. Et feelt nach ëmmer ganz einfach d’Visioun vun enger nohalteger Politik betreffend der Kulturhaaptstad. Mir hu wuel déi véier Haiser op der Place Saintignon zu Lasauvage am Kader vum Tourismus a Red-Rock-Trail, wat jo och schonn eng gutt Saach ass. Dir hutt elo gesot, mir géifen nach eppes kréie betreffend déi ganz Projeten, wat Déifferdeng ubelaangt. Eiser Meenung no hätt nach vill méi kënnen a musse gemaach ginn.

Trotz deem Bedauern, dass d’Entwécklung ëm de Lommelshaff fir eis net wäit genuch geet, wat eng verpasste Geleeënheet ass, ënnerstëtze mir d’Initiativ vun der provisoirescher Struktur Pavillon Lommelshaff.

Ofschléissend, nach eng Kéier eis Forderung, dem Gemengerot en Tablo virzeleeën, wou d’Aktiounen an d’Budgetiséierung vun Esch 2022 betreffend d’Gemeng Déifferdeng opgelëscht sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, mir begrëssen et, dass endlech emol de Lommelshaff och eng Kéier Theema hei ass. Och wann et nëmme fir e kleng Projet, am Kader vun der Europäescher Kulturhaaptstad Esch 2022, ass. Dee ganze Komplex ass an engem ganz schlechten Zoustand. Schéi gesäit et sécherlech momentan net do aus. Et gëtt héich Zäit, dass eng

saire pour ce qui est du choix du matériel et de l’aménagement.

L’Administration des sites et monuments a-t-elle été consultée? Autrement, la commune risque de devoir recommencer les travaux.

Monsieur Ulveling a dit avoir laissé de côté les fenêtres. Mais les portes doivent aussi faire partie de la discussion avec l’Administration des sites et monuments. Les bureaux seront aménagés par le CID pour 14 110 €. À qui ces bureaux sont-ils destinés?

Le devis total se chiffre à 70 000 €. Les socialistes soutiennent le projet, mais voudraient savoir où en est le projet de rénovation de tout le Lommelshaff.

Le libellé de l’ordre du jour parle de la présentation de la structure provisoire à mettre en place dans le cadre d’Esch2022. Le pavillon aura une surface de 80 m² et pourra accueillir un maximum de 50 personnes. Le devis se monte à 87 800 €, mais il ne sera pas soumis au vote aujourd’hui.

Le responsable d’Esch 2022 a, quant à lui, préparé un devis de 29 900 €. Lequel des deux devis est le bon? Ou bien s’agit-il d’une première facture?

Erny Muller regrette l’absence d’un concept global pour Esch2022. Il trouve le projet de rénovation du Lommelshaff quelque peu minable. Le collège échevinal aurait au moins pu prévoir la rénovation des anciennes étables.

Le pavillon pourra être utilisé plus tard pour d’autres manifestations comme le Marché de Noël. Mais il manque une vision politique durable concernant Esch2022. Les conseillers communaux sont au courant des quatre maisons de la place Saintignon à Lasauvage. Monsieur Ulveling a annoncé des informations concernant les autres projets. Mais tout cela ne va pas assez loin.

Malgré tout, le LSAP soutient l’aménagement d’une structure provisoire au Lommelshaff. Erny Muller demande un tableau des actions liées à Esch2022 ainsi que le budget pour l’événement.

FRANÇOIS MEISCH (DP) salue la discussion sur le Lommelshaff même s’il ne s’agit que d’une petite partie

2. Lommelshaff

d'Esch2022. Le complexe est en pitieux état. Il est grand temps que la commune décide de l'affectation définitive du Lommelshaff. Le DP approuvera le devis relatif aux réparations.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) trouve également qu'il manque un concept global pour Esch2022 et pour le futur du Lommelshaff. Le collège échevinal aurait pu utiliser davantage d'éléments du Lommelshaff pour 2022. Eric Weirich suppose cependant que le collège échevinal a ses raisons.

Il apprécie le projet du pavillon. Il était temps que les premiers travaux au Lommelshaff soient entrepris et qu'ils soient réalisés par le personnel communal. Le pavillon constitue une belle structure pouvant être utilisée plus tard pour d'autres événements.

Eric Weirich salue le fait que l'atelier dont a parlé monsieur Ulveling concerne l'alimentation et le développement durable. Il se réjouit de l'échange avec la ville partenaire de Kaunas.

Ce chantier participatif permettra aux citoyens de s'approprier le projet d'Esch2022.

Déi Léink approuvera le pavillon.

ALI RUCKERT (KPL) soutient lui aussi le projet de pavillon. Mais il s'agira d'une structure temporaire qui sera démontée par la suite.

Le projet du Lommelshaff a été entamé il y a une éternité. Il a été question de nombreux projets, mais aucun n'a été réalisé.

Le morceau présenté aujourd'hui est provisoire. Qu'en est-il du projet complet? Va-t-il être présenté en une fois ou en plusieurs? Les constructions classées ne s'améliorent pas avec le temps en général. Dans cinq ou dix ans, il n'y aura sans doute plus grand-chose à faire. Existe-t-il un concept? Si oui, quel est le calendrier?

GUY TEMPELS (CSV) a l'impression que les conseillers communaux mélangent deux éléments qui devraient être séparés.

definitiv Verwendung fir dee Site decider gëtt an net einfach alles broochleie bleift, wéi dat de Moment de Fall ass.

Dësen Devis fir déi puer Fléckaarbechten en vue vum Projet am Kader vun Esch 2022, stëmme mir awer, en attendant, mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech géif mech ganz banal menge Virriedner vun der DP an der LSAP uschléissen, dass mir och e bëssen e Gesamtkonzept feelt souwuel fir Esch 2022 wéi och fir d'Zukunft vum Lommelshaff selwer. Et wär effektiv eng flott Geleeënheet gewiescht, fir e Gesamtkonzept vum Lommelshaff a méi Dealer vum Lommelshaff ze benotzen am Kader vun Esch 2022. Mee et gëtt sécherlech Grënn, firwat dat nach net de Fall ass.

De Projet selwer vum Pavillon fannen ech immens flott. Zemools d'Renovatiounsarbechten, déi elo virgesi sinn, dass effektiv emol eppes um Site Lommelshaff geschitt an och, dass do e gudde Deel vun eise Gemeengepersonal selwer iwwerholl gëtt, an Egeregie. Dat ass natierlech flott. Och de Pavillon selwer, fannen ech eng immens flott Struktur. Zemools dass een en duerno ka weider benotzen am Kader vun aneren Evenementer.

An ech fannen et och flott, dass de Schwéierpunkt an deem Workshop, deen den Här Ulveling ernimmt huet, op Ernährung an Nohaltegkeet baséiert. Dat passt natierlech zu deem, wat e vir d'Umgestaltung huet, zum Geméisubau um Terrain vun der Gemeng Déifferdeng. Och, dass et en Echange gëtt mat der Partnerstad aus dem Kaunas. An och, dass ee Chantier participatif virgesinn ass. Wat natierlech de Biergerinnen a Bierger erméiglecht, sech de Projet Esch 2022 ze appropriéieren, do aktiv matzemaachen.

Alles positiv Elementer. Dowéinst stëmmen ech dat och fir déi Léink mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Verrieder vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech dee Pavillon ënnerstëtzen, deen opgeriicht gëtt. Dat ass awer eppes Temporäres, wann ech dat richteg verstanen hunn. Dee gëtt erëm ewechgeholl.

Elo wësse mer awer alleguer, dass dee Projet Lommelshaff schonn eng onendlech Geschicht ass, wa mer an d'Vergaangenheet zrëckkucken. Wou all méiglech Projekte scho geplangt waren a wou kee realiséiert ginn ass. An ech hätt d'Fro: Hei kréie mer elo e klenge Stéck, eppes Provisoresches, heihinner geluecht, dat elo realiséiert gëtt. Mee wat de Gesamtprojet ugeet, gëtt dat elo stéckelchersweis presentéiert hei oder gëtt e Gesamtprojet virgeluecht? An a wat fir engem Zäitraum? Well wann een esou ee Gebai huet, oder Gebai huet, déi klasséiert sinn, dann ass dat jo net esou, wéi wann déi Bausubstanz mat de Jore géif besser ginn. A wa sech dat nach fënnf oder zéng Joer laang zitt, dann ass warscheinlech net méi vill do ze maachen. Dofir meng Fro: Gëtt un engem Konzept geschafft? An a wat fir engem zäitleche Raum gëtt dat realiséiert?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, hei verwiessele mer vläicht zwou Saachen oder hei ginn zwou Saache matenee vermëscht, déi mer vläicht misste vuneneen trennen.

2. Lommelshaff

Et ass wichteg, dass mer, am Kader vun deem ganze Projet Esch 2022, ufänken, eppes ze maachen, dass déi Entrée erëm a Stand gesat gëtt. De Projet Lommelshaff, doriwwer musse sech wierklech nach vill Gedanke gemaach ginn, dass mer e Projet op d'Bee kënnen setzen, dee Kapp a Fouss huet. An dat muss esou séier wéi méiglech geschéien.

Wat dee Pavillon hei vun Esch 2022 ugeet, fanne mir dat eng flott Saach. Et ass e bësse schued: Vum Komitee vun Esch 2022 war gefrot ginn, Esch 2022 ëm ee Joer ze verréckelen oder duerch d'Pandemie dat kéinten no hannen ze versetzen, well vläicht d'Leit net esou wäerte kënnen kommen oder reesen, wéi se sech dat wënschen. Dat ass natierlech schued.

Mir hoffen trotzdeem, dass dat Ganzt e flotte Projet gëtt. A mir stëmmen dat mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Ech ginn d'Wuert dann un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech sinn zweemol ugesprach ginn. Eng Kéier als Bauteschäffen, eng Kéier als Kulturschäffen an eng Kéier als Vizepräsident vun Esch 2022. Ech wëll soen, dee Büro, dat gouf falsch verstanen. E Büro, fir mech, dat ass ee Pult. Et gëtt elo kee Büro, wou dauernd iergendwéi ee soll do schaffen. Dat ass ee Pult, deen dohinnergestallt gëtt, wa mol eng Kéier eng Manifestatioun do ass, dass ee sech kann dohinner setzen an Notten huelen oder Saachen opschreien, wat weess ech. Et ass haapt-sächlech esou geduecht. An och eventuell fir Artisten, dass déi sech kéinten do un- an ausdinn. Respektiv och mol e Stockage ze maachen, wann een aner Saache mécht. Dat, fir dat emol kloerzestellen.

Dann huet den Här Muller, an nach e puer aner Leit, gefrot: Wou si mer dru mam Projet Esch 2022? Je ne vous cache pas, datt ech mech och net ganz wuel a menger Haut fillen, well ech gesinn, dass dat net esou richtig en Driff do kritt. Wann ee weess – Dir hutt dat

jo matkritt, d'Poleemik, déi elo ass mat den Artisten. Also et huet ganz liicht ëmmer gedrépelt esou, wat fir ee Projet da géif ugeholl ginn an ënner wat fir Konditiounen vun Esch 2022. Da musse déi Leit, wa se de Projet bis vun Esch 2022 autoriséiert kritt hunn, sech jo nach un eng Gemeng wenden, fir ze froen: Kënnt Dir eis dee Projet do maachen? A wéi vill gitt Der eis bäi? Dat hat scho geschleef.

An elo si mer da souwäit, dass mer praktesch all d'Projeten hunn, mee et huet nach keen e Kontrakt vun deenen Artisten. An do ass eng riseg Poleemik entstanen, well déi Kontrakter, déi Esch 2022 virgeschloen hat, vun den Artisten net akzeptéiert goufen. Wat ech och deelweis verstinn, well d'Artiste praktesch, kann ee soen, ënner Tutelle gestallt wiere ginn. An déi hunn du gesot, dass se mat deem Kontrakt net averstane wäeren. Soudass d'Ronn elo erëm weidergeet. An elo gëtt dann een neie Kontrakt ausgeschafft. Soudass mer effektiv e bëssen, hunn ech d'Impressioun, der Zäit hannendru rennen.

Dir wësst jo och, dass d'Personal relativ vill gewiesselt huet, aus Grënn, déi deelweis nozevollzéie sinn, deelweis weess een net, firwat dat esou geschitt ass. Mee egal. Ech hoffen, dass mer wierklech awer elo dee richtige Gank amachen a virukommen.

Mir hunn och als Gemeng Déifferdeng eng Kéier eng Presentatioun vun all deene Projekte virgesinn, wou mer der Populatioun genau explizéiere wäerten, wat wou a wéini soll virkommen. Mee mir wäerten dat awer elo net direkt maachen, well dann ass et erëm vergiess. Dat heescht, dat wäert September, Oktober fréistens sinn, wou mer dat kéinte maachen.

Et ass richtig, wat Der gesot hutt, d'Damoklesschwäert vun der Pandemie hängkt nach ëmmer driwwer. Mee et ass eis gesot ginn, d'Europäesch Kommissioun wär strikt dergéint, fir nach eppes um Datum ze änneren. Et géif also stattfannen. Ech hoffe just, dass een déi Saach ka maache fir ee groussen, e large Publikum. An net, dass mer nëmmen däerfen 20, 30 Leit op all Manifestatioun, déi mer maachen, empfänken. Déi jo awer eis Gemeng wäerte relativ vill Sue kaschten, well mer jo awer bal ëm déi zwou Milliounen wäerten inve-

Il est important de remettre en état l'entrée à temps pour 2022. Mais pour le Lommelshaff dans son ensemble. Les réflexions doivent se poursuivre pour mettre en place un projet bien ficelé. Il est évident qu'il faudra procéder aussi vite que possible.

Les chrétiens sociaux apprécient le pavillon pour Esch2022. Le comité d'Esch2022 avait demandé de repousser l'événement d'un an à cause de la pandémie, car beaucoup de gens ne pourront peut-être pas voyager. C'est dommage.

Guy Tempels espère malgré tout que le projet sera réussi.

TOM ULVELING (CSV) a été interpellé dans sa fonction d'échevin aux bâtisses, d'échevin à la culture et de vice-président d'Esch2022.

Le bureau dont il a parlé faisait référence à un meuble et non à un local où quelqu'un travaillerait en permanence. On pourra s'y assoir et prendre des notes par exemple. Les artistes pourront utiliser les locaux pour se préparer ou pour y stocker du matériel.

Monsieur Muller a demandé où en était le projet d'Esch2022. Tom Ulveling avoue ne pas être entièrement rassuré non plus. Il a fallu beaucoup de temps pour valider les projets. Une fois leurs projets validés, les candidats ont dû s'adresser à la commune pour obtenir une aide. Entretemps, la plupart des projets sont connus, mais aucun artiste ne dispose d'un contrat. En effet, les artistes ont refusé ceux proposés par Esch2022, car ils les mettaient sous tutelle. Un nouveau contrat est en train d'être réalisé. Tom Ulveling a l'impression que c'est une course contre le temps.

Il y a eu pas mal de changements aussi en ce qui concerne le personnel. Certains peuvent se comprendre, d'autres sont plus mystérieux. Il faut espérer que les choses avancent dans la bonne direction.

Le collège échevinal a aussi prévu une présentation publique de tous les projets, mais en septembre ou en octobre.

Il a été question de la pandémie, mais la Commission européenne est absolument contraire à un changement de la date. Il reste à espérer que les manifestations pourront ac-

2. Lommelshaff

cueillir plus de vingt ou trente spectateurs. La commune va investir 1,2 million d'euros — et même 2 millions d'euros si on y ajoute le gîte d'étape, qui ne concerne pas exclusivement Esch2022.

Le projet du Lommelshaff pose effectivement problème. Le collège échevinal présentera un concept global dans quelques mois. Toutes les décisions devront être prises en concertation avec l'Administration des sites et monuments.

Le collège échevinal a effectivement changé plusieurs fois d'avis, mais le projet final devrait malgré tout aller dans le sens de l'alimentaire.

Ce qui est sûr, c'est que les travaux couteront extrêmement cher et qu'il faudra en tenir compte. En attendant, le site a été sécurisé et amélioré pour s'assurer que l'état du bâti n'empire pas au cours des prochaines années.

Le ministre de l'Éducation nationale a suggéré qu'il financerait un projet de maison relais ou d'école de la cuisine dans le Lommelshaff. Mais tous ces projets sont encore à l'état d'idées. Le collège échevinal veillera à ce que le projet soit bien ficelé et qu'il soit accessible au public.

Pour ce qui est des étables, monsieur Muller sait pertinemment qu'elles sont basses et que la tête touche le plafond. En plus, pour y organiser des événements, il faudrait prévoir des toilettes, des sorties de secours...

Le collège échevinal est conscient qu'il faut réaliser un beau projet. Il sait dans quelle direction aller. Mais les détails ne sont pas encore connus.

Tom Ulveling espère avoir répondu à toutes les questions.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
précise que le Lommelshaff tient à cœur au collège échevinal. Elle sait pertinemment qu'il faut agir pour qu'il ne tombe pas en ruines.

Le collège échevinal réfléchit dans toutes les directions. Ce qui importe, c'est de ne pas aller à la lavite, mais de réaliser un projet destiné à un maximum de gens.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch précise qu'en l'absence d'un concept, la

stéieren oder wëllen investéieren – quitte dass een Deel vun deem Gîte d'étape jo eppes ass, wat bleift. Mee dann investéiere mer nach ëmmer gutt 1,2 Milliounen, dass dat e Succès gëtt.

De Projet Lommelshaff ass ugeschwat ginn. Ech ginn Iech ganz Recht. Do hu mer e puer Problemer. Éischtens de Problem, mir schaffen un engem Gesamtkonzept, dat ass richtig. Dat wäerte mer Iech och virstellen, dat wäert awer nach e puer Méint daueren. Mir sinn do zesumme mat Sites et Monuments an engem Boot. Dat heescht, mir müssen alles mat hinnen ofschwätzen. Mir hunn e puer Ronne scho gedréit. Mir haten och schonn och e puermol, muss ee soen, eis Meenung geännert, mee wat am Fong ëmmer nach driwwer steet, et schéngt awer a Richtung vun Alimentaire ze goen.

Mir hunn och Kontakt opgehol. Dat gëtt e Projet, deen extreem deier gëtt. D'Madamm Buergermeeschter hat elo virdru gesot, mir müssen am Kader vun, souzesoe Spuermoossnamen, kucken, wéi mer alles dat, wat mer gären hätten, realiséiert kréien. Dee ganze Bau hu mer securiséiert. A mir hunn en och esou gemaach, dass mer kee weidere Schued soll kënnen an deenen nächste Jore kréien. Alles ass ofgedicht ginn.

Mir hunn eventuell och eng Pist, wou mer nach mam Educationminister musse schwätzen, deen eis suggeréiert huet, dass en eis eventuell kéint do hëllef mat Subsiden, wa mer géifen eng Aart Maison relais oder eng Schoul, eng Iess-Schoul maachen. Wéi mer eng Naturschoul hunn, kéinte mer eng Iess-Schoul maachen. Mee dat sinn alles Projeten, wéi gesot, do si mer nach um Denken. A mir müssen dat eent mat deem anere verbannen. Mer wäerte kucken, e Projet ze maachen, dee Kapp a Fouss huet. Deen awer och fir dee grouse Public wäert op sinn. Dass et net nëmmen d'Schoule sinn. Mee et wäerte sécher mindestens zwou Fonctionen do erakommen.

Dann d'Iddi vum Här Muller, dee sot, et hätt ee sollen d'Ställ renovéieren an indoor hätt ee kéinten do eppes maachen. Ech wëll Iech just soen, Här Muller, déi Ställ sinn net ganz héich. Do hutt Der d'Decken, déi Iech op de Kapp fält. Dat ass emol deen ee Problem. Deen anere Problem ass natierlech,

wann een ufänkt un esou eng Struktur ze goen, da muss ee jo kucken, Toiletten dohin ze kréien, et muss ee kucken, wann een do wëllt riseg Saachen organiséieren, muss ee kucke mat Noutausgang an esou weider. Soudass dat awer relativ komplizéiert ass.

Summa summarum, kann ech soen, mir sinn eis scho bewosst, dass mer aus dem Lommelshaff müssen ee flotte Projet maachen. Bis elo si mer nach net honnertprozenteg sécher. D'Richtung wësse mer. Mee wéi et genau soll aussinn a wat nach zousätzlech soll kommen, dat wësse mer net genau. Mee dat wäerte mer natierlech, en temps utile, Iech virstellen. Dat ass ganz kloer.

Ech hoffen, dass ech elo op all Fro géintwert hunn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech erlabe mer, drunzehänken, dass dem Schäfferot dee Projet Lommelshaff wierklech um Häerz läit. Mir sinn eis bewosst, dass den Zoustand vun der Substanz, dass do eppes muss gemaach ginn, fir dass dat net weider verfält.

Op där anerer Säit kann ech awer soen, dass mer op de Projet vun där flotter Struktur ëngeswicht hunn. Wou dann natierlech manner Leit kënnen kommen, well mer nach kee Konzept hunn. A mir erlabe eis als Schäfferot wierklech, an all Richtungen ze denken, wat ka méiglech sinn. Et ass mir net wichtig, dat iwwert de Knéi ze brieche, fir einfach ze soen, mir hunn elo eppes mam Lommelshaff gemaach. Mee, fir dass mer eppes kënnen maachen, wou wierklech e groussen Deel vun de Leit vun Déifferdeng eppes dovunner huet.

(Ënnerbriechung)

An dass et – merci, Här Ulveling – en nohaltege Projet geet. A firwat hu mer déi Struktur bestallt? Well et net méiglech ass, vu dass mer kee fest Konzept hunn an nach ëmmer amgang sinn ze taaschen, wou mer elo higinn, dierfe mir et net opmaache fir de Public. Well d'ITM géif eis dat net erlaben.

3. Actes et conventions

A mir kënn jo net eppes fir deier Suen ITM-konform maachen, wa mer net wëssen, firwat d'Raim herno gebraucht ginn. Dat ass d'Erklärung, firwat déi Struktur am Haff ass. A fir de Lommelshaff de Leit awer zougängelech ze maachen, wann och a méi enger klenger, minimalistescher Form. Mee wat den Här Liesch gesot huet, da kommen d'Leit awer dohinner. Mir hunn d'Méiglechkeet, den Aspect vun der Substanz, eeben déi Paart an déi Mauer ze renovéieren. An un dat anert gi mer erun, wa mer de Wee bis fonnt hunn, wat mer gäre mat deem grouse Gebai wëlle maachen. An et geet drëm, fir et wierklech esou ze maachen, dass alleguer d'Bierger, e groussen Deel vun de Bierger, eppes dovunner huet. Dat sinn d'Erklärungen, firwat dat elo esou laang dauert. Merci.

Jo, Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech hu vergiess ze soen, mir haten och Projete mat Restauranten, Caféen an esou weider. Mee duerch d'Pandemieszäiten, wéi se elo sinn, ass et e Risiko, fir elo ze soen, mir ginn op déi Schinn. Et ass effektiv net esou ganz einfach, fir sech festzeleeën, à ce stade.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wann Der averstane sidd, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la remise en état de l'accès à la cour et l'aménagement de deux bureaux au Lommelshaff.

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 3b. Do geet et ëm eng Superficie totale vun zwee Zentiar, vun 2 m², déi d'Gemeng Déifferdeng geschenkt kritt um Lieu-dit „Rue de Soleuvre“ zu Uewerkuer. Ech denken, wann et dozou keng Wuertmeldung gött, kënnen mer direkt zum Vott iwwergoen. Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de cession gratuite d'une parcelle d'une superficie totale de deux centiares au lieudit rue de Soleuvre à Oberkorn.

Villmools merci. Am Punkt 3c geet et ëm Waassergainen, déi op CFL-Terrain lafen. Wat mer d'lescht Joer gemaach hunn. Ech ginn dem Här Ulveling dofir d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et sinn dräi Konventiounen mat der CFL. Dir hutt vläicht festgestallt, dass eng vun 2017 datéiert. Dat si Saachen, déi scho laang gemaach sinn. D'leschte Kéier hate mer een Dossier hei, wou mer schonn en Dekont gemaach hunn. Mee mir musen dat awer formaliséieren. Dat heescht, et geet drëms, dass mir als Gemeng Déifferdeng gefrot hunn, fir ënnert d'Schinnen oder ënner Ouvragen, déi si gebaut hunn, elektresch Leitunge fir den Éclairage public, Waasser a Kanal ze leeën an och nach eidel Gainen ze leeën, fir wann een eng Kéier eppes muss zousätzlech derduerch gezu ginn.

Jeeweils fir all Dossier ass eng Kéier eng Frais d'instruction vu 600 Euro ze bezuelen. An da musse mer nach all Joer eng Redevance bezuelen. Eng Redevance, dat ass déi fir d'Suppressioun vum PN14 a PN13. Dat ass zu Uewerkuer. Do musse mer all Joer 275 Euro bezuelen. Dat anert ass de Kanal ënnert de Schinnen, Péiteng, Esch, beim Kierfecht zu Uewerkuer. Do hate mer jo d'leschte Kéier hei rieds, wou mer den Dekont gemaach haten. Dat ass fir 25 Euro d'Joer.

An dat Drëtt ass zu Déifferdeng, hannert der Bréck, wou mer ënnert d'Schinne gefuer sinn. Praktesch op der Héicht vun der Gare, e bëssen erop, si mer ënnert d'Schinne gefuer. Dat kascht och nach eng Kéier 25 Euro. Dëse Projet ass ab Januar 2019 ze bezuelen.

Dat Éischt wat ech genannt hat, de PN14 a PN13, dat ass retroaktiv ab 2017 ze bezuelen.

structure ne peut pas être ouverte au public. L'Inspection du travail et des mines ne le permet pas. Le collège échevinal ne peut pas non plus mettre en conformité le Lommels-haff sans savoir à quoi il servira. La bourgmestre rappelle que le portail et les murs seront rénovés. Le reste suivra une fois que le collège échevinal saura quoi faire. C'est qui explique que le projet a pris autant de temps.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que le collège échevinal a aussi réfléchi à des projets comme des restaurants ou des cafés. Mais compte tenu de la pandémie, c'est difficile. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au point 3 b. Il est question d'une parcelle de deux mètres carrés que la commune reçoit dans la rue de Soleuvre à Oberkorn. (Vote) Christiane Brassel-Rausch passe à des gaines d'eau sur un terrain des CFL.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il est question de trois conventions avec la CFL.

La première date de 2017. Le conseil communal en a approuvé le décompte la dernière fois. La commune a demandé aux CFL d'installer des gaines électriques, des conduites d'eau et des gaines vides sous la voie ferrée et d'autres ouvrages des CFL. Pour chaque dossier, les frais d'instruction se montent à 600 €.

La commune doit aussi payer une redevance annuelle de 275 € pour la suppression des PN 13 et PN 14. La convention suivante concerne le canal sous la ligne de chemin de fer Pétange-Esch près du cimetière d'Oberkorn. Le décompte est de 25 € annuels.

La troisième convention concerne Differdange, derrière le pont à hauteur de la gare. Les frais se montent à 25 € à partir de janvier 2019.

3. Actes et conventions

Tom Ulveling constate que ces contrats n'ont rien d'extraordinaire et ironise sur la vitesse à laquelle travaillent certaines administrations.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé à une convention avec le Club Senior Prënzebiërg.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)
lui signale qu'elle a oublié la mBox.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
s'excuse et cède la parole à madame Pregno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *explique qu'il s'agit d'une convention entre les CFL et la Ville de Differdange pour une mBox à l'arrêt de Niederkorn au coin de la rue Pierre-Gansen et de la rue des Trévires. Les mBox permettent aux cyclistes de stocker leurs vélos sans avoir peur qu'on les vole. Laura Pregno espère que cela facilitera le passage aux transports en commun.*

Les mBox ont une emprise de 41 m² et sur surface de 18 m² à 19 m².

La commune s'occupera de l'entretien des alentours, les CFL de ce qui se trouve dans la mBox et le Verkéiersbond de la gestion quotidienne. L'accès se fait par mKaart.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *rappelle qu'il y a trente mBox dans le pays. À Differdange, il en manquait une à Niederkorn.*

Les mBox permettent de stocker son vélo en toute sécurité pour prendre ensuite le train.

Et ass näischt Opreegendes, dat Ganzt. Mee et gesäit een, wéi schnell verschidden Administratioune schaffen. Dass een, après coup, esou Kontrakter kritt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Wann et dozou keng Wuertmeldung gëtt, géife mer och hei direkt zum Vott kommen. Et ass éischter en techneschen Dossier. Villmools merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'autorisation domaniale signée avec l'État et les CFL pour la pose et l'exploitation d'une canalisation sous le domaine ferroviaire au P.K. 05,572 à Differdange.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'autorisation domaniale signée avec l'État et les CFL pour la pose et l'exploitation d'une canalisation sous le domaine ferroviaire au P.K. 3,915-3,933 à Differdange.

Villmools merci. Am Punkt 3e geet et ëm eng Konventioun fir 2021 mam Club Senior Prënzebiërg.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Du hues d'mBox vergiess.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Pardon, elo war ech ze séier. Madamm Pregno, da géif ech d'Wuert direkt un Iech ginn.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Gudde Moie vu menger Sait. Et geet hei ëm eng Konventioun tëscht der CFL an der Stad Déifferdeng fir eng mBox, wéi mer se jo schonn op

anere Plazen an der Gemeng kennen. Hei ass eng fir den Arrêt Nidderkuer um Eck vun der Rue Pierre Gansen an der Rue des Trévires. Déi mBoxe si geduecht, dass ee ka säi Vëlo, wann ee mam Vëlo op en Zucharrêt fiert, do ka sécher ënnerstellen, fir dass een net muss Angscht hunn, dass e vläicht am Laf vum Dag geklaut oder futti gemaach gëtt. Domadder erhoffe mer eis, dass de Switch vun aktiver Mobilitéit an Transport public e bësse méi einfach gestalt gëtt. An d'Leit wierklech méi drop zrëckgräifen.

Dir hutt d'Pläng dobäileien, wéi grouss déi mBox ass. Am Ganzen huet se eng Emprise vun 41 m². D'mBox selwer huet eng 18-19 m².

An der Konventioun ass och festgehalten, wie sech ëm wat këmmert. D'Gemeng këmmert sech ëm den Entretien ronderëm d'mBox, d'CFL ëm alles, wat an der mBox ass, an de Verkéiersbond ëm déi deeglech Gestéioun vun dëser mBox.

Den Accès: wéi ëmmer mat der mKaart.

Wann nach Froen dozou sinn, mee ech denken, et ass eppes, wat Der kennt. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Hei geet et drëm, op Gemengenterrain eng mBox ze installéieren. Et gëtt der eng 30 am Land. An der Gemeng Déifferdeng huet déi Nidderkuerer nach gefeelt.

An der mBox kann ee säi Vëlo sécher an dréchen ofstellen an dann, zum Beispill, mam Zuch op d'Aarbecht fueren an owes nees mam Vëlo bis bei d'Hausdier zrëck.

Ech wëll vun hei aus nach eemol drop opmierksam maachen, dass een déi Kaart, déi Carte d'accès online bestelle kann. An et soll ee vun dëser Geleeënheet profitéieren.

3. Actes et conventions

Zu Déifferdeng gesäit een, dass lues a lues méi Vëlosfuere vun der Geleeënheet profitieren. D'mBox passt an d'Mobilité douce. Déi gréng ënnerstëtzen dëse Projet. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention conclue avec l'État et les CFL pour la construction et la gestion d'une mBox située sur un terrain communal à proximité de l'arrêt de Niederkorn.

Villmoos merci. Elo géife mer dann awer zu der Konventioun 2021 a Bezuch mam Club Senior Prënzeberg kommen. Dofir géif ech d'Wuert un den Här Mangel weiderginn.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dës Konventioun leet d'Bannung fest zwëschen der Stad Lëtzebuerg, deene véier Gemengen Bascharage, Suessem, Péteng an Déifferdeng an dem Club Senior Prënzeberg. De Club Senior ass op fir all Biergerinnen a Bierger iwwer 50 Joer. Am Rame vun der Betreuer vun de Seniore gëtt eng grouss Zuel un Aktivitéiten ugebueden. Ech zielen der nëmmen e puer op: D'Virbereedung op d'Pensioun, Animatiounen am sozio-kulturellen a sportleche Beräich, divers Formatiounen, Reesen an esou weider. Et geet virun allem ëm Preventioun. Datt déi eeler Leit an onser Gesellschaft integréiert bleiwen a sech net isoléieren.

Wéi Dir aus den Ënnerlage gesitt, ass ee Minimum un Aktivitéite virgeschriwwen. Dat si 46 Wochen d'Joer, véier Deeg pro Woch, mat mindestens 20 Stonnen, wou se op sinn.

Zweemol am Joer gëtt eng Plattform organiséiert, wou déi dräi Partner sech gesinn an d'Funktionsweis kontrolléieren an déi zukünfteg Projekte besprechen.

Fir 2021 si 5,5 Poste virgesinn. Dee gesamte Budget gëtt mat 488.000 Euro berechent. Wat gréisstendeels Personalkäschten ausmaachen. 87 % gëtt vum Staat gedroen. An déi restlech 13 % op déi véier Gemengen opgedeelt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangel. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, den Här vun der Press, zu der Konventioun vum Club Senior Prënzeberg mat Siège zu Déifferdeng an der Wierkstrooss, dem Ministère de la Famille an den dozou gehéierende Gemengen: Déifferdeng, Käerjeng, Péteng a Suessem. Zum schrëftlechen Deel ass scho vill gesot ginn. Dofir ginn ech op de prakteschen Oflaf vum Club Senior an.

Während der Pandemie-Situatioun bis zum 15. Mäerz 2020 ass am Club nach normal geschafft ginn. Duerno war de Club dräi Méint zou, ouni Aktivitéiten, bis de 15. Juni. D'Ekipp hat awer am Hannergrond weidergeschafft an de Kontakt mat de Memberen oprecht gehalen. Eng 400 Leit sinn ugeruff ginn, ob et hinne gutt géing, ob se gutt encadréiert wäeren a versuergt wäeren. Dat war weider okay, well d'Ënnerstëtzung soit vun der Famill, der Gemeng oder vum Club present war.

Reesen am Programm sinn ofgesot ginn. Administrativ Aarbechte sinn déizäit fäerdeg gemaach ginn. An, zum Beispill, ass e Flyer verschéckt gi mat Som vun „Vergissmeinnicht“ dran. Broschüre mam Programm 2020 sinn an der éischter Phas ausgeschafft ginn. Natierlech mat klengen Gruppen, vu 50 erof op 18 Leit.

No Diskussiounen mat anere Clibb ass en Dräi-Phase-Modell ausgeschafft ginn, wéi zum Beispill, wéini oder net. Dës Richtung gouf vun der Santé validéiert.

La carte d'accès peut être commandée en ligne. Il faut en profiter.

De plus en plus de cyclistes profitent de l'offre à Differdange. La mBox fait partie de la mobilité douce. Les écologistes soutiennent le projet.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à la convention avec le Club Senior Prënzeberg.

ROBERT MANGEN (CSV) signale que la convention réunit l'État, Käerjeng, Sanem, Pétange, Differdange et le Club Senior. Le Club Senior est ouvert à tous les citoyens de plus de cinquante ans. Une grande variété d'activités sont proposées aux seniors: des informations sur la retraite, des animations, des formations, des voyages, etc., pour éviter que les seniors ne se sentent isolés. La convention prévoit un minimum d'activités pendant 46 semaines par an, 4 jours par semaine. Deux fois par an, les trois partenaires se rencontrent, contrôlent le fonctionnement et discutent des projets.

Pour 2021, 5,5 postes sont prévus pour un budget de 488 000 € essentiellement destinés aux frais de personnel. 87 % sont à la charge de l'État.

CHRISTIANE SAEUL (DP) va prendre position au sujet de la convention entre le ministère de la Famille, Differdange, Käerjeng, Pétange et Sanem concernant le Club Senior Prënzeberg avec siège dans la rue de l'Usine à Differdange.

Pendant la pandémie, le club a travaillé normalement jusqu'au 15 mars. Ensuite, le club a fermé pendant trois mois jusqu'au 15 juin, mais le personnel a maintenu le contact avec les membres pour s'assurer qu'ils allaient bien. Les voyages ont été annulés. Le personnel s'est concentré sur le travail administratif et la réalisation de flyers et de brochures.

Après des discussions avec les autres clubs, un modèle en trois phases a été élaboré et a été validé par la Santé.

En 2020, seuls 80 % des heures prévues ont été prestées. Les heures manquantes seront prestées en

3. Actes et conventions

2021. La chargée de direction du Club Senior informe ses membres que le Club continue de les soutenir même si de nombreuses activités ont dû être annulées.

Les démocrates approuvent cette convention et remercient le Club Senior pour son engagement.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) rappelle que le Club Senior est destiné aux personnes de plus de cinquante ans. Son objectif est de permettre aux séniors de rester autonomes.

Le Club Senior s'adresse à différentes personnes: celles qui ne veulent ou ne peuvent pas être seules, celles qui veulent préparer leur retraite, celles voulant prendre part à des activités...

La liste des activités est longue. Le Club Senior permet à ses membres de rester actifs physiquement et mentalement. C'est de la prévention.

Nicole Wohl annonce que les écologistes approuveront la convention et remercie le personnel du club.

JERRY HARTUNG (CSV) souligne l'importance du Club Senior Prënzebiërg pour les citoyens de plus de cinquante ans. L'atmosphère y est joviale. Les membres peuvent participer à des activités et échapper ainsi à l'isolation sociale.

Le Club Senior travaille main dans la main avec le service Senior Plus. Pendant la pandémie, le club a fait son possible pour conserver ses services.

Jerry Hartung félicite les responsables du Club Senior Prënzebiërg pour son programme comprenant des visites, des excursions et des activités susceptibles d'intéresser le plus grand nombre.

Les chrétiens sociaux approuveront la convention.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) ne peut que s'associer à tout ce qui vient d'être dit. Il remercie à son tour l'équipe pour son engagement en ces temps difficiles. Précisément en ce moment, des institutions comme le Club Senior sont importantes. Les socialistes soutiennent la convention.

(Vote)

2020 sinn nëmmen 80 % vun de Stonne geschafft ginn, déi awer 2021 sollen nogeholl ginn. Aussoe vun der Chargé de Direction: „Mir sinn nach do an denke weider un eis Memberen. Si motivéiert, och wa mer villes müssen ofsoen a mat dem Virus weider liewen. An am Club besteet eng grouss Impfbereitschaft“.

D'DP stëmmt dës Konventioun a seet dem Staff vum Club Senior Merci fir hiren Asaz. Ech soen och Merci fir d'No-lauchteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Villes ass scho gesot. Mee ech soen alt nach eng Kéier fir d'Leit dobaussen: De Club Senior ass fir Leit ab 50. Begréissenswäert ass, dass d'Leit ënnerstëtzt ginn, autonom ze sinn, ze bleiwen oder ze ginn.

Wie sech ka mellen? Nach eng Kéier: Leit iwwer 50. Wien net eleng wëll oder ka sinn. Wie sech op seng Pensioun virbereede wëll. Well domadder hu jo awer vill Leit Problemer. Dat kann een evitéieren. Wie punktuell a ganz einfach un deenen interessanten Aktivitéiten deelhuele wëll.

Ech hu mer de Programm mat den Aktivitéiten eemol ugekuckt. D'Lëscht ass laang! Virun allem bitt de Club Senior d'Méiglechkeet, an allen Hisiichten aktiv ze bleiwen, souwuel geeschteg wéi motoresch. Wat immens wichteg ass fir d'Preventioun. A woumat een am Fong geholl och Sue spuert herno.

Déi gréng begréissen dës Konventioun. An ech wëll hei all deene Merci soen, déi am Club Senior schaffen an och einfach all deenen, déi dobäi matmaachen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, de Club Senior Prënzebiërg ass eng wichteg Institution fir eis Matbierger ab 50. Vlächicht nach fir vill net mat 50, mee vlächicht fir spéider. Dat ass en Treffpunkt a jovialer Atmosphär fir si, fir zum engen, flotten Aktivitéiten nozegoen oder fir muncher der sozialer Isolatioun am Alter virzebeugen. Si schaffe gutt Hand an Hand mat eisem Service Senior Plus. Wéi grad scho gesot gouf, hate si sech während der Pandemiesäit wierklech ganz vill Méi gemaach, fir ze kucken, datt d'Funktoun vun hirem Service oprechterhale bliwwen ass.

Wann ee gesäit, wat fir eng grouss Pannoplie vun Offeren de Club Senior Prënzebiërg a sengem Programm huet, souwuel banne wéi baussen, Visitten oder Ausflich, deemno Aktivitéiten, déi ganz vill Leit uschwätzt, kann een de Responsablen nëmme felicitéieren an hinnen ee ganz grouse Merci soen.

D'CSV stëmmt dës Konventioun natierlech och mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Dann Här Hob-scheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, de Virdeel, wann ee schwätzt, wa scho vill Leit geschwat hunn ass, dass ee sech einfach kann uschléissen. Villes vun deem, wat gesot gouf, kënne mir ënnerstëtzen an ënnersträichen. Och vun eiser Säit aus ee grouse Merci der Ekipp, déi an dës schwierigen Zäite keng einfach Aarbecht huet a probéiert huet, dat Bescht aus der Situatioun ze maachen. Grad an dësen Zäiten, si sou Institutione wéi de Club Senior immens wichteg, mat hire verschiddenen Aktivitéiten, déi mir nëmme kënnen ënnerstëtzen. Mir droen dës Konventioun selbstverständlech och mat. Merci.

3. Actes et conventions

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Da kënne mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention 2021 relative au Club Senior Prënzeberg.

Ech soen Iech Merci. Den nächste Punkt ass d'Konventioun 2021, déi mam Ministère de l'Éducation nationale ofgemaach ginn ass, mat eisem Service SEA, eise Maison-relais. De Ministère ënnerstëtzt d'Gemeng zu 75 %, wat d'Frais vum de Maison-relais betrëfft: d'Frais de fonctionnement, Frais de personnel. Bei eise Crèchen ass déi staatlech Ënnerstëtzung 100 %. D'Participatioun vum Staat gëtt esou gerechent, dass den Dekont vum 2019 als Basis geholl gëtt, mat enger Majoratioun vun 10 %. Dee System ass u sech och ëmmer d'Reegel, ëmmer de Chiffer vu virun zwee Joer plus 10 % Op-schlag.

Als Frais supplémentaires kommen awer elo ausnamsweis fir 2021 a covid-bedéngt 7,5 % Heures d'encadrement supplémentaires bäi. Dës, fir d'Käschte vum Zousazpersonal ze stëmmen. Dir wësst, dass mer a leschter Zäit zwee Opriff gemaach hunn, well mer ganz vill Leit brauchen. Dat hänkt ëmmer vun der Etapp of, wou mer an der Pandemie sinn, a wéi engem Zenario mer sinn, brauche mer ganz vill Leit. Du-erch eis Demande de dérogation, mam Accord vum Ministère de l'Éducation nationale, kënne mer d'Käschte vun dësem Zousazpersonal stëmmen. Hei kréie mer eng Dotatioun vu 536.343,40 Euro fir d'Maison-relais an 122.591,53 Euro, déi integral vum Staat iwwerholl ginn.

Da géife mer zum Vott kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Et gëtt nach eng Wuertmeldung.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Pardon, eng Wuertmeldung. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, alles gong un 1987 mat der Ouverture vun der éischter Schoulkantin am Déifferdenger Zentrum. Dat deemools fir eng 30 Kanner. Mëttlerweil sinn 1.400 Schoulkanner an enger vun eise Maison-relais ageschriwwen. Do derbäi kommen nach 100 Kanner, déi eng Plaz an enger vun eisen zwou Crèchen hunn.

D'Detailer goufen all genannt. Se stinn am Dossier. D'Konventioun hei leet déi finanziell Modalitéite fir dës Joer fest. An der Estimatioun vun e bësse méi wéi 11,7 Milliounen Euro iwwerhëlt de Staat 75 % an d'Gemeng déi reschtlech 25 %. D'Crèche gi ganz iwwerholl, hu mer héieren. Déi aner Detailer och.

Ech profitéieren nach dervun, fir dem ganze Personal an eise Betreiuungsstruktur villmools Merci ze soe fir hiren Asaz, virun allem an dës Schwéieren an ustrengenden Zäiten. Mir stëmmen déi Konventioun hei gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ouni elo hei wëllen ze vill an den Detail ze goen, well mir jo nach eemol am Juli op d'Organisatioun vun de Maison-relais wäerten ze schwätze kommen, wëll ech déi Konventioun hei begrëssen. Och wann et eppes ass, wat all Joer erëmkënnt, esou ass dës Konventioun e wichtegt Dokument. Se setzt de Kader tëscht dem Staat an der Gemeng, nottamment wat d'Personal an eise Betreiuungsstrukturen ugeet.

Ech hätt zum Personal eng Fro, déi ech an der Sitzung vum 21. Oktober ge-

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à une convention entre le ministère de l'Éducation nationale, le service SEA et les maisons relais. Le ministère prend à sa charge 75 % des frais de personnel et de fonctionnement des maisons relais, et 100 % des frais pour les crèches. La participation de l'État se base toujours sur le décompte des deux années précédentes avec une majoration de 10 %.

En 2021 s'ajoutent 7,5 heures d'encadrement supplémentaire à cause de la COVID-19. La commune a besoin de beaucoup de personnel, qui est adapté en permanence en fonction de la situation sanitaire.

En tout, la dotation se monte à 536 343,40 € pour les maisons relais et 122 591,53 € pour les crèches.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que la première cantine scolaire a ouvert en 1987 à Differdange-centre pour 300 enfants. Entre-temps, 1400 enfants fréquentent les maisons relais de la Ville. Cent enfants vont dans une des deux crèches.

Les détails figurent dans le dossier. La convention fixe les modalités financières. Le gouvernement paye 75 % des frais et la commune 25 %. Le gouvernement finance les crèches à 100 %.

François Meisch remercie le personnel des structures d'encadrement pour son engagement en ces temps difficiles. Le DP approuvera la convention.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) ne va pas entrer dans les détails, car il sera question de l'organisation des maisons relais en juillet. Il salue la convention entre l'État et la commune.

Il se souvient avoir posé une question concernant le personnel le 21 octobre dernier, mais il n'a pas reçu de réponse.

3. Actes et conventions

À Differdange, un éducateur s'occupe de 14 enfants alors qu'ailleurs, il s'agit de 12 enfants en moyenne. Le dossier explique que le personnel doit être plus important pour les enfants du précoce. Y a-t-il moins d'enfants inscrits au précoce à Differdange?

La convention ne règle pas seulement les questions financières. Pierre Hobscheit mentionne le paragraphe sur la COVID-19. Il s'agit d'un instrument important pour répondre à la situation actuelle. Pour les socialistes, la collaboration entre les maisons relais et le LSAP, l'éducation plurilingue et la formation continue sont d'autres aspects importants.

L'article 13 parle d'une plateforme de coopération. Cette plateforme existe-t-elle déjà? Comment fonctionne-t-elle?

Pierre Hobscheit entrera dans les détails en juillet — notamment en ce qui concerne la gestion du personnel. Les socialistes approuveront la convention.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)

constate que beaucoup a déjà été dit. Il remercie les éducateurs des maisons relais qui font un travail difficile en ce moment.

Le collège échevinal a eu le courage de recruter du personnel il y a quelques mois sans tenir compte de l'avis du ministère. Désormais, les modalités liées à la COVID-19 sont intégrées dans la convention. La bourgmestre a parlé d'un financement de plus de 500 000 € pour les maisons relais et plus de 100 000 € pour les crèches.

Les écologistes saluent cette convention.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ajoute que madame Weinerth a fourni une explication quant au nombre d'enfants par éducateur en octobre.

PIERRE HOBSCHAIT (LSAP) *ne s'en souvient pas. Il va vérifier. Il a peut-être loupé un e-mail. Il s'en excuse.*

stallt hat an op déi ech, mengen ech, nach keng Äntwert kritt hunn. Mir war deemools an den Dokumenter, déi mer kritt haten iwwert d'Maison-relaisen, opgefall, dass zu Déifferdeng op ee Mataarbechter 14 Kanner kommen, während et op deenen anere Sitten an der Moyenne ëmmer esou ëm 12 Kanner waren.

Ech hat deemools gefrot, firwat dat esou ass. An ech hunn elo hei aus den Dokumenter erausgelies, dass ee fir Precoce-Kanner méi Betreuungspersonal brauch wéi fir Kanner, déi e bësse méi al sinn. Duerfir ass meng Fro, ob d'Erklärung fir déi Zuel einfach déi ass, dass zu Déifferdeng vläicht manner Kanner am Precoce-Alter betreit gi wéi op anere Sitten.

Fir de Rescht ginn, no dëser Konvention, e puer wichteg Froe gekläert. Niewent deem Finanziellen. Ech denken, zum Beispill, och un dee spezielle Covid-Paragraf. D'Madamm Buergermeeschter ass drop agaangen. Dat ass an dëser aktueller Situatioun e wichtegt Instrument, fir déi néideg Aarbecht kënnen ze maachen. Wichteg Aspekter aus Siicht vun der LSAP sinn awer och d'Zesummenaarbecht tëscht Maison-relaisen an der LASEP, d'Éducation plurilingue an d'Formation continue vum Personal.

Am Artikel 13 vun der Konvention geet rieds vun enger Plateforme de coopération. Do steet: „Elle peut être instituée“. Duerfir meng Fro – well do steet „peut être“ –, ob et déi Plattform gëtt, ënner wéi enger Form déi funktionéiert a wéi gutt déi funktionéiert.

Ech hätt domat elo e puer wichteg Punkten ofgedeckt, déi ech wollt uschwätzen. Ech wäert am Juli nach vill méi am Detail op verschidde Froen agoen, notamment op d'Personalgestioun aus de leschte Joren, fir vläicht ee kleng Bilan ze maachen, wéi sech verschidde Saachen entwéckelt hunn. Ech soen Iech, fir elo mol, Merci fir d'Nolauschteren. D'LSAP stëmmt dës Konvention natierlech mat.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

Merci, Här Hobscheit. Här De Sousa, wannechgelift.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Härn aus dem Schäffchen- a Gemengerot, et ass wéi den Här Hobscheit seet, wa Leit schon am Viraus schwätzen, bleift engem net méi vill.

Ech wëll de Leit aus de Maison-relaise villmools Merci soen. Si hu ganz vill Aarbecht am Moment, an et ass fir si sécher net einfach.

De Schäfferot hat – dat hat ech schon e puermol gesot – virun e puer Méint keng Angscht gehat, fir Leit anzustellen ouni Récksiicht op dat, wat de Ministère sot. Et ass ze begrëssen, datt elo duerch den Artikel 11, wann ech mech net ieren, d'Modalitéite vum Covid mat an där Konvention sinn. Wou d'Gemeng awer e gutt Stéck Sue bäikritt. D'Madamm Buergermeeschtesch hat vun iwwer enger hallwer Millioun geschwat eleng fir d'Maison-relaisen an iwwer 100.000 Euro fir d'Crèches.

Déi gréng begrëssen dës Konvention, déi all Joer kënn a stëmme mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Ech erlabe mer, dem Här Hobscheit ze äntweren. Souwäit ech weess, ass am Oktober eng Erklärung geschéckt gi vun der Madamm Weinerth, Responsabel, wisou déi Berechnungen esou ausgefall sinn, wéi se ausgefall sinn. Ech wäert kucken, dass Iech déi nach eng Kéier zoukomme gelooss gëtt.

PIERRE HOBSCHAIT (LSAP):

Okay. Ech kucken dat nach eng Kéier no. Vläicht hunn ech dat iwwersinn. Well ech mer d'Erklärung selwer ginn hunn, wollt ech et eng Kéier uschwätzen. Mee ech kucken dat no. Vläicht hunn ech dee Mail verpasst. Dann entschëllegt mech.

3. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Nee, et ass guer kee Problem. Et ass, op wéi enger Base si se ausgerechent huet, dass déi esou ausgefall sinn an net aneschters. Déi awer fortlaufend aktualiséiert musse ginn.

Wann Der wëllt, komme mer zum Vott.

Le conseil communale décide à l'unanimité d'approuver la convention 2021 pour les services d'éducation et d'accueil pour enfants.

Merci. Mir wiere beim Punkt 3g. Do geet et ëm d'Convention pour jeunes, och fir 2021. An den Här Aguiar wäert eis dat erklären.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären, il s'agit d'une convention pour jeunes dans le cadre des structures des maisons des jeunes en partenariat avec le ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse, où l'activité principale est la rencontre, l'information et l'animation pour jeunes entre 12 et 26 ans.

Le Jugendtreff comporte quatre structures de jeunes répartis à Differdange-centre, Niederkorn, Lasauvage et la Jugendfabrick à Fousbann. Cette convention permet de financer les frais de fonctionnement avec les salaires ainsi que la mise en place d'activités/projets tels que l'Anima-Team, qui en 2019 a effectué 229 missions et qui est représenté dans presque tous les événements communaux. Malheureusement en 2020, ils n'ont pas pu intervenir. Mais l'équipe est prête et attend que la ville puisse redémarrer avec pas mal d'événements.

Le « Jugendtreff » comporte 615 membres, répartis dans les différentes structures où une équipe éducative de sept personnes accompagne de lundi à samedi les jeunes, souvent en difficultés, avec la situation de covid, qui a malheureusement apporté des situations de

plus en plus compliqués pour les jeunes.

Nous avons aussi une convention pour « opsichend Jugendarbecht ». C'est un travail de jeunesse mobile qui consiste à se rendre dans les rues de Differdange et alentours pour trouver des jeunes âgés de seize à vingt-six ans inactifs en matière de formation et d'emploi. L'objectif du projet consiste à stimuler, encourager la motivation ainsi l'activité de ces jeunes dans le but de créer un changement de leur situation à travers d'activités et des projets de l'éducation non-formelle.

Grâce à ce metteur d'outreach qui permet de rentrer en contact avec un public qui ne fréquente pas les maisons des jeunes mais aussi de rester en contact avec ses anciens jeunes qui ne fréquentent plus tellement. De plus l'Outreach Youthwork assure pour les jeunes un suivi et un accompagnement plus intensif.

Je profite pour remercier l'équipe éducative ainsi que l'ASBL pour leur travail remarquable. C'est tout de mon côté. J'espère que vous soutenez cette convention. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Dir Dammen an Dir Hären. Als Vertrieeder vun der Déifferdenger CSV ënnerstëtze mer vollstens dës Konventioun tëscht der ASBL Jugendtreff Déifferdeng, dem Staat an der Gemeng Déifferdeng. Dës Konventioun séichert d'Offer vun eise véier Jugendhaiser fir déi Jonk tëscht 12 a 26 Joer an doriwwer eraus de Projet Outreach. Et ass eng wichteg, gutt a sécherlech net ëmmer einfach Aarbecht, déi vum edukative Personal geleescht gëtt. Dofir wëlle mer, am Numm vun der ganzer CSV Déifferdeng, hinnen ee grouesse Merci vun hei aus soen.

Datt si elo zousätzlech de Label Jugendinfo kritt hunn, dee sech haaptsächlech op d'Berodung an d'Informa-

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

précise qu'il existe une base de calcul actualisée en permanence.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à une autre convention.

PAULO AGUIAR (DP) explique qu'il est question d'une convention avec les maisons des jeunes et le ministère de l'Éducation nationale et de la Jeunesse. Il rappelle que le Jugendtreff comporte quatre structures à Differdange, Niederkorn, Lasauvage et Fousbann. La convention permet d'en financer le fonctionnement.

En 2019, l'Anima Team a effectué 229 missions, mais elle n'est pas intervenue en 2020.

Le Jugendtreff compte 615 membres encadrés par une équipe de 7 éducateurs. La COVID-19 a entraîné des situations difficiles pour les jeunes.

Paulo Aguiar mentionne aussi une convention concernant l'éducation de rue destinée aux jeunes inactifs de 16 à 26 ans. L'objectif est de les motiver à changer leur situation à travers des activités et des projets d'éducation non formelle. Outreach permet de cibler des jeunes qui ne fréquentent pas les maisons des jeunes.

Paulo Aguiar remercie l'équipe éducative et l'ASBL pour leur travail remarquable.

JERRY HARTUNG (CSV) salue la convention entre l'ASBL Jugendtreff, l'État et la Ville de Differdange. Elle garantit l'offre des quatre maisons des jeunes de Differdange et le projet Outreach.

Le personnel réalise un travail important et pas toujours facile. Le CSV ne peut que le remercier. Le fait que Differdange ait obtenu le label Jugendinfo prouve que les éducateurs réalisent un travail de qualité.

3. Actes et conventions

L'offre des maisons des jeunes est toujours importante, mais elle l'est encore plus en ces temps exceptionnels.

Monsieur Aguiar a parlé de 615 jeunes fréquentant régulièrement les maisons des jeunes. Celles-ci leur permettent de passer du temps ensemble et de faire des activités entre camarades. Pour certains, une structure ordonnée et le contact avec des amis leur apportent un soutien dans leur développement personnel.

Le CSV approuvera la convention.

PIERRE HOBSCHUIT (LSAP) remercie monsieur Aguiar pour les explications fournies. Les socialistes saluent le document, qu'ils approuveront. Pierre Hobschuit remercie tous ceux qui s'engagent bénévolement dans l'ASBL ainsi que le personnel travaillant dans les maisons des jeunes.

Pierre Hobschuit signale qu'une structure doit proposer des activités au moins trois fois par semaine pour être considérée comme service de rencontre, d'information et d'animation. Les horaires d'ouverture des maisons relais vont-ils évoluer? Car le weekend, seule la Jugendfabrick est ouverte.

Qu'en est-il du personnel? Suffit-il?

Quelles ont été les conséquences de la crise sur les maisons des jeunes? La fréquentation a-t-elle baissé?

Les socialistes saluent expressément le projet Outreach Youthwork que la Ville de Differdange cofinance. Il est important de dialoguer avec les jeunes en ces temps difficiles.

Par ailleurs, il faut que les synergies entre les maisons des jeunes et le service de la jeunesse soient efficaces.

Pierre Hobschuit salue l'obtention du label Jugendinfo. Celui-ci souligne la qualité du travail réalisé et motive les éducateurs à maintenir cette qualité.

Le LSAP approuvera la convention.

tioun fir Jonker bezitt, weist, datt si eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht leeschten.

Déi ganz Offer vun eise Jugendhaiser ass ëmmer immens wäertvoll fir eis Jonker awer sécherlech grad elo an esou enger Ausnamezäit, an där vu jiddwengem, ob jonk oder al, villes ofverlaangt gëtt.

Den Här Aguiar hat elo grad gesot, et si 615 Jonker, déi reegelméisseg an eis Jugendhaiser kommen. Fir de Gros vun hinnen ass d'Offer vun eise Mat-aarbechter wuel ee flotten Zäitverdreif ënner Kolleegen oder Aktivitéiten, déi se soss net kéinten ënnerhuelen. Fir e puer vun hinnen ass eng gereegelt Struktur an de Kontakt zu hire Frënn, wéi zum Personal, awer sécherlech och ee wichtege Halt fir hiert Liewen an hir perséinlech Entwécklung.

Duerfir stëmmt d'Déifferdenger CSV dës Konventioun och mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Hobschuit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHUIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, merci dem Här Aguiar, fir d'Explikatiounen zu der Konventioun. Prinzipiell begrësse mir dat a kënnen dëst Dokument matdroen. Ech wëll all deene Leit, déi sech benevole an der ASBL engagéiert hunn, wéi och dem Personal, wat sech ganz vill an de verschiddenen Haiser engagéiert huet, vun dëser Plaz aus ee grouse Merci soe fir déi wichtege Aarbecht, déi si maachen am Sënn vun eise Jonken an eiser Gemeng.

Verschidde Froen wollt ech stellen, respektiv Prezisiounen froen. Zum Beispill, wat d'Ëffnungszäiten ugeet. Den Artikel 3 vun der Konventioun gesäit vir, dass eng Struktur als Service de rencontre, d'information et d'animation ugesi gëtt, wa se op d'mannst dräi Deeg an der Woch Aktivitéiten ubitt. Ech hu mer gëschter d'Ëffnungszäite vun de verschiddenen Haiser nach eng Kéier ugekuckt a mech gefrot, ob vläicht eng

Weiderentwécklung an den nächste Jore virgesinn ass. Wann ech zum Beispill de Weekend kucken – wann ech et richtig gesinn hunn a wann d'Zäiten um judiff.lu richtig sinn –, dann ass just d'Jugendfabrick als eenzeg Struktur de Weekend op. Do wollt ech just froen: Bleift dat esou? Ass vläicht virgesinn, eppes ze änneren?

Da wollt ech och froen, wéi et bei der Weiderentwécklung vum Personal ausgesäit. Geet dat, wat mer am Moment u Personal hunn, duer? Wëlle mer an Zukunft weidert Personal astellen? Ass do eppes ugeduecht?

D'Kris ass schonn ugeschwat ginn. Wéi eng Auswierkungen hat d'Kris letztendlech op d'Jugendhaiser? Dat heescht: Sinn déi Jonk, wann d'Méiglechkeet do war, nach an d'Jugendhaiser komm? Koume manner Leit? Wéi ass dat konkreet ofgelaf?

Ausdrécklech begrësse wëll ech am Numm vun der LSAP e Projet wéi den Outreach Youthwork, wou mir als Stad eis jo och un de Käschte bedeelegen, notament wat d'Salaren ugeet. Grad an dësen Zäiten ass et immens wichtege, op déi Jonk duerzegoen a mat deene Jonke ganz enk zesummenzeschaffen, si unzeschwätzen a mat hinnen an d'Gespräch ze kommen. Wichtege ass et och, dass déi verschidde Synergien tëscht de Jugendhaiser an eisen neie Jugendservicer hei op der Gemeng gutt funktionéieren, dass jidderee kann dervu profitéieren.

Ech wëll nach ee Wuert soen zum Label Jugendinfo, op dat den Här Aguiar am Ufank vun der Sitzung agaangen ass. Dat ass immens ze begrëssen an eng flott Saach. Engersäits ass esou ee Label eng flott Auszeechnung fir d'Aarbecht, déi gemaach gëtt. Gläichzäiteg kann et och en Usporn sinn, fir d'Qualitéit vun der Offer weiderhin op engem héijen Niveau ze halen.

D'LSAP dréit dës Konventioun gäre mat. Ech soen Iech Merci fir d'No-lauchteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobschuit. Här De Sousa, wannechgelift.

3. Actes et conventions

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, mir begrëssen dës Konvention mam Ministère, wou d'Käschte vun de Jugendhaiser hallwéiert ginn.

Wann ech hei héieren, datt 615 Jugendlecher an deene véier Haiser aktiv sinn, ass dat eng genial Zuel. Déi Zuel ass um Klamme par rapport zum leschte Joer. An dat trotz Covid.

Mat dëser Hausse gesäit een, wéi wichtig d'Jugendhaiser fir déi Jonk sinn, déi immens ënnert der Pandemie leiden. Mir als Erwuessener stiechen d'Pandemie e bësse besser ewech wéi si, déi aktuell an hirer „Blütenzeit“ gebremst ginn.

D'Hausse ass awer och op déi gutt Aarbecht vum Personal, dat an de Jugendhaiser engagéiert ass, zréckzeféieren. Mech freet et, datt den Trend no uewe weist. Ech hunn eng Duechter vun 13 Joer, ech gesinn, wéi oft hatt um Handy ass, d'Jongen éischter mat der Konsole beschäftigt sinn. Do freet et mech ze gesinn, datt déi Jonk sech treffen, fir Aktivitéiten ze maachen.

Par rapport zum leschte Joer ass eng weider Éducatrice diplômée agestallt ginn. De Grupp besteet elo aus engem Assistant social, enger Graduéer, fënnf Diplôméer, déi fir eis Jonk disponibel sinn. Während dem Lockdown ass net näischt geschitt. Dat ass immens wichtig. D'Personal war disponibel fir déi Jonk, fir hinnen am Homeschooling oder an anere Suergen ze hëllefen.

Wann ech an der Schoul matkréien, wéi eise Service éducatif a SePAS eis uschreiwen an uschwätzen, wéi vill Schüler Problemer hunn – dat heescht elo net Problemer mat Homeschooling, mee éischter psychescher, ech gi souwäit bis Suizid –, da kann ech mer virstellen, datt d'Personal an de Jugendhaiser och ganz vill mat deene Saachen ze dinn huet.

An ech weess, datt déi sech domadder auserneesetzen, mat deene Jonken. Dat ass keng Klängegkeet. Nach virun e puer Deeg hunn ech vun enger Schülerin matkritt, wat esou Problemer huet. Ech war selwer erfëiert. Well et gesäit een net an d'Leit. An d'Jugendhaiser

sinn eng gutt Ulaftstell fir eis Jonker, déi vläicht doheem net déi Referenzpersoun hunn, fir dee Problem unzeschwätzen.

Ech wëll awer och ervirhiewen – dat gouf net esou oft gesot –, datt eis Jugendhaiser nieft dem Infolabel, wat den Här Aguiar de Moie presentéiert huet, awer och 2019 zwee Präisser kritt hunn, nämlech fir de Projet „Young Trees“ an de Projet „Wandere fir ee gudden Zweck“. Dës weist, wéi engagéiert se sinn a wat fir eng gutt Aarbecht an de Jugendhaiser gemaach gëtt.

Déi véier Jugendhaiser sinn alleguerten ee Lieu de rencontre. Dat hu se gemeinsam. Duerno trennt sech dat. Dat heescht, all Jugendhaus huet seng eegen Aktivitéiten, an deene se e bësse spezialiséiert sinn. Souguer d'Jugendhaus zu Lasauvage ass elo net méi esou wäit aus de Féiss. Do kann een elo, wann ech mech net ieren, mam T.I.C.E. – de Bus Nummer 6, dee firt hei fort – all hallef Stonn dohinner kommen. Dat heescht, wann do eng Aktivitéit ass, déi déi Jonk interesséiert, da kënne si sech bis dohinner deplacéieren. Hei an Déifferdeng selwer, do ass de Vëlo eng gutt Mobilitéitsméiglechkeet.

Déi gréng soen dem Personal villmools Merci fir hir gutt Aarbecht an engagéiert Aarbecht. Mir stëmmen dës zwou Konventionen mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, et geet hei ëm eng Konvention mat der Agence nationale pour l'information des jeunes betreffend de Label Jugendinfo an ëm zwou Konventionen tëscht dem Staat, der Gemeng an der ASBL Jugendtreff am Déifferdenger Zentrum.

Wat de Label Jugendinfo ugeet, erfëlle mer d'Krittären an d'Konditionen. Firwat also net vun der Ënnerstëtzung

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *salut à son tour cette convention avec l'État pour partager les frais de fonctionnement des maisons des jeunes.*

Il se réjouit particulièrement du fait que le nombre de jeunes fréquentant ces structures soit en augmentation malgré la COVID-19. Cela montre que les maisons des jeunes sont importantes. Pour les adultes, il est plus facile de gérer la pandémie que pour ceux en plein développement.

La hausse de la fréquentation souligne aussi le bon travail réalisé par le personnel.

Paulo De Sousa a une fille de 13 ans et voit combien de temps elle passe sur son téléphone. Les garçons jouent plutôt avec la console. Il est beau de voir que les jeunes continuent de se rencontrer et de faire des activités.

Cette année, une éducatrice diplômée a été recrutée. Pendant le confinement, le personnel est resté disponible. Paulo De Sousa sait combien d'élèves souffrent de problèmes psychiques pouvant aller jusqu'au suicide. Il se doute bien que les éducateurs des maisons des jeunes sont confrontés à des situations difficiles. Il connaît une élève ayant ce type de problème. C'est effrayant parce qu'on ne s'en rend pas compte. Les maisons des jeunes sont importantes pour ceux qui n'ont pas de personne de référence à la maison.

En plus du label Jugendinfo, les maisons des jeunes ont aussi remporté deux prix pour les projets Young Trees et Wandere fir e gudden Zweck.

Les quatre maisons des jeunes sont des lieux de rencontre. Mais elles proposent des activités différentes. Même la maison des jeunes de Lasauvage est facilement accessible grâce à la ligne 6 du TICE, qui circule toutes les demi-heures. À Differdange, on peut aussi utiliser le vélo.

Les écologistes remercient le personnel pour son travail. Ils approuvent les conventions.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *rappelle qu'il est question d'une convention avec l'Agence nationale pour l'information concernant le label Ju-*

3. Actes et conventions

gendinfo et de deux conventions entre l'État, la Ville de Differdange et l'ASBL Jugendtreff.

En ce qui concerne le label, Differdange remplit les conditions et a raison de profiter du soutien de l'AIJ.

La première convention avec le ministère concerne les maisons des jeunes et permet de partager les frais de fonctionnement.

La deuxième convention avec le ministère porte sur le projet Outreach Youthwork dans le cadre duquel des éducateurs de rue contactent les jeunes et leur proposent leur aide. François Meisch espère que cette approche portera ses fruits notamment dans le parc. Il demande depuis deux ans d'y améliorer l'éclairage. Autrement, le parc continuera d'attirer des personnages louches.

François Meisch suppose que le projet Outreach Youthwork collabore avec le projet Streetwork de l'office social et Caritas.

Il remercie le personnel et annonce que le DP approuvera les trois conventions.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *salue à son tour le travail fantastique réalisé par le personnel et les bénévoles dans les maisons des jeunes. Le label obtenu souligne cette qualité. Le travail accompli est important en complément à l'éducation formelle. Certains jeunes ne se retrouvent pas dans l'éducation formelle et perdent pied. Il est essentiel d'entrer en contact avec eux et de les ramener sur « le droit chemin » en leur offrant une perspective.*

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *souhaite répondre aux questions de monsieur Hobscheit.*

Les maisons des jeunes ont adapté leurs horaires à cause de la pandémie. Celle de Differdange-centre et la Jugendfabrick sont les plus grandes. Comme le ministère limite le nombre de places par salle à dix, les maisons des jeunes de Lasauvage et Niederkorn restent fermées. Paulo Aguiar rappelle que les maisons des jeunes comptent sept éducateurs devant gérer l'accueil et les activités à l'extérieur.

vun der Agence nationale pour l'information des jeunes profitéieren.

Déi éischt Konventioun mam Ministère betrëfft eis Jugendhaiser. Et kënn all Joer erëm. Den Zoulaf ass ganz okay, wéi mer héieren hunn. D'Käschte gi sech tëscht Staat a Gemeng opgedeelt.

Déi zweet Konventioun mam Ministère betrëfft de sougenannten Outreach Youthwork. Um Terrain solle Streetworker Jugendlecher uschwätzen, sensibiliséieren a gegebenenfalls bei Problemfall intervenéieren an Hëllef ubidden.

Mir hoffen, dass dës Approche Friichten droe wäert an doduerch eis Hotspots wéi de Stater Park kënnen entschärft ginn. Wa mer beim Park sinn, widderhuelen ech, wéi säit zwee Joer, d'Fuerderung, d'Beliichtung do massiv ze verbessern. Bei der Kameraiwwerwachung ass de Problem jo nach en aneren. Mee d'Beliichtung, do ass elo e bëssen eppes gemaach ginn, awer do ass nach ganz vill Loft no uewen. Mam aktuelle Bild invitéiere mer nëmmen nach méi lusch Gestalten, leider, dohinner.

Wat de sougenannten Outreach Youthwork ugeet, gi mer mol dovun aus, dass dat Hand an Hand geet mam Projet Streetwork Differdange, wou mer herno eng Konventioun tëscht dem Office social an der Caritas ASBL hei approvéeieren.

Um Schluss schléissen ech mech de Virriedner un. Ee grouse Merci un dat ganzt Personal, virun allem elo an dës ganz komeschen Zäiten. Mir stëmme gären déi dräi Konventiounen mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech wëll mech menge Virriedner uschléissen an e Merci ausdrécke fir déi fantastesch Aarbecht, déi vun der Ekipp an de Benevollen an deene véier

Jugendhaiser gemaach gëtt. En Zeechen, dass et eng Success Story ass, ass, dass mer dee Label kritt hunn, deen den Här Aguiar virgestallt huet.

Ech wëll ënnersträichen, dass déi Aarbecht, déi do gemaach gëtt, immens wichteg ass als complementaire Offer zum formelle Bildungswee. D'Wuert Éducation non-formelle ass gefall. Et ass wichteg, esou eng Offer ze hunn. Zemools fir Jonker, déi sech eeben net am formellen Educationssystem zu rechtfinden an déi e bëssen am loftleeren Raum hänken, ass dat immens wichteg, dass se aktiv op déi Jonk duerginn a versichen, iwwert de Wee vun der non-formeller Bildung déi Jonk vläicht erëm, ech soen entre guillemets, op dee richteg Wee ze bréngen, respektiv hinne iwwerhaupt eng Perspektiv opzeweisen, déi se vläicht net an der normaler Schoul hätte gesi kënnen.

Dat war schonn alles. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Da géife mer zum Vott kommen.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Je veux juste répondre.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Aguiar, wannechgelift.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, je veux juste répondre à trois questions de Monsieur Hobscheit. Les horaires d'ouverture : la maison des jeunes a du adapter les horaires d'ouverture à cause de la pandémie, respectivement à savoir que Differdange centre et d'Jugendfabrick sont les maisons, où les jeunes ont beaucoup plus d'espace. À cause de la restriction sanitaire, le ministère a limité les places à dix personnes par salle. C'est pour cela que Lasauvage respectivement Niederkorn restent fermées.

3. Actes et conventions

Mais ça permet aux éducateurs de faire l'accueil ainsi que de faire des activités à l'extérieur. À savoir, comme on a sept éducateurs au total, les maisons des jeunes doivent répartir le personnel entre le personnel qui va gérer l'accueil respectivement les activités à l'extérieur.

En ce qui concerne le personnel: Sept éducateurs sont engagés dans le cadre de cette convention. Le collègue échevinal soutien bien évidemment l'engagement. Et nous avons décidé également de soutenir encore un poste supplémentaire de quarante heures. Qui pourrait être reparti sur deux postes de vingt heures. À voir maintenant avec l'ASBL.

Est-ce qu'il y a moins de jeunes? Leider net. Il y a toujours beaucoup de demandes. Il y a toujours beaucoup de membres qui continuent à fréquenter les maisons des jeunes. Malheureusement, à la Jugendfabrick, les activités sportives sont interdites. Le personnel essaie de transformer ça dans le cadre des autres activités à l'extérieur. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Da komme mer elo zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention services pour jeunes pour l'exercice 2021.

Villmoos merci. De Punkt 3h handelt em eng Leitung vun Oxylux tèschent der Rue Emile Mark an der Rue du Gaz, déi an eng zweet Phas geet. Ech géif den Här Ulveling bieten, eis e puer Erklärungen ze ginn. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, et geet em déi berüünten Azotesleitungen, déi hu müssen deplacéiert ginn. An dat gläich zweemol. Eng Kéier op Demande vu Ponts et

Chaussées am Kader vun der Neigestaltung vun der Entrée de ville. Viru Joren, wéi mer déi ganz Strooss nei gemaach hunn, ass d'Azotesleitung, wann een op Nidderkuer fiert, op déi riets Säit an den Trottoir verluecht ginn. Parallel huet ee grouss Parkflächen. An dat anert ass op eis Demande hin, am Kader vun där sougenannter Trame verte respectiv Piste cyclable, déi mer tèschent dem Auchan bauen, hu mer müssen déi Azotesleitung deelweis verleeën. Wa mer déi net verluecht hätten, hätten den Accès zum Opkorn, déi grouss Trap, net kennen esou gebaut ginn. Soudass mer dat hu musse maachen.

Dofir fret Oxylux eis eng Kéier 100.000 an 150.000 Euro. Inclus sinn d'Fraise vum Engineering, d'Personalkäschten, d'Material, d'Tuben, d'Wannen an esou weider. An och de Genie civil. Et steet och dran, dass een dat net däerf weider kommunizéieren. Obwuel et jo elo effentlech ass.

Fir de Rescht sinn et Saachen, déi hu musse gemaach ginn am Kader vun der Entrée de ville, wéi gesot, à la demande vu Ponts et Chaussées, déi hir Rechnung scho regléiert hunn. A mir hunn elo hei eng Rechnung kritt fir eisen Deel Rue Emile Mark / Rue du Gaz, déi berüümt Piste cyclable respectiv Trame verte, déi tèschent der EIDE an dem Opkorn soll entsoen. Déi Modifikationen do vun der Leitung hu musse gemaach ginn, et haten och musse Bypasse geluecht ginn, well Air Liquide muss Azote assuréiere 24h/24. Dofir sinn déi Käschten ugefall. An dat musse mer dann hei guttheeschen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Här Ulveling, merci fir d'Explikationen. Ech hätten eng Fro: Ass Iech scho bekannt, wéini dee Passage hannert dem Lycée vun där Trame verte respectiv der Vélospist fäerdeg gëtt? Ech soen Iech Merci.

La convention prévoit sept postes. La Ville de Differdange soutient la création d'un poste supplémentaire ou de deux postes de vingt heures. Cela reste à discuter avec l'ASBL. Les jeunes continuent de fréquenter les maisons des jeunes malgré la pandémie. À la Jugendfabrick, les activités sportives sont interdites. Les éducateurs essaient de les remplacer par des activités à l'extérieur. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 3 h, une conduite d'Oxylux entre la rue Émile-Mark et la rue du Gaz.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il est question de deux conduites d'azote ayant été déplacées.

La première demande venait de l'Administration des ponts et chaussées dans le cadre du réaménagement de l'entrée en ville. La conduite avait été installée sous le trottoir à droite en direction de Niederkorn il y a plusieurs années. Le deuxième déplacement a été opéré dans le cadre de la piste cyclable et de la trame verte entre Auchan. Sans ce déplacement, l'entrée principale d'Auchan n'aurait pas pu être construite de la sorte.

Pour ces travaux, Oxylux demande 100 000 € et 150 000 €. Les frais d'ingénierie, le génie civil, le matériel, les tubes et les vannes sont inclus.

L'Administration des ponts et chaussées a réglé elle-même ses travaux.

Tom Ulveling précise qu'Air liquide doit assurer l'approvisionnement d'azote 24 h/24.

ERNY MULLER (LSAP) voudrait savoir quand la trame verte et la piste cyclable seront terminées.

TOM ULVELING (CSV) répond que le collège échevinal a discuté de ce projet la semaine dernière. Le devis se monte à quelque 2,5 millions d'euros.

ERNY MULLER (LSAP) constate que monsieur Ulveling parle du prix. Cela signifie donc que les travaux n'ont pas encore été confiés à une entreprise. Quel est le calendrier?

3. Actes et conventions

TOM ULVELING (CSV) répond que le collège échevinal n'a pas encore pris de décision.

(Interruption)

Tom Ulveling ajoute que cela dépend de l'étendue des travaux. En tout cas, la commune veut trouver une solution à temps pour l'ouverture de l'EIDE. Les élèves doivent pouvoir emprunter un chemin praticable et sécurisé.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 3i concernant un appartement au 1, rue du Parc-Gerlache. La Ville de Differdange a acheté l'immeuble. L'appartement de 78 m² se trouve au deuxième étage. Le loyer se monte à 910 € HTVA et 200 € de charges.

Le collège échevinal a fait réaliser un état des lieux de plusieurs appartements. Ils seront transférés aux conseillers communaux quand ils seront disponibles.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate que le bourgmestre a en partie répondu à sa question concernant l'état des lieux. Mais alors pourquoi le contrat stipule-t-il qu'un état des lieux ne soit pas nécessaire, car il s'agit d'une reprise de bail? Le collège échevinal ne peut pas savoir dans quel état se trouve l'appartement après dix ans.

Les socialistes sont contents que le locataire puisse rester sur place malgré le changement de propriétaire.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Keng aner Fro?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wann et keng aner Fro gött, äntwert den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir haten dee Projet d'lescht Woch, mengen ech, am Schäfferot. Mir musen nach doriwwer befannen a kucken, wat mer dovun realiséieren a wéi mer et realiséieren. Mee do ass, kann ech Iech soen, de Moment eng Ausgab virgesinn, wéi de Projet elo ass, ëm déi 2,5 Milliounen Euro. Déi ganz Trame verte, wéi mir se nennen, vum Auchan u bis Ueschloss ...

ERNY MULLER (LSAP):

D'accord. Dir hutt elo de Präis gesot. Dat heescht, dat ass elo den Opdrag. Da verstinn ech, dass d'Aarbechten nach net an Opdrag gi si vis-à-vis vun enger Entreprise. Dat ass dat Éischt. Dat geschitt dann elo eréischt.

Wat fir een Termin ass envisagéiert fir d'Fäerdegstellung?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat hu mer nach net decidéiert. Dat eenzezt, wat ...

(Ennerbriedung)

Dat hänkt och of vun all deene Saachen, déi mer nach zousätzlech wëlle maachen. Mee wat awer gesot ginn ass, dass mer versichen, iergendwéi eng Léisung ze fannen, wann den EIDE opgeet. D'Hauptentrée vum Lycée ass zum Opkorn gekéiert, dass een do e Wee awer huet, dee praktikabel ass, fir déi Kanner, déi an d'Schoul ginn, fir dass dat e securiséierte Wee ass.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec la SA Oxylux portant sur la déviation de la canalisation d'azote entre la rue Émile-Mark et la rue du Gaz.

Villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, elo komme mer zum Punkt 3i. Do geet et ëm eng Wunneng op 1, Rue Parc Gerlache. D'leschte Kéier hate mer schonn e Bail, well mir jo d'Haus kaf hunn. Dat heescht de Bail gött op eis geschriwwen. Et ass um zweete Stack, et sinn 78 m², an den 1. März 2021 kënn en op eis. De Loyer beleeft sech op 910 Euro hors TVA mat 200 Euro Chargen.

Ech wëll soen, dass mer État-de-lieuen ugefrot hu fir déi dräi Appartementer, déi mer elo schonn an deene verschiddenen Haiser haten. Soubal mer se hu vun dem Expert, wäert ech se an de Conseil ginn. Villmools merci.

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Meng Fro ass deelweis beäntwert, well Der elo op den État des lieux agaange sidd. Da verstinn awer net, dass am Contrat de bail steet: « Établissement d'un état des lieux ne sera pas nécessaire dans ce cas, vue qu'il s'agit de la reprise d'un contrat de bail existant avec habitation connue ». Mir wäerte jo awer do en État des lieux maachen, well ech maache mer Gedanken, dass, wann dee Mann no zéng Joer erausplënnert, kee méi weess, wéi den État ass vun der Locatioun.

Mir sinn awer als LSAP frou, dass den ancien Locataire d'Méiglechkeet huet, bei engem Changement vum Propriétaire, awer kënne vun där Wunneng ze profitéieren an net méi brauch ze plënnere. Ech soen Iech Merci.

3. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Ech erlabe mer, Iech direkt ze äntwerten. Den État des lieux ass an Optrag. Merci.

Dann denken ech, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un appartement situé au 1, rue du Parc-Gerlache à Differdange avec les conjoints monsieur Ahmed Hakem et madame Sara Taifour Bitar.

Villmoos merci. Fir den nächste Punkt, d'Konventioun mam Office social, dat ass och eng „immer wiederkehrende Aufgabe“, géif ech d'Wuert un den Här Manger ginn.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Jo, wéi all Joer, gëtt erëm an dëser Konventioun tëschent dem Staat, dem Ministère de la Famille an der Gemeng Déifferdeng déi finanziell Hëllef festgëtt, déi dem Office social zousteet. Fir 2021, gesitt Der aus den Ënnerlagen, sinn 1.360.000 Euro virgesinn, déi 50 % vun der Gemeng a 50 % vun Staat bezuelt ginn. Dat heescht 680.000 Euro pro Verwaltung.

Dee Betrag besteet haaptsächlech aus Personalkäschten. Dat sinn ëm déi 899.000 Euro. De Secours, deen de Leit ugebuede gëtt, dat si 400.000 Euro. De Loyer vun de Lokaler: 32.000 Euro. D'Jetone vum Conseil d'administration: 10.000 Euro. An d'Frais de fonctionnement: 20.000 Euro.

Néng Persounen betreien den Office social. Et ass ee Verantwortlechen, zwou administrativ Persounen a sechs Assistenten-socialen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Manger. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zu dëser Konventioun fir den Exercice 2021 tëschent dem Familljen- an Integrationsministerium, der Gemeng Déifferdeng an dem Office social, wéi scho gesot, fir d'Organisation an de Financement vun den Aktivitéiten vum Office social.

2020 hate mer e speziell Joer. Am Mäerz hat sech den Office de Covid-Mesuren ugepasst. Dëst huet grouss Ännerungen mat sech bruecht. Den Homeworking ass ofwiessend agefouert ginn. Dëst natierlech, fir d'Personal ze schützen. D'Clienten konnten awer weider op Rendez-vous kommen. Et ass sech de Prozeduren ugepasst ginn, fir dass kee sech sollt ustiechen. Esou ass keen am Stach gelooss ginn.

Den Office social huet och e positiven Avis ginn zur Erhéijung vun der Allocation de solidarité fir 2021 an esou d'Quote-part vun der Gemeng op 30 % ze fixéieren, vum Betrag, deen den Demandeur bei der Allocation de vie chère vum Staat kritt huet. Dat gëtt dann och indexéiert. Esou entsteet fir kee Client e Verloscht, an dësen Zäiten, um Betrag vum leschte Joer.

D'Demokratesch Partei stëmmt dës Konventioun mat a seet deem ganze Staff vum Office social Déifferdang e grouse Merci fir hiert Engagement. Ech soen och Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Et ass scho villes gesot ginn. Wat d'Personal ubelaangt wollt ech soen, dass een Assistent social op 6.000 Awunner kennt. Een administrative Posten op 12.000 Awunner.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) précise qu'il est prévu de réaliser un état des lieux.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à une convention avec l'office social.

ROBERT MANGEN (CSV) explique que cette convention entre l'État, le ministère de la Famille et la Ville de Differdange est renouvelée chaque année. Le financement de l'office social s'élève à 1 360 000 € pour 2021, répartis entre la commune et l'État.

Le montant se compose des frais de personnel (890 000 €), du secours (400 000 €), du loyer (32 000 €), des jetons du conseil d'administration (10 000 €) et des frais de fonctionnement (20 000 €).

Neuf personnes travaillent à l'office social: un responsable, deux employés administratifs et six assistantes sociales.

CHRISTIANE SAEUL (DP) répète que la convention entre la Ville de Differdange et le ministère de la Famille et de l'Intégration sert à financer l'office social.

L'année 2020 a été spéciale. En mars, l'office social a dû s'adapter à la COVID-19. Le télétravail a été introduit pour protéger le personnel. Les clients ont dû prendre rendez-vous. Les procédures sanitaires ont été respectées.

L'office social a donné un avis positif quant à l'augmentation de l'allocation de solidarité de 2021. La commune versera 30 % de l'allocation de vie chère de l'État. L'allocation sera indexée.

Le DP approuvera la convention et remercie l'équipe de l'office social pour son engagement.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) précise que le nombre d'assistants sociaux et d'employés administratifs dépend du nombre d'habitants: 1 pour 6000 et 1 pour 12000.

3. Actes et conventions

L'office social soutient les personnes ayant besoin d'aide dans leurs démarches. La Ville de Differdange peut charger l'office social d'autres tâches qu'elle finance alors entièrement. Les citoyens ne doivent pas hésiter à se renseigner auprès de l'office social s'ils se trouvent dans une situation difficile.

Nicole Wohl remercie les acteurs de l'office social pour leur travail.

Elle rappelle l'existence du tiers social payant pour les gens ne pouvant pas payer leurs factures médicales. Les personnes concernées reçoivent des étiquettes pour trois ou six mois.

L'office social peut aussi aider les gens ayant besoin d'un nouveau frigo plus écologique. Les frigos modernes permettent de faire des économies d'énergie conséquentes.

Les écologistes soutiennent la convention.

ALI RUCKERT (KPL) annonce qu'il n'approuvera pas la convention en signe de protestation. À Differdange et dans le pays, on ne fait que gérer la pauvreté, mais on ne cherche pas de solutions. Cette convention le prouve.

Elle prévoit 899 000 € pour les salaires, 20 000 € pour les frais de fonctionnement, 10 000 € pour les jetons et 32 000 € pour le foyer — c'est-à-dire un total de 961 000 €. L'aide se chiffre quant à elle à 400 000 € — moins d'un tiers des montants fixés dans la convention. Un projet humanitaire géré de la sorte serait immédiatement annulé. Il est scandaleux que le salaire de trois personnes soit plus élevé que toute l'aide sociale versée en un an. On ne peut pas fonctionner comme cela.

Ali Ruckert répète qu'il n'approuvera pas la convention.

JERRY HARTUNG (CSV) souhaiterait lui aussi que moins de gens se retrouvent en situation de précarité. Mais cela ne correspond pas à la réalité sur le terrain. L'office social reste nécessaire.

Les prestations financières de l'office social concernent beaucoup de gens. En plus, la pandémie s'accompagne non seulement de misère

Den Office social hëlleft de Leit bei den Demarchen, déi néideg sinn, fir Accès op d'Ënnerstëtzung ze hunn, déi se zegutt hunn. D'Gemeng kann awer och den Office social chargéieren, fir zousätzlech Leeschtungen ze droen, déi dann an deem Fall 100 % vun der Gemeng finanzéiert ginn.

Ech wëll nach eemol drop hiweisen, dass d'Bierger, wa se an enger schwieriger Situatioun sinn, an enger schwieriger Phas, net sollen hésitéieren, sech beim Office social ze informéieren oder no Hëllef ze froen.

Ech wëll och den Acteure vum Office social Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi se gelescht hunn an déi se weider leeschten.

Den Tiers payant social, dee gëtt et och. Wann d'Leit Problemer hunn, kënnen se eventuell medezinesch Fraise virgestreckt kréien. Dat funktionéiert mat Etiketten. D'Leit kréien dat fir dräi Méint. Ausnamswies och fir sechs.

Am Kader vu myenergy kann een och iwwert den Office social gehollef kréien, wann een zum Beispill en neie Frigo brauch. Grad déi Bierger mat manner Akommes hunn et méi schwéier, sech en neie Frigo ze kafen. Woubäi déi nei anerersäits iwwer Joren, Joerzénge manner Elektresch verbrauchen. Ech denken, dass een do och soll Kontakt mam Office social huelen, wann dat dann ubruecht ass.

Déi gréng ënnerstëtzen dës Konventioun. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ukënnegen, dass ech haut géint déi Konventioun stëmme wäert, fir dergéint ze protestéieren, dass hei an deem Land an och zu Déifferdeng, d'Aarmut just verwalt gëtt, awer keng Léisunge sinn, fir d'Aarmut ze iwwerwannen. Dat geet och aus dëser Konventioun ervir.

An där Konventioun stinn 899.000 Euro fir Paien, 20.000 Euro fir Frais de fonctionnement, 10.000 Euro fir Jetonen, 32.000 Euro fir Loyer. An da kënnt een op 961.000 Euro. A fir d'Hëllef 400.000 Euro. Dat heescht, mat där Konventioun geet manner wéi 1/3 un Hëllef fir d'Leit. Wann dat do e Projet wär am Beräich vun der Entwécklungshëllef, da géif een direkt gestrach ginn. Well esou wéineg bei de Leit ukënn, am Verglach zu der Gesamtzomm. Ech fannen dat e Skandal. Et ass e Skandal, wann do d'Paie vun dräi Leit méi héich si wéi d'Hëllef, déi d'ganz Joer laang un déi bedierfteg Leit geet. Esou kënnen mer dach net funktionéieren. Esou erziilt een dach kee Resultat.

Dat ass de Grond, firwat ech haut géint déi Konventioun stëmme wäert.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech wär et wünschenswäert, iwwer besser Weeër et hinzekréien, datt manner Leit iwwerhaapt a mësslech Situatiounen géife kommen. An trotz verschiddenen Offeren oder Moosnamen, ënner anerem vun der Gemeng, ass dat leider net d'Realitéit. Den Office social ass néideg an eiser Gesellschaft, fir de Leit a prekäre Situatiounen ze hëllefen.

Am Rapport vum Office social, dee mer virun e puer Méint hei virleien haten, mat de Montante vu finanzieller Prestatiounen, déi fir d'Leit gelescht ginn, huet ee gesinn, datt et leider eng jett Leit betrëfft. An déi ganz Pandemie bréngt zousätzlech, nieft dem sanitäre Misär, fir vill Leit en ekonomesche Misär mat sech, wou ënner anerem Existenz betraff sinn.

D'Déifferdenger CSV stëmmt dës Konventioun, déi d'Organisatioun, d'Fonctionnement, d'Personal an d'Finanzéierung vun eise Office social natierlech matreegelt.

3. Actes et conventions

Ofschléissend wëlle mer deem ganze Personal Merci soe fir hiert Engagement an hir Aarbecht, mat där si alles drusetzen, fir ville Leit an Nout beschtméiglech ze hëllefen. An datt si sech mat vill Méi zum Wuel vun de Leit an der Gemeng asetzen, gesi mer och am nächste Projet haut um Ordre du jour, dee si zesumme mat der Gemeng Déiferdeng op d'Bee gestallt hunn. Awer elo stëmme mer emol dës Konventioun. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, all de Merciën, déi hei schonn ausgeschwat goufen, kann ech mech uschléissen. Et ass eng wichteg Konventioun, well se d'Hëllef fir d'Leit reegelt. Déi Hëllef ass wichteg an déi Hëllef ass essentiell fir d'Leit, dass se verschidde Saache kënnen bezuelen, an dass hiert Liewen doduerch e bësse méi einfach gemaach gëtt. D'LSAP dréit dës Konventioun mat, well mer se vum Prinzip hier wichteg fannen.

Ech muss awer soen, wat den Här Ruckert elo gesot huet, fannen ech och elo net esou ganz abweegeg. Dass ee sech heiansdo ka Froe stellen, wann ee gesäit, wéi verschidde Käschte par rapport zu den Hëllef sinn, kann ech dem Här Ruckert seng Remarken duerchaus novollzéien an och deelen. Nichtsdesto trotz menge mir als LSAP, dass et awer och wichteg ass, déi Konventioun hei matzestëmmen, fir dass d'Leit, grad an dës schwéieren Zäiten, ënnerstëtzt ginn. Woubäi mer mengen, dass d'Roll vum Office social, onofhängeg vun der Pandemie, an där mer dra sinn, eng immens wichteg ass, fir de Leit ze hëllefen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech schléisse mech menge Virriedner un. E grouse Merci un d'Ekip fir hiren Asaz an déi formidabel Aarbecht, déi se leeschten.

An Zäite vu Pandemie, an där mer eis nach ëmmer befannen, ass en Office social nach méi gefrot a méi wichteg, dass déi do sinn an de Leit, déi manner gutt opgestallt sinn, ënnert d'Äerm gräifen. Wat ech begreissen ass, dass se relativ onbürokratesch op eege Fauscht Leit finanziell oder materiell ënnerstëtzen. Wat natierlech super ass, dass een net muss enorm administrativ Demarchë maachen, fir e Sou ze kréien, wann een an där Situatioun ass.

Ech sinn net ganz, awer zum Deel averstane mat den Aussoe vum Här Ruckert am Verhältnis zu de Paien an de 400.000 Euro, déi un Hëllef virgesi sinn. Dat wierkt vläicht komesch. Anerersäits, Dir hutt d'Entwécklungs-ONGen ugeschwat. Ech si selwer am Conseil d'administration vun enger ONG hei zu Lëtzebuerg. D'Diskusioun gëtt an déi falsch Richtung gefouert.

Bei den ONGen ass et esou, dass mer do éischter kämpfe musse mat engem Ausseministère, fir de Leit gutt Paien unzebidden. Obwuel déi Leit genau esou vill Etüde gemaach hunn, wéi Leit, déi an engem Office social schaffen. Ech mengen, et misst een éischter deen anere Wee denken. Dass ee seet, et mécht een Efforten, fir dass d'Paien an der ONG-Welt an d'Luucht ginn, déi och formidabel Aarbecht leeschten, wéi elo dat ze beanstanden, wat d'Leit am Office social verdéngen. Déi verdéngen dat, wat se verdéngen. Do kann een absolut näischt dogéint soen. Dat heescht, et ass e bëssen eng Feststellung, mat där ech net ganz kann averstane sinn. Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Ruckert, wannechgelift.

sanitaire, mais aussi de misère sociale.

Le CSV approuvera la convention. Jerry Hartung remercie le personnel pour son engagement et ses efforts au service de la population en difficulté.

PIERRE HOBSCHT (LSAP) s'associe aux remerciements exprimés. Cette convention est importante, car elle règle l'aide sociale. Celle-ci simplifie la vie de nombreuses personnes. Les socialistes approuveront la convention pour son importance. Toutefois, ce que monsieur Ruckert a dit concernant le rapport entre certains frais et l'aide sociale n'est pas aberrant. Mais le LSAP approuvera la convention, car elle aide les gens en ces temps difficiles. Le rôle de l'office social est essentiel indépendamment de la pandémie.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) s'associe à ce qui a été dit et remercie l'équipe pour son engagement et son travail formidable.

Par temps de pandémie, l'office social est plus important que d'habitude. Il soutient financièrement et matériellement les gens en situation de précarité sans passer par la bureaucratie. Des démarches administratives énormes ne sont pas nécessaires.

Eric Weirich ne partage pas l'avis de monsieur Ruckert lorsqu'il compare les salaires à l'aide sociale. Monsieur Ruckert a aussi mentionné l'aide humanitaire. Eric Weirich fait partie du conseil d'administration d'une ONG. Il trouve que les discussions ne sont pas menées comme il faut. Les ONG doivent se battre avec le ministère des Affaires étrangères pour que les gens soient rémunérés convenablement alors qu'ils ont fait les mêmes études que les employés de l'office social. Il vaut donc mieux améliorer les salaires dans les ONG au lieu de se plaindre de la rémunération au sein de l'office social.

3. Actes et conventions

ALI RUCKERT (KPL) *vient d'être interpellé et tient à préciser sa pensée. Bien sûr, il soutient l'aide sociale versée. Il trouve même que 400 000 € ne suffisent pas. Ce qui est anormal, c'est que les autres frais représentent 2/3 de la somme totale. Il faut donc changer les choses, par exemple en augmentant l'aide sociale.*

L'office social gère par ailleurs le salaire d'un certain nombre de personnes. L'argent est mis à disposition périodiquement. Où se trouve le bilan? Ali Ruckert ne pense pas qu'il figure dans la convention.

ROBERT MANGEN (CSV) *a l'impression que l'on confond certaines choses. Il présente la gestion des salaires tous les ans lorsqu'il est question du budget de l'office social. L'office social gère environ un million d'euros pour cinquante ou soixante personnes.*

Robert Mangen ne donne pas nécessairement tort à monsieur Ruckert, mais précise que la somme de 400 000 € n'est pas limitative.

Elle peut être adaptée à tout moment si elle ne devait pas suffire.

Robert Mangen rappelle ensuite que l'office social ne se limite pas à soutenir les gens financièrement, mais aussi personnellement et administrativement. Ce travail, on le retrouve dans le salaire des employés. En plus, la Ville de Differdange verse aussi l'allocation de vie chère, qui se monte à un million d'euros. Robert Mangen mentionne également l'épicerie sociale et d'autres formes de secours.

La convention ne concerne que le fonctionnement normal de l'office social. Les autres détails sont présentés une fois par an.

Robert Mangen répète que la somme destinée au secours n'est pas fixe. Les gens dans le besoin sont aidés.

(Vote)

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, ech sinn direkt ugeschwat ginn, duerfir wëll ech nach eppes zousätzlech zu deem soen, wat ech scho gesot hunn. Wann ech vun deene 400.000 Euro geschwat hunn, déi als Hëllef virgesi ginn, sinn ech selbstverständlech derfir, dass dat geschitt. Ech si souguer der Meenung, dass dat net duergeet. Dass mer wäit hannert de Bedierfnisser, déi et gëtt, zréckbleiwen.

Mee et ass nach ëmmer, an ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, net normal, wa 400.000 Euro als Hëllef bezuelt ginn, dass dann d'Fraise méi wéi 2/3 vun der Gesamtzomm ausmaachen. D'Verhältnisméissegkeet gëtt do net méi gewahrt. An ech mengen, entweder seet een dann, mer änneren do eppes, an et féiert dozou, zum Beispill, dass déi Hëllef erhéicht gëtt, soudass en anert Verhältnis géif kommen. Dat wär natierlech eng Méiglechkeet.

Ech hätt awer och nach eng Fro. Et ass jo esou, dass déi Verwaltung och d'Akommes vun enger Rei Leit geréiert. Wou se also iwwert deenen hiert Akommes verfügen. A wou se deene periodesch oder all zwee oder dräi Deeg oder eemol an der Woch esou vill Sue vun hirem Akommes zur Verfügung stellen. Ech wollt just froen: Wou fënnt een dee Bilan do erëm? Well ech menge jo net, dass dat an där Konventioun, déi mer hei virgeluecht kréien, dass dat do dran ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Ech ginn dem Här Mangen d'Wuert.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech mengen, et gëtt e bësse verwiesselt. Fir d'Gerance, dat stellen ech all Joer vir, wann ech de Budget vum Office social duerleeën, dat sinn ongeféier, wann ech mech richteg erënneren, elo aus dem Kapp, eng Millioun Euro, déi se verwalte vun ongeféier 50 bis 60 Stéit, loosse mer esou soen. Dat geet all Joer an der Virstellung vum Budget ervir.

Onrecht hutt Der vläicht net, Här Ruckert. Mee déi 400.000 Euro sinn net limitativ. Dat heescht, wann d'Demanden eropginn, wa méi misst ausbezuelt ginn, de Montant kann zu jidder Zäit ugepasst ginn. Et ass näischt Limitatives. Wann de Besoin do ass u Secours, gëtt dat automatesch ugepasst. Et ass keng fix Zomm. Wa Problemer si mat de Leit, sozial, kann een et zu jidder Zäit upassen.

Et ass net nëmme finanziell Ënnerstëtzung, déi den Office social mécht. Si hëllefen och vill administrativ a personell, wou se d'Leit och betreien. Dat gëtt natierlech net chiffriert. Dat kënnt da vläicht an d'Paie vun de Leit vum Office social, do fält dat drënner. Mee si hunn awer och vill Zäitopwand, wou se mat de Leit schwätzen an hinne Saaen arrangéieren. Hei ass och elo nach net d'Allocation de vie chère derbäi, déi mer ausginn, wou mer och eng Millioun dëst Joer virgesinn hunn. Plus all d'Secoursen, Épicerie sociale, alles dat ass elo net an deser Konventioun. Dat leeft niewelaanscht. Wat och all Joer am Bilan vum Office social duergestallt gëtt.

Dat hei ass just d'Konventioun tëschent dem Staat an der Gemeng fir den normale Fonctionnement vum Office social. Déi aner Detailer kréie mir ëmmer eemol am Joer vum Office social matgedeelt, déi dann och hei am Gemengrot virgestallt ginn.

Also, et kann een e bësse relativéieren. Mee et ass wichteg ze wëssen, de Secours, deen ass net limitativ. Wann d'Leit et brauchen, kréie se et. Do ass vun där Säit aus keng Diskussioun.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Mangen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver la convention pour l'année 2021 établie entre l'État, la Ville de Differdange et l'office social de Differdange.

3. Actes et conventions

Villmoos merci. Déi nächst Konvention, dat ass dann den Office social mat der ASBL Caritas. Do geet et ëm de berühmte Streetwork zu Déifferdeng am Parc a ronderëm. Dir hutt d'Konvention gelyes. Et ass net nëmmen ausschliisslech de Parc. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Mangen.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Den Office social huet sech bereet erkläert, de Projet vum Streetwork zu Déifferdeng fir zwee Joer integral ze finanzéieren. An dat mat deene Suen, déi se krute vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte.

Virop ee grouse Merci vun der Gemeng un den Office social a säi Conseil d'administration fir hiert Engagement an och, datt si ons als gläichwäertge Partner ugesinn.

Primär ass de Projet Streetwork virgesinn, fir déi Jugendlech am Quartier ronderëm de Parc Gerlache ze betrieen. Eng Bestandsopnam maachen, ëm wat fir Jugendlech et sech handelt, déi sech op de Stroossen ophalen a wat ee fir si ka maachen als Ënnerstëtzung, datt si sech erëm an ons Gesellschaft integréieren.

Mir hunn d'Zilsetzung erweidert op Erwuessener, déi, d'selwecht wéi déi Jugendlech, sech am Parc ophalen. Mir hu festgestallt, datt och eeler Leit a prekäre Situatiounen sinn, déi sech do ophalen.

Interessant ze wëssen, datt haaptsächlech déi eeler Leit méi moies do si bis mëttes an dann am Nomëtteg déi Jugendlech derbäikommen.

Des Weidere gëtt Kontakt mat den Awunner vum Quartier an de Geschäftsleit opgeholl. D'Zil ass et, all Acteur ëm a ronderëm de Parc Gerlache an ee Boot ze kréien, datt si gemeinsam een harmonescht Zesummeliewe féiere kënnen. No Bedarf kann dat Konzept och op aner Plazen an der Gemeng ausgeweit ginn.

Am Rahme vun dësem Projet gëtt selbsterständlech eng Zesummenaarbecht ugestriift mat anere Partner: de Jugendhaiser, dem Projet Arboria

vum Roude Kräiz, der lokaler Police, de Pecherten, de kulturellen a Sportsveräiner vun Déifferdeng. Eventuell och d'Zesummenaarbecht mat Jugend- an Drogenhëllef, Inter-Actions, an natierlech, net ze vergiessen, der Gemeng Déifferdeng, déi d'Leedung vum Projet behält.

Gemeinsam hunn den Office social an de Schafferot d'Caritas ausgewielt, fir dëse Projet ze maachen. Fir hir Aarbecht brauche si dräi Équivalents plein temps mat enger entsprecherender Uni-Formation oder Experienz am Streetwork. Eng vun dëse Persounen sollt der portugisescher Sprooch mächtig sinn. Si kréien e CDD fir 24 Méint. An Dir hutt gesinn, 7,5 % vun de Fraisen vum Personal gi berechent en plus fir Frais de gestion.

D'Stad Déifferdeng stellt de Streetworker ee Lokal zur Verfügung, wou si sech mat hire Clienten zréckzéie kënnen a mat hinnen a Rou schwätzen. D'Lokal si mer amgaang ze sichen. Ech kann am Moment nach net soen, a wat fir engem Beräich et ass. Mir versichen, e Lokal ronderëm de Parc oder net wäit dervun ze lounen, wou si sech kënnen zréckzéien an dann hir Aarbecht maachen.

All zwee Méint gëtt eng Plattform organisiert ënner deenen dräi Verantwortlechen. Dat heescht, dass d'Caritas, den Office social an d'Gemeng sech treffen an d'Situatioun analyséieren a beroden, wéi et soll weidergoen.

Dëse Projet ass natierlech net d'Léisung vun all onse Suergen am Parc Gerlache. Mee een Deel Auswee aus dem verzwickte sozialen Däiwelskrees. Streetwork ass net virgesinn, fir géint Drogendealer virzegoen. Dat bleift ëmmer am Rahme vun der Police. Si këmmere sech also nëmmen ëm den Deel vun de Jugendleche mat Drogeproblematik. Den Drogendealer, do këmmere se sech net drëm.

Wéi schonns a menger Budgetsried ugesprach leschte Wanter, ginn nach zousätzlech Moossnamen am Quartier geholl. Ech zielen e puer Moossnamen op, déi mer virgesinn hunn. D'Beliichtung ass amgaang erneiert ze ginn. Et ass nach net perfekt. Dat ass net komplett fäerdeg. D'Diskussionen ëm d'Kamerraen, déi lafe jo am Land. Do musse

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
passé à une convention entre l'office social et Caritas concernant l'éducation de rue.

ROBERT MANGEN (CSV) *explique que l'office social financera ce projet pendant deux ans à travers les dons de l'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. La Ville de Differdange remercie l'office social et son conseil d'administration pour leur engagement.*

Le projet d'éducation de rue est destiné avant tout aux jeunes autour du parc Gerlache. Il s'agit de dresser un état des lieux et voir comment les soutenir et les réinsérer dans la société.

Mais le projet cible aussi les adultes se trouvant dans le parc et qui sont en situation de précarité. Robert Mangen précise que les adultes ont tendance à fréquenter le parc le matin alors que les jeunes arrivent plutôt l'après-midi et le soir.

Il faudra aussi entrer en contact avec les habitants du quartier et les commerçants. L'objectif est de faire participer tous les acteurs du quartier pour qu'ils puissent vivre en harmonie. Si nécessaire, le concept pourra être élargi à d'autres quartiers de la commune.

Une collaboration est prévue avec les maisons des jeunes, la Croix-Rouge, la police, les agents municipaux et les associations locales.

L'office social et le collège échevinal ont choisi Caritas pour gérer le projet. Pour ce projet, Caritas a besoin de trois équivalents plein temps avec une formation universitaire et de l'expérience dans l'éducation de rue. Une des trois personnes devra parler le portugais. Ils auront un CDD de 24 mois.

La Ville de Differdange leur mettra un local à disposition, mais Robert Mangen ne sait pas encore lequel, mais idéalement, il devrait se situer à proximité du parc.

Caritas, l'office social et la Ville de Differdange se rencontreront pour analyser la situation.

Le projet ne va pas résoudre tous les problèmes du parc Gerlache. Le trafic de drogue par exemple reste de la compétence de la police. Mais les éducateurs de rue entreront en contact avec les jeunes confrontés aux problèmes de drogue.

3. Actes et conventions

En plus de l'éducation de rue, la Ville de Differdange est aussi en train d'améliorer l'éclairage. Pour ce qui est des caméras de vidéosurveillance, il faut attendre ce que décidera le gouvernement. Robert Mangen espère par ailleurs que le nouveau commissariat contribuera à améliorer la situation. Tout comme la dynamisation du centre-ville et des commerces. Le collège échevinal envisage aussi d'ouvrir un bistrot social dans un deuxième temps. Mais il est encore trop tôt pour en discuter.

CHRISTIANE SAEUL (DP) rappelle que de nombreuses discussions ont eu lieu pour décider quelles associations seraient le plus à même de gérer le projet d'éducation de rue. Finalement, c'est Caritas qui s'en occupera pour une durée de 24 mois. Trois équivalents plein temps ayant de l'expérience dans l'éducation de rue seront recrutés. Dans un premier temps, il s'agira d'entrer en contact avec les jeunes dans le parc et de gagner leur confiance. Des activités et des projets seront mis en place pour rétablir le sentiment de sécurité des riverains. D'autres quartiers pourront être intégrés dans le projet le cas échéant. Un point de rencontre va être aménagé — probablement entre le parc et le pont. Le DP approuvera le projet.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) explique que le projet va durer deux ans et qu'il a pour but de rendre le parc plus attractif pour que les gens s'y sentent en sécurité. Il s'agit aussi d'entrer en contact avec les jeunes et les moins jeunes, de créer des perspectives en synergie avec les services existants, et d'identifier d'autres zones à risque. Nicole Wohl croit savoir que les éducateurs disposeront d'un bureau dans l'ancienne épicerie de l'avenue de la Liberté. Il existe aussi un comité de pilotage évaluant le projet, ce qui est important. Les écologistes saluent cette convention.

mer kucken, wéi sech dat weiderentwéckelt.

Mer hoffe mam neie Policegebai, wat elo net wäit vum Parc Gerlache ewech ass, mat zousätzlechen Agenten, datt déi ons behëlleflech sinn am Kampf ëm de Parc Gerlache an och an der Stad.

An natierlech eng Beliewung vum Quartier a vun de Geschäfte, déi mer ustriewen. Konzepter si mer amgaang virzebereeden, datt méi Animatioun am Quartier ass. Esou ginn déi Leit, déi e bëssen Trouble am Quartier maachen, vläicht e bëssen ausgewisen, datt se net op deene Plaze sinn, wou se am Moment sinn.

An enger zweeter Etapp gesi mer eventuell vir, och wa méiglech ronderëm de Parc, eng Aart Bistro social. Mee ech mengen, do musse mer fir d'éischt nach ofwaarden, wéi de Projet Streetwork sech weiderentwéckelt a wéi mer dat progressiv kënnen installéieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. O mei, o mei. Solle mer mat der Madamm Saeul ufänken? Ass dat okay?

Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zum Projet Streetwork hei zu Déifferdang. An der Viraarbecht ware vill Gespréicher an Nofro bei a mat de verschiddenen Associatiounen, wat fir eng am beschte géif passen, fir dës Service hei zu Déifferdang op d'Been ze setzen. Ervirgehuewen huet sech d'Caritas ASBL – Accueil et solidarité, déi fir eng Durée vu 24 Méint de Projet Streetwork Déifferdang iwwerhëlt. Agestallt ginn dräi Equivalenten, déi eng professionell Experienz am Streetwork hunn.

Et geet elo emol drëm, fir Kontakt a Vertrauen zu de jonke Leit ronderëm an am Park ze kréien a se lues mat den Awunner respektiv Geschäftsleit zesammenzebréngen. Duerch d'Aktivitéi-

ten a Projete si positiv Reaktiounen ze schafen. An esou d'Sécherheetsgefëll am Park mat de betraffene Quartierstroossen ze retabléieren. An aner Quartieren ze identifizéieren, déi mat an de Projet kënnen erageholl ginn. Ouni de Mënsch ze vergiessen.

Et soll en Espace point de rencontre geschafte gi mat Büro a Sanitär. Souwäit ech weess, si Verhandlungen amgaang. Et soll net wäit ewech vum Park an no bei der Bréck sinn. Den zoustännege Schaffen, den Här Mangen, huet eis de Projet scho virgestallt. Ech wëll dat net widderhuelen. D'DP stëmmt a begrëisst dës Projete. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. D'Madamm Wohl, den Här Hobscheit an den Här Weirich, okay? Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Beim Projet Streetwork Déifferdang geet et ëm ee Projet, dee fir zwee Joer geplangt ass. Ouni alles ze widderhuelen, wollt ech soen, dass et drëms geet, de Parc Gerlache méi attraktiv ze maachen. Soudass déi Leit, déi sech am Moment veronsécher fillen, sech nees méi sécher fille kënnen.

Et geet och drëms, e Lien mat deene Jonken a manner Jonken ze maachen. Dass nei Perspektiven entstinn, dass en Dialog mat hinnen entsteet, dass synergiegeschtesch mat deenen anere bestoende Servicer ka geschafft ginn, dass konkret Projete kënnen ausgeschafft ginn. An dass aner Problemzonen, ech nenne se elo mol esou, identifizéiert kënnen ginn.

Et ass virgesinn, dass e Büro mat Accueil mam Bierger gemaach gëtt. Ech mengen, dass dat soll déi al Epicerie Binck sinn, déi an der Avenue de la Liberté ass. An et gëtt och e Comité de pilotage fir d'Evaluatioun vum Projet. Wat natierlech immens wichteg ass.

Déi gréng begrëissen dës Konventioun. Merci.

3. Actes et conventions

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, dat hei ass ee ganz wichtege Projet, deen ech wëll begrëssen am Numm vun der LSAP. Ech wäert elo net ze vill an den Detail goen, well mer eis dat ënner eis e bëssen opgedeelt hunn.

Ech sinn iwwer eppes an der Konvention gestolpert, wat mech e bësse gestéiert huet. Den Här Mangel huet et scho gesot, dass dräi Leit aus der Karriär C6 agestellt ginn. Dat entsprécht jo dem Édicateur gradué respektiv der Édicateur graduée. Sou wäit sou gutt. Dat fann mer och richteg.

An der Konvention steet awer, dass d'Associatioun, also d'Caritas – Accueil et solidarité ASBL des Leit engagéiert. Obwuel eng Plattform geschafe gëtt, an där souwuel d'Gemeng wéi och den Office social an d'Caritas – Accueil et solidarité vertruede sinn, hunn ech et also esou verstanen, dass d'Caritas eleng decidéiert, wie se wëll astellen.

Ech hätt et vläicht méi glécklech fonnt, wann een esou eng Zort, soen ech mol, Comité de recrutement gehat hätt, wéi mer dat jo deelweis hunn, wou och d'Gemeng vläicht e klenge Matsproocherecht gehat hätt, wie mer dann do fir dee Projet engagéieren. Well am Endeffekt ass et esou, dass d'Caritas eleng decidéiert, wien agestellt gëtt, an den Office social, wéi et am Artikel 3 virgesinn ass, dierf bezuelen. Ech fannen dat net immens glécklech.

D'Fro stellt sech och, wat no deene 24 Méint, wou de Projet elo ausgeluecht ass, geschitt. Wéi et weidergeet. En Tëscherappart ass no engem Joer virgesinn. Ech mengen, spéitstens da muss ee sech konkret Gedanke maachen, wéi een no deenen zwee Joer weiderfiert, fir dass och kloer ass, wat nom 1. Mee 2023 geschitt.

De Projet ass egal wéi awer wichteg, an d'LSAP dréit d'Konvention mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech erlabe mer, e bësse méi wäit auszuhuelen. De Projet Streetwork ass absolut begrëssenswäert. Ech fann just, dass en e bësse spéit kënnt. Wéi ech 2017, 2018 Member gi si vun der Logementskommission, do hate mer de Projet scho virgestallt kritt vu Streetwork. Deemools war och rieds vun engem Mediateur, dee sollt agesat ginn, fir der Problematik am Parc Gerlache e bëssen entgéintzewierken.

Kuerz drop hat et dunn op eemol geheescht, elo gi Kameraen opgehaangen an et gëtt eng privat Sécherheitsfirma agestellt, fir där Problematik entgéintzewierken. An et war keng rieds méi vun engem Mediateur, dat heescht vun net-repressiven Approchen. Dat heescht, an deem Sënn begrëssen ech, dass dat elo endlech kënnt, dass de Service Streetwork elo endlech geschafe gëtt.

Mee ech erlabe mer awer, nach dräi Froen un den zoustännige Schaffen ze stellen, wou ech e bësse méi wäit auszuhuelen.

Dat wär eemol, ech hunn et gesot, d'Kameraen. Déi hänken do. Déi gi grad net genotzt, aus legale Grënn. Dir hat och an engem Interview op RTL d'lescht Joer am Dezember, Här Mangel, geschwat dovun, Déifferdeng wier en Hotspot an, dass do zum Beispill den Éclairage, wann ee vum Parking eriwier an den Zentrum geet, net gutt wier. Ech wollt froen: Wou happert et, fir dass deen Éclairage do verbessert gëtt?

Ech si keen Expert, mee dat ass eng relativ banal Interventioun respektiv Moossnam, déi ee kann huelen, fir dat ëffentlech Sécherheitsgefäll ze verbesseren. Dat heescht, dat wär meng éischt Fro: Wou dee Projet Éclairage drun ass. Dir hat et ernimmt. Mee ech wär frou, wann ech do kéint e bësse méi eng konkret Zäitschinn kréien.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) salue à son tour ce projet extrêmement important. Il ne va pas entrer dans les détails, car les autres socialistes prendront aussi la parole.

Quelque chose dans la convention le gêne cependant: trois personnes seront engagées dans la carrière C6, c'est-à-dire en tant qu'éducateur gradué. C'est bien. Mais ces personnes seront recrutées par Caritas alors même qu'une plateforme a été créée comprenant aussi l'office social et la Ville de Differdange. Pierre Hobscheit suppose que Caritas décidera seule qui recruter. Il aurait préféré recourir à un comité de recrutement dans lequel la Ville de Differdange aurait eu son mot à dire. Car en fin de compte, Caritas choisit les éducateurs pour un projet financé par l'office social. C'est regrettable.

Pierre Hobscheit se demande aussi ce qui arrivera dans 24 mois. Un bilan intermédiaire sera dressé dans un an. Au plus tard à ce moment-là, il faudra réfléchir au futur du projet.

En tout cas, les socialistes approuveront la convention.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) salue à son tour le projet d'éducation de rue. Mais il est mis en place trop tard. Il se souvient qu'il en était question en 2017 ou 2018 quand il est devenu membre de la commission du logement. À l'époque, la commune voulait recruter un médiateur pour s'occuper du parc. Peu après, le collège échevinal a décidé d'acheter des caméras de surveillance et d'engager une agence de sécurité au lieu d'adopter des mesures non répressives. Le projet d'éducation de rue est donc une bonne nouvelle.

Eric Weirich a tout de même quelques questions. Les caméras de surveillance ne peuvent pas être utilisées en l'absence d'un cadre légal. Monsieur Mangel a expliqué à RTL que l'éclairage entre le parking et le centre n'était pas efficace. Pourquoi le collège échevinal ne procède-t-il pas à des améliorations? Eric Weirich suppose qu'il s'agit d'une intervention plutôt banale. Monsieur Mangel peut-il donner un calendrier plus précis?

3. Actes et conventions

La Ville de Differdange a recours à une agence de sécurité. Luxembourg-ville fait de même dans certains quartiers comme Bonnevoie. Le ministre de la Police Kox n'est pas content de cette situation et la ministre de la Justice Tanson a même menacé de retirer leur agrément aux agences de sécurité qui ne respecteraient pas la loi. La Ville de Differdange participe-t-elle à ces discussions?

Existe-t-il un concept global représentant toutes les mesures: l'éclairage, l'éducation de rue, la police...?

JERRY HARTUNG (CSV) *se réjouit du fait que ce projet entre dans sa phase concrète et qu'il soit mis en place finalement. Il félicite tous ceux qui ont contribué à son élaboration.*

Il estime que dans un projet d'éducation de rue, il ne suffit pas de publier un poste, de préparer une salle et d'espérer que tout se passe pour le mieux. C'est pourquoi la commune a sondé le terrain au préalable.

Le résultat de cette coopération entre Caritas, l'office social et la commune démontre que beaucoup d'expérience a été intégrée dans le projet.

Le travail d'un éducateur de rue est particulier. Il est donc nécessaire de trouver les bonnes personnes. Le gestionnaire du projet amène trois personnes de ce type. Jerry Hartung ne pense pas qu'il aurait fallu passer par un comité de recrutement. La convention porte sur un an. Les contrats aussi. Jerry Hartung espère que la commune se montrera réactive si elle décide de garder ces personnes.

Des synergies sont prévues avec les services locaux et nationaux pour faciliter l'aide aux personnes dans le besoin.

Pour Jerry Hartung, il est nécessaire de développer un système et de chercher le lien avec les habitants du quartier et les commerçants pour développer la confiance, la compréhension et l'acceptation nécessaires à la réussite du projet.

Il faut trouver un bon endroit pour le local, car même si les éducateurs passeront la plus grande partie du temps dehors, ils doivent pouvoir effectuer les tâches administratives

Dat Zweet ass dat mat de private Sécherheetsfirmaen. Dir waart elo net drop agaangen, Här Mangel. Sait Wochen a Méint ass dat an der éffentlecher Diskussioun, well d'Stad Lëtzebuerg jo och op eng privat Sécherheetsfirma zréckgräift fir verschidde Quartieren an der Stad. An et gëtt elo nach ausgeweit an der Stad op de Quartier Bouneweg.

Si fuere weider, obwuel et immens juristeschen Bedenke gëtt. Souwuel vum Här Kox, dem Policeminister, deen eigentlech net schrecklech frou ass iwwert déi privat Sécherheetsfirma, wéi och vum der Madamm Tanson, Justizministesch, déi souguer dreet, de betreffende Firmen den Agrément ze entzéien, wa si feststellt, dass dat contraire à la loi ass.

Dofir wollt ech froen, wéi et ausgesäit, awéiwäit mir als Gemeng Déifferdeng agebonne sinn an déi Diskussiounen. Awéiwäit mir d'Gesetz, wat soll ugepasst ginn, suivéieren. Awéiwäit mir do, wéi gesot, agebonne sinn.

Meng drëtt Fro wär – well et e bëssen de Motto vum Dag ass –, e Gesamtkonzept auszeschaffen, respektiv d'Fro, ob et e Gesamtkonzept gëtt. Dat heescht, ob et mat urbanistesche Moosname wéi Éclairage an hei an do, Streetwork, Police an esou weider an esou fort, do iergendwéi e Gesamtkonzept gëtt, fir där Problematik entgéintzewierken. Merci fir d'Nolauschteren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nach Froen? Här Hartung, wannech-gelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vum der Déifferdenger CSV si mer immens frou, datt dës geplangte Projet elo konkreet gëtt. An net nëmmen, datt e konkreet gëtt, mee och wéi en ëmgesat gëtt. Dofir kënnen mer de Leit, déi heiru geschafft hunn, just felicitéieren.

Bei engem Projet Streetwork geet et net duer, fir einfach Posten auszeschreiwen an hinnen e Sall ze ginn an dann ze hoffen, datt do ee kënnt, deen et riicht. Do brauch et vill méi. Ee ganze Projet, deen Hand an Hand geet. Dofir gouf jo am

Virfeld vill sondéiert, eng Preobservation vum Terrain erstallt.

Wann een am Dossier elo d'Resultat liest, wéi dat soll a Praxis ëmgesat ginn, déi Zesummenaarbecht, an der Haaptsaach vum der Caritas mat eisem Office social an der Gemeng reegelt, sou wéi d'Fonctionnement, da gesäit een, datt vill Erfarungen an dës Beräich matagefloss sinn.

D'Aarbecht vum engem Streetworker ass esou speziell, datt een dofir wierklech déi richteg Leit vum der Formation iwwert d'Experienz a vu Charakter brauch. An do bréngt ons dësen Träger direkt dräi esou Leit mat. Dofir gesi mir dat elo net direkt als bedenklech, datt dat net iwwer eise Comité de recrutement gelaf ass.

Déi Fro, déi ech mer gestallt hunn, wéi ech d'Konventioun gelies hunn, vu datt d'Konventioun just fir ee Joer leeft, sou lafen och Kontrakter fir dës Leit just op ee Joer, e CDD op ee Joer. Ech hoffen natierlech, datt mer herno esou reaktiv sinn, wa mer gutt Leit hei hätten, datt mer déi géife behalen.

Och un de Gedanken, fir Synergien an engem Réseau ze schafe mat eise lokalen an nationale Servicer, ass geduecht ginn. Fir wann ee bis d'Vetraue vum der Leit huet, hinnen och weider kann hëlfen.

Och muss een dat Ganz mat System ugoen. De Lien mam Quartier sichen an deemno, nieft de verschiddene Servicer, och Kontakt zu de verschiddens-ten Acteuren zu Déifferdeng, wéi zum Beispill de Geschäftsleit, sichen. Zum engen, fir sech auszutauschen, anerersäits awer och fir Vertrauen, Versteesdemech an Akzeptanz fir sech, de Projet a seng Schützlingen ze hunn.

D'Lokalitéit ass ugeschwat ginn. Effektiv muss eng gutt Plaz fonnt ginn, wou se Büroen hunn. Och wa si de Gros vum der Zäit baussen um Terrain wäerten ënnerwee sinn, brauche si eng Plaz, wou si sech emol kënnen zréckzéien, administrativen Tâchen nogoen, awer virun allem Clienten empfänken ze kënnen. Dës soll zimmlech zentral sinn, fir datt de Wee kuerz ass. Souwuel fir si wéi fir d'Leit an zugläich awer och e bëssen à part. A virun allem vum anere behördleche Servicer getrennt, fir eeben

3. Actes et conventions

déi potenziell jonk an erwuesse Persounen net ofzeschrecken.

Dëse Projet ass wichteg fir eng Stad wéi Déifferdeng, well mer op sensibelen effentleche Plazen an de leschte Joren ëmmer méi mat schwierere soziale Situatiounen konfrontéiert goufen, wou Leit aus diverse Grënn net méi de Kontakt zu eise gewéinlechen Hëllefsservicer gesicht hunn. Wann een dës Leit géif sech eleng iwwerloossen, da géif et wuel bei munchen net gutt ausgoen. Et ass ze hoffen, datt d'Streetworker zukünfteg vill vun hinnen erreechen an hëllef respektiv Alternative proposéiere kënnen.

Mir als Gemeng vermëttelen de klore Message, datt mir déi aktuell Situatioun net gutt fannen a wëllen, datt de Leit gehollef gëtt an eppes geschitt an dës negativ Evolutioun gebrach gëtt.

Bewosst muss ee sech just sinn, datt dëse Projet ee laange Prozess beinhalt, deemno vill Zäit brauch an ee sech net direkt därff schnell Resultater erwaarden. Et ass wichteg, datt mer dat no bausse vermëttelen, fir de Streetworker mol Zäit ze ginn, fir unzekommen an hir Aarbecht ze maachen.

Wat och gesot gouf: Sou gutt dëse Projet Streetwork och ass, muss ee sech bewosst sinn, datt a punkto Kriminalitéit dat hei just ee Bestanddeel ass. Wéi een net nëmmen op repressiv Mesuren därff setzen, därff een, ëmgedrëit, och net just op preventiv Mesure setzen. Et brauch ganz kloer béides.

Firwat? Streetworker erreechen hofentlech vill Leit a fragilisierter Situatioun, déi duerch verschidden Ëmstänn ofgerëtscht sinn oder riskéieren ofzerutschen. E puer vun hinne maache vläicht aus Langweil oder aus Existenzängscht Akten, déi net der sozialer Norm entspriechen. Jo, déi kann dëse Projet erreechen an esou indirekt preventiv munch Strofdot verhënneren.

Awer déi Individuen, et war éinescht vun Drogendealer hei geschwat ginn, déi heihikomme mat der klorer Absicht, mat hiren illegalen Aktivitéiten hei hire Commerce ze maachen, hir Suen ze verdéngen a vun der ganz onsécherer Situatioun ze profitéieren – do därfe mer ons näischt virmaachen –, déi loosse sech net vun de Streetwor-

ker stéieren. Laanscht déi ginn esou preventiv Mesuren.

Do brauch et kloer zousätzlech repressiv Mesuren, wéi endlech eng personell Opstockung vun eiser Police, fir datt si reegelméisseg Patroulle kënnen maachen, an de Projet vun der Kameraiwwerwachung op sensibelen effentleche Plazen, wéi d'Gemeng et virhuet a scho laang wëll ëmsetzen. Mee hei si mer leider ofhängeg vum zoustännegen Minister, vun deem mer ëmmer nees just vertréischt ginn. Do géife mer de Schäffrot invitéieren, endlech nach eemol energiesch ze intervenéieren.

Zréck zum Projet Streetwork, dee mer elo hei stëmmen: Deen ass wierklech gutt. A punkto Preventioun leeë mer heimat e Meilestee fir eis Stad. Dëse Projet wäert ee ganz wichtige Bestandteil vun Déifferdeng ginn. Mer kënnen alle Leit, déi all dës an d'Weeër geleet hunn, just Merci soen, well mer ville Leit a schwéiere Situatiounen wäerten hëllefen. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat war ee laangen Exkurs. Merci, Här Hartung. Dann hat den Här Altmeisch d'Wuert gefrot.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Dir Dammen an Dir Hären, ech schlësse mech de Bemierkung vum de Virriedner un. Ech sinn och ganz kloer der Meinung, wéi den Här Hartung, d'Streetworker, dat gëtt elo keng Revolutioun um Terrain, dass mer do elo Sécherheet zu 100 % kréien. Dat ass mer bewosst. Streetwork ass een Element vu villen, wat zur Sécherheet am Zentrum vun Déifferdeng bäidréit. E Sécherheetsgefill, wou sécherlech nach Plaz no uewen ass.

D'LSAP Déifferdeng begréisst, dass national iwwer eng Kompetenzerweidung u Formatioun vun eisen Agents municipaux nogeduecht gëtt. Mat dësem Schratt, iwwert dee mir scho viru gutt zwee Joer hei am Gemengerot geschwat hunn, kann d'Aarbecht vun eisen Agents municipaux méi staark un d'Besoin vum de Gemen gen an un déi Situatioun, déi am Alldag ännert, ugepasst ginn. Dat ass wierklech e Schratt,

et accueillir les clients. Ce local devra se trouver dans le centre, mais pas à côté d'autres services administratifs.

Depuis quelques années, Differdange est confrontée à des situations sociales complexes avec des gens qui ne s'adressent plus aux services sociaux habituels. Jerry Hartung espère que les éducateurs de rue parviendront à créer un lien avec beaucoup d'entre eux.

La commune, quant à elle, signale que la situation actuelle ne lui plaît pas et qu'il faut aider les gens. Mais il ne faut pas s'attendre à des résultats rapides.

En matière de criminalité, il faudra prendre d'autres mesures. Ni la répression ni la prévention ne suffisent à elles seules. Les éducateurs de rue peuvent soutenir des personnes commettant des actes contraires aux normes sociales, mais pas des trafiquants de drogue venant à Differdange pour commettre des actes criminels. Ceux-ci ne se laisseront pas impressionner par des éducateurs de rue. C'est là que la répression devient nécessaire grâce à une augmentation de l'effectif policier et des caméras de surveillance dans les sites sensibles. Mais ces décisions dépendent du ministère compétent. Les chrétiens sociaux invitent le collège échevinal à intervenir de façon énergique.

Le projet d'éducation de rue est vraiment bon. Il va devenir un pilier de Differdange. Jerry Hartung remercie tous ceux qui l'ont mis en place.

GUY ALTMEISCH (LSAP) s'associe à ce qui vient d'être dit. Comme l'a signalé monsieur Hartung, l'éducation de rue ne va pas améliorer la situation à 100 %. Il s'agit d'un élément parmi beaucoup d'autres contribuant au sentiment de sécurité.

Les socialistes saluent les discussions nationales sur l'élargissement des compétences des agents municipaux. Cela permettra d'adapter leur travail aux besoins de Differdange.

3. Actes et conventions

Guy Altmeisch avait noté quelques questions, mais il constate que ses collègues y ont déjà répondu.

ALI RUCKERT (KPL) annonce qu'il approuvera ce projet d'éducation de rue. On a beaucoup parlé de sécurité, mais derrière se cache en fait une question sociale. Recruter des éducateurs de rue est synonyme d'échec. Ni l'école ni notre société n'ont été en mesure de proposer un avenir à ces personnes — souvent des jeunes sans emploi. Cette question sociale entraîne d'autres questions qui ne peuvent pas être résolues, car la question sociale ne l'est pas non plus.

Certes, on peut augmenter la présence policière et améliorer l'éclairage dans le parc. C'est bien, mais cela ne résoudra pas le problème, qui risque de se déplacer.

Ali Ruckert demande combien de jeunes vont être encadrés. Le collègue échevinal en a-t-il une idée? Car trois éducateurs, ce n'est pas rien.

Pourquoi a-t-il fallu aussi longtemps pour mettre en place ce projet et pour recruter des éducateurs? Pourquoi le collègue échevinal a-t-il choisi Caritas comme gestionnaire? La commune n'aurait-elle pas pu s'en occuper seule? Dans d'autres domaines, elle intervient seule.

Ali Ruckert signale par ailleurs que les problèmes sociaux ne touchent pas que les jeunes dans le centre-ville. La pauvreté croît à Differdange, et pas seulement à cause de la pandémie. Ali Ruckert a entendu dire que de plus en plus de Differdangeois vont manger à Esch dans les locaux de Stëmm vun der Strooss. Ils n'ont donc pas les moyens de manger autrement. Ne pourrait-on pas ouvrir une structure similaire à Differdange?

TOM ULVELING (CSV) demande à monsieur Ruckert s'il a terminé.

ALI RUCKERT (KPL) répond qu'il a fini pour le moment.

(Rires)

wou mer wierklech ee Meter méi zur Sécherheet maachen. De Streetworker bréngt een Deel dozou.

Déi Froen, déi ech mer nach opgeschriwwen hat, sinn deelweis scho vun de Kolleegeen hei am Gemengerot gestallt ginn. Dofir soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Altmeisch. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Schäffen, léif Kollege vum Gemengerot, ech wëll soen, dass ech als Vertriebler vun der Kommunistescher Partei deem Projet zoustëmmen, fir dass eis Streetworker aktiv ginn. Et ass elo vill vu Sécherheet geschwat ginn. Mee hannert där Fro vun der Sécherheet, verstoppt sech an éischter Linn déi sozial Fro. Wa mer Streetworker astellen, dann ass dat an engem gewësse Sënn awer schonn eng Failliteerklärung.

Eng Failliteerklärung, well weeder d'Schoul nach d'Gesellschaft an der Lag ass, deene Leit, ëm déi et do geet, eng Zukunft ze ginn. Besonnesch och, well et sech ëm eng ganz Rëtsch Jugendlech handelt, déi keng Aarbecht hunn. Et ass also eng Sozialfro. An aus där Sozialfro ergi sech eng ganz Rëtsch aner Froen, déi awer schlussendlech net geléist ginn, wann net déi Sozialfro geléist gëtt. Et kann een natierlech méi Polizisten dohinner stellen. Et kann een derfir suergen, dass et méi hell gëtt am Park. Dat ass alles schéin a gutt. Mee dat wäert de Problem net léisen. Da gëtt e vläicht verlagert. Mee et ass keng Léisung do.

Ech wollt froen: Ëm wéi vill jonk Leit handelt et sech schlussendlech, déi do kéinte betreit ginn? Gëtt et eng Virstellung? Well wann dräi Leit agestellt ginn, dann ass dat jo schonn e gewëssenen Ëmfang.

Déi zweet Fro, déi ech hätt: Firwat huet et esou laang gedauert? Firwat huet et jorelaang gedauert, dass mer elo op deem Punkt sinn, dass mer elo endlech Leit astellen?

Déi drëtt Fro ass: Firwat gëtt dat mat Caritas gemaach? Firwat mécht d'Gemeng dat net eleng? Wéi se och aner Saachen eleng mécht. Firwat muss d'Caritas mat an d'Spill kommen?

An da wollt ech, am Zesammenhang vu soziale Problemer, déi mer jo hunn an déi dann och op gewësse Punkten zum Ausdrock kommen, drop hiweisen, dass dee soziale Problem net nëmmen eng Rei Jugendlecher betrëfft, déi am Zentrum vun der Stad erëmzefanne sinn. Et stellt ee fest, generell, dass d'Aarmut zu Déifferdeng wüsst. Net eleng duerch déi Pandemie, déi mer hunn, mee och duerch déi sozial Ëmstänn, déi mer scho virun der Kris hatten.

An et stellt ee fest, dass zum Beispill eng Rei Leit, wéi ech mer dat soe gelooss hunn, ëmmer méi Leit vun Déifferdeng, op Esch an d'Stëmm vun der Strooss ginn, fir mëttes do ze iessen. Déi also mol net d'Moyenen hunn, fir sech normal kënnen ze ernären, an dann dohinner ginn, fir zu engem bëllege Präis, wat jo ganz gutt ass, iwwerhaupt eng waarm Zopp ze kréien. Do hunn ech mer d'Fro gestallt: Gëtt et keng Iwwerleeungen – wann net, da kéint een déi vläicht ugoen –, fir och zu Déifferdeng esou eng Struktur opzemaachen? Vu dass et och hei ëmmer méi där Leit gëtt, déi vun esou enger Struktur kéinte profitieren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

War dat alles, Här Ruckert?

ALI RUCKERT (KPL):

Fir de Moment, jo.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Okay.

(Gelaachs)

Här Bertinelli, wannechgelift.

3. Actes et conventions

FRED BERTINELLI (LSAP):

Schéine gudden Dag, där léif Leit, ech wollt e puer Saachen ergänzen, déi mer relativ wichteg schéngen, well mer hei iwwer e puer Saache scho jorelaang schwätzen, dat heescht déi Streetworker. Ech wëll betounen, datt déi Streetworker net nëmmen do, fir Jugendliche a Leit, déi Problemer mam Gesetz hunn oder drogenofhängeg sinn. Mee déi hunn och eng berodend Funktioun. Dat geet vu Schoulofgänger bis Jonker, déi keng Wunneng hunn. Déi hunn eng berodend Funktioun. Dat ass net nëmmen eleng um Punkt Sécherheet ze gesinn. Dem Streetworker seng Aarbecht ass vill méi, duerch d'Gesellschaft erduerch, wéi nëmme Sécherheet an Drogekonsum.

Ech begrëssen, datt de Schäfte virgesinn huet, fir dee Kontrakt à durée déterminé ze maachen. Dat heescht, net iwwert déi Zäit ewech ze goen, wat den Datum ugeet. Well mer gesinn, national ass am Moment eng riseg Diskussioun amgaang, wat dat doten ugeet.

De Syvicol, d'Chamber sinn abegräff. Soudatt deemnächst, ech mengen, do d'Gesetzer wäerten änneren, wat déi Struktur ugeet. D'LSAP war ëmmer derfir, fir méi iwwert de Wee vun der Gemeng an eise Jonge vun de Pecherten ze fueren. Datt d'Kompetenz sollt erweidert ginn. Wann dat bis zustane kënn, huet een duerno zwou Mécke mat engem Schlag.

Ech wollt dem Schäfte Merci soen. Dat ass eppes, woufir d'LSAP scho jorelaang kämpft, datt mer Streetworker kréien. Dat war jo ni méiglech, well de virege Buergermeeschter ni domat d'accord war, fir Streetworker anzustellen, an datt mer et elo fäerdegbréngen, Streetworker ze kréien. Ech mengen, datt mer domadder schonn ee Meter weiderkommen. Mir fuerderen dat scho jorelaang. An elo endlech geschitt et. Doriwwer si mer frou. A mir soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Bertinelli. Ass nach een, deen eng Fro stelle wëll? Nee. Da géif ech op e puer Froen äntweren.

Zënter zwee Méint schaffe mer am Park. D'Beliichtung huet musse bestallt ginn. Déi ass elo installéiert. An et wäerten der nach installéiert ginn. Et kann een net soen, mir hätten näischt gemaach. Et muss een natierlech ëmmer waarden, bis een déi néideg Luuchten erbäikritt.

Zum Här Ruckert. Effektiv ass et schlëmm, dass d'Leit musse bis op Esch bei d'Stëmm vun der Strooss goen, wa se näischt ze iessen an ze drénken hunn. Mir hunn dat schonn am Schäfferot diskutéiert. Mir hu geduecht, mat deenen Iwwerreschter aus de Kantinnen, misst ee kéinten eppes maachen. An do schéngt et awer esou ze sinn, dass d'Legislatioun relativ strikt ass, mat hin an hier an esou weider. Mee dat wär vläicht eng Pist, déi een emol nach weider verfolge kéint, fir mat deene Saachen, wat een do u Surplus huet, ob een net eppes kéint domat maachen. Fir de Rescht, géif ech dem Här Mangen d'Wuert ginn.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Ulveling. Et ass gesot ginn, datt et virun allem e soziale Problem ass. Streetwork bitt keng 100 % Sécherheet, dat hunn ech och betount. Do mussen aner Moosname geholl ginn.

Firwat Caritas. Mee d'Caritas, déi hu laang Erfahrung, och an der Stad Lëtzebuerg. Mir hunn och aner Servicer ugesprach. Mir hunn och mat deene geschwat. Och verschidde Bedéngunge gestallt, déi se sollten erfëllen. Et muss een eebe Leit fannen, déi relativ schnell asprange kënnen, fir dat ze maachen. Dat war bei deenen aneren Associatiounen net de Fall. Déi hätten d'Zäit net, do hätte mer missen erëm ee bis zwee Joer waarden. D'Offer vu Caritas, déi war ganz breet gefächert. A wéinst hirer Erfahrung hu mer zougestëmmt.

Mir wollte weeder als Office social nach als Stad Déifferdeng Leit selwer astellen. Weeder deen een nach deen aneren huet déi néideg Anung, wéi Streetwork soll oflafen. Et ass e speziell Gebitt. Ech mengen, do soll ee scho Leit huelen, déi Erfahrung an deene Saachen hunn. An dofir hu mer Caritas fräie Laf gelooss. Si sinn zoustänneg fir d'Leit. Och zum Beispill, wann elo een

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle qu'il est question d'éducation de rue depuis des années. Les éducateurs de rue n'interviennent pas seulement auprès des jeunes, des criminels ou des drogués. Ce sont aussi des conseillers pour les jeunes ayant abandonné l'école ou les sans-abri. Il ne faut pas réduire leur travail à une question de sécurité.

Fred Bertinelli salue le fait que leurs contrats soient à durée déterminée. Car sur le plan national, de grands débats sont en cours autour de ces questions. Le Syvicol et la Chambre des députés y participent. Fred Bertinelli suppose que les lois vont changer. Les socialistes ont toujours été d'avis qu'il fallait élargir les compétences des agents municipaux. Cela permettrait de faire d'une pierre deux coups.

Le conseiller communal remercie le collège échevinal pour ce projet que le LSAP demande depuis des années. Le bourgmestre précédent ne voulait pas recruter d'éducateurs de rue. C'est bien que les choses aient changé. Fred Bertinelli se dit content.

TOM ULVELING (CSV) va répondre à une partie des questions. Depuis deux mois, des travaux sont en cours dans le parc. Il a fallu commander l'éclairage. Une partie a été installée. On ne peut donc pas dire que rien n'a été fait. Mais il a fallu attendre que les lumières soient livrées,

Tom Ulveling donne raison à monsieur Ruckert. Il est grave que des Differdangeois doivent aller manger à Esch auprès de Stëmm vun der Strooss. Le collège échevinal pensait pouvoir utiliser les restes des cantines. Mais la législation est stricte. Le collège échevinal continue de réfléchir à la question.

ROBERT MANGEN (CSV) revient sur la question sociale. L'éducation de rue ne peut pas résoudre les problèmes entièrement. Des mesures complémentaires sont nécessaires. Caritas a une longue expérience dans l'éducation de rue. Le collège échevinal a aussi contacté d'autres services, mais ils ne remplissaient pas les conditions. Il aurait notamment fallu attendre jusqu'à deux ans pour mettre en place le projet.

3. Actes et conventions

La Ville de Differdange et l'office social n'ont pas les compétences nécessaires pour gérer un projet d'éducation de rue. C'est pourquoi Caritas s'est occupée des recrutements. Ils sont payés pour gérer le projet. La commune n'a donc pas participé au processus de recrutement. Il se pourrait par ailleurs que l'un ou l'autre de ces éducateurs travaille actuellement à Luxembourg-ville.

Monsieur Ulveling a répondu à la question sur l'éclairage.

La commune a engagé une agence de sécurité il y a un an et demi. Robert Mangen estime qu'il faut attendre la fin des débats et comprendre quelles sont les intentions du ministère. Le ministère public a demandé à la Ville de Differdange le contrat qui a été conclu avec l'agence de sécurité. Il faut attendre l'évaluation.

L'éducation de rue n'est qu'une partie du concept. L'objectif est de sortir les jeunes de la rue. Cependant, les adultes sont aussi concernés. Il faudra analyser les situations et intervenir si nécessaire.

Madame Pregno s'occupe du développement urbain autour du parc. Le collège échevinal a discuté notamment des garages, un site où a lieu du trafic de drogue. La Ville de Differdange veut racheter ces garages. Elle collabore aussi avec les CFL à un projet d'aménagement d'une gare ou d'un quai pour animer les lieux.

Il faut aussi s'occuper des maisons vides autour du parc. Les trafiquants de drogue n'aiment pas qu'il y ait du monde. Le risque est qu'ils se déplacent ailleurs. Mais la commune devra réagir à ce moment-là. En tout cas, le collège échevinal essaie d'acquérir les garages et les maisons en question.

TOM ULVELING (CSV) estime que tout le monde a compris que ce problème compte de multiples facettes. Mais il faut commencer quelque part.

(Vote)

Tom Ulveling passe au point 3 I, des avenants aux contrats du 1535°. La société Sonic Invasion a changé de nom et s'appelle maintenant Mad Trix. Ils sont actifs dans

ausfällt oder esou, musste se dat ersetzen. A si këmmere sech ëm de Service.

Si kruten den Auftrag, wat se ze maachen hunn. Si ginn dofir bezuelt. A si musste sech dann dorëm këmmen. Et ass aus där Ursaach, wou mer net um Rekrutement deelhuelen. Mer wéissten och net, wie mer do sollten huelen. Och mat där néideger Erfahrung. An et ka sinn, dass déi Leit, déi bei Caritas elo engagéiert sinn, vläicht deen een oder deen aneren aus der Stad Lëtzebuerg ass, dass se een ofzweigen, dass dee kann op Déifferdeng kommen. Do hu mer hinne fräie Laf gelooss.

Vum Éclairage, dat huet den Här Ulveling scho gesot.

D'privat Sécherheitsfirma. Dat ass eng ganz interessant Diskussioun. Mir maachen dat als Stad Déifferdeng scho säit annerhallwem Joer. Do war am Ufank keng Diskussioun. Déi ass opgetrueden, wéi et an der Stad Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Ech sinn der Meinung, mir waarden elo of, wat d'Diskussionen erginn. Wéi ech gelies hunn, dass och vum Ministère aus kéint diskutéiert ginn, dass déi vläicht och kéinten deelweis agesat ginn – also ech waarden elo mol of, wéi et geet. De Kontrakt, dee mir mat der Sécherheitsfirma hunn, hu mer der Staatsanwaltschaft ginn. Deen ass gefrot ginn. Dat ass amgaangen ënnersicht ze ginn. Lo waarde mer of, wat bei deem Resultat erauskënnt.

Gesamtkonzept, dat hat ech jo scho gesot. Streetwork ass jo nëmmen een Deel vum Konzept. Vläicht net onbedéngt mat der Sécherheet, mee haaptsächlech d'Jugendlecher, dass mer déi vun der Strooss kréien, dass déi eng Perspektiv hunn. Mee, wéi ech dat och gesot hunn, et sinn net nëmme Jugendlecher. Et sinn och eeler Leit, déi a Fro kommen, déi am Park sinn. An déi ginn och deelweis matbetreit. Do solle mer och kucken, wéi d'Situatioun bei hinnen ass, dass mer hinnen och behëlleflech sinn.

D'Gesamtkonzept, do ass d'Madam Pregno amgaang, sech drëm ze këmmen, dass ass déi ganz urbanistesche Entwécklung ronderëm de Park. Mir haten et schonn ugeschwat, déi Garagen, déi do stinn. Dat ass en donkelen Eck. Do zéie se sech deelweis zréck, fir hir Drogeschäfte ze maachen. Mer versi-

chen, déi Garagen opzekafen, dass déi ofgerappt ginn, fir eppes aneschtens dohin ze bauen. Mat der CFL si mer amgaang, fir eventuell eng Gare oder e Quai an där Géigend ze maachen. Dass dat e bësse méi belieft gëtt.

Och déi Haiser, déi eidel stinn, ronderëm dem Parc Gerlache, dass mer déi och erëm zum Liewen erwächen. Dass méi Liewen an de Quartier kënnt. Wat méi Leit ronderëm lafen, wat natierlech déi Leit, déi fir d'Drogen zoustänneg sinn – déi hunn net gären, wa vill Publikum ronderëm laanschtgeet. Wann een déi Plazen entschäerft, huet ee scho vill erreecht. D'Problematik bleift. Ech mengen, déi ginn da vläicht enzwousch aneschtens. Mir mussen da kucken, wou se higinn, dass een do kontersteiert.

Mir sinn amgaang, dass nach weiderzeentwéckelen. Dat brauch natierlech Zäit. Et muss een och kucken, déi Haiser oder déi Garagen, dass een déi och kritt. Wou dann och e finanzielle Rateschwanz drunhänkt. Mee mer sinn amgaang, dass weiderzeentwéckelen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Mangen. Ech mengen, mir hunn all begraff, dass dat e Problem ass mat ville Facetten, deen net liicht ze léisen ass. Iergendwou muss een den Hiewel usetzen. An dat maache mer heimat. Ech géif dann elo zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec l'office social et l'ASBL Caritas concernant le projet Streetwork Differdange.

Mir wärend um Punkt 3I. Dat sinn Avenanten zu Kontrakter vum 1535°. Et geet engersäits ëm en Avenant vun der Sociéit Mad Trix. Si huet hiren Numm vu Sonic Invasion op Mad Trix geännert. Dofir gouf en neien Avenant festgehalten, well se, wéi gesot, en aneren Numm huet. Si schaffen am Beräich Audio a Video, mat enger Spezialisatioun fir interaktiv Medien.

4. Avenue du Parc-des-Sports

Dann den Avenant Mental! E Sports-magasinn. Am Avenant ass e Change-ment vum Tarif vu sechs Euro op 12 Euro. Si hunn duerch eng Partnerschaft mat enger anerer Firma, déi net am 1535° ass, elo néng Leit do schaffen. Fir Rappel: De Changement vum Tarif gräift ab dem 5. Emploi.

Dann hu mer reng Resiliatioun vum Kontrakt, dat war gewosst, vum Büro vun 2022. Déi sinn op de Belval geplänert. Dofir hunn déi resiliéiert.

An dann d'Resiliatioun vum Donatella Massoli vu ForMe. D'Madamm huet resiliéiert, well si hir Entreprise duerch de Covid net esou entwéckele konnt, wéi si sech dat virgestallt huet, mat Kollaboratiounen a Workshopen. An esou elo keng richteg Plus-value méi gesäit, fir am 1535° ze bleiwen.

Dat misste mer also dann alles hei gutt-heeschen.

Si Froen dozou? Nee. Da kënnen mer driwwer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les avenants à des baux existants au 1535° Creative Hub.

Da kéime mer zum Punkt 4, de Plan d'aménagement particulier. Dat ass an der Rue Parc des Sports. Ech géif der Madamm Pregno d'Wuert ginn, fir eis dat e bëssen ze explizéieren.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci Här Ulveling. Am PAP an der Avenue Parc des Sports handelt et sech ëm eng Parzell vun e bësse méi wéi engem Ar, also 1,04 Ar. Am ale PAG war et e Mischgebiet. An deem neien, dee mer an d'Prozedur geschéckt hunn, ass et eng HAB-1 Nouveau quartier.

De PAP gesäit e Bau vun engem Eefamillienhaus vir. Et brauch een zwou Derogatiounen. Eng Kéier, well d'Parzell erlaabt kee Recul no hannen ze hunn. Déi zweet Derogatioun ass e Carport, wou uewen op den Daach vun deem Carport géif eng Terrass kommen. Am Haus ass keng Garage

méiglech. Et ass ze kleng. Esou kéint een dann aus de Pièces à vivre um éischte Stack, direkt vun där Terrass profitéieren.

Am Dossier hutt Der den Avis vun der Cellule d'évaluation vum Ministère, wou eng ganz Rei Kriticken avancéiert ginn. Ënner anerem och eng méi grouss, wat de Gabarit ugeet. Well – Dir hutt Iech bestëmmt d'Fotoen an d'Haiser aus der Ëmgéigend ugekuckt – lénks ass keng Upassung un de Gabarit vun deem Haus niewendrun, wat méi héich ass, virgesinn. Et ass net méiglech, en zousätzleche Stack dropzebauen. Soudass d'Propos vun der Cellule wär, fir do e Sockel ze maachen, fir de Gabarit unzepassen.

D'Propos ass ugeholl ginn an awer verännert ginn, fir dass ee Meter eng Upassung gemaach gëtt, déi op verschidde Stäck da verdeelt gëtt. Soudass d'Zëmmer méi héich sinn an een net muss e puer Träpchen eropgoen, fir an d'Haus eranzegoen.

Gëschter am Nomëtten ass den Avis vun der Bautekommissioun verschéckt ginn. Dee misst Der alleguete kritt hunn. Do huet de PAP en Avis négatif kritt. D'Bautekommissioun kritiséiert, dass déi Bande de stationnement, déi aktuell dräi Parkplaze quasi mécht, ganz ewechgeholl géif ginn.

Et ass esou, dass dat am PAP net gereegelt ass. Eng Bande de stationnement ass eng ëffentlech Plaz. Dat gëtt herno mat der Konventioun tëschent dem PAP an der Gemeng gereegelt. Mir müssen eis bewusst sinn, dass all Kéier, wa gebaut gëtt – an et gëtt jo u sech mat Parkraum oder mat Parkméiglechkeet gebaut –, am ëffentleche Parkraum einfach Parkplaze verschwannen. Dat ass ëmmer de Fall.

Hei steet och net am PAP, dass alles verschwënnt. Et ass eebe just esou, dass dat, wat muss verschwannen, fir dass en Accès an d'Haus an an de Carport garantéiert ass, dat ass keng konventionell Parkplaz méi. Dat, wat herno iwwreg bleift, sinn 3,70 m. Do ass dann dat net méi méiglech. Dat ass kloer esou.

Do muss ee sech dann iwwerleeën, wat een herno mat deem Raum, deem do iwwreg bleift, mécht. Zum Beispill géif

l'audio et la vidéo et se spécialisent dans les médias interactifs.

Le loyer du magazine de sport Mental passe de 6 € à 12 €. Ils sont devenus partenaires d'une société ne se trouvant pas au 1535°.

Esch2022 résilie son contrat comme prévu.

Donatella Massoli de ForMe résilie aussi son contrat. Sa société ne s'est pas développée comme prévu à cause de la COVID-19. Elle ne voyait pas de plus-value à rester au 1535°.

(Votes)

Tom Ulveling passe au point 4, un PAP dans la rue du Parc-des-Sports.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) explique qu'il s'agit d'une parcelle de 1,04 a. L'ancien PAG la désignait comme zone mixte. Elle devient une zone HAB-1 nouveau quartier. Le PAP prévoit la construction d'une maison unifamiliale. Il faut deux dérogations, parce que la parcelle ne permet pas de recul et parce qu'il faut aménager un auvent avec une terrasse. La maison est trop petite pour aménager un garage.

Le dossier contient un avis de la cellule d'évaluation du ministère avec une série de critiques — notamment en ce qui concerne le gabarit. La maison sur la gauche est plus haute. Or il n'est pas possible de construire un étage supplémentaire.

C'est pourquoi la Cellule a proposé de construire la maison sur un socle. Finalement, on a décidé de répartir la différence d'un mètre de hauteur sur les différents étages. De cette façon, il ne sera pas nécessaire de monter des marches pour entrer. Hier, la commission des bâtisses a remis un avis négatif. Les conseillers communaux devraient tous l'avoir reçu. La commission regrette que la bande de stationnement de trois places soit supprimée. Laura Pregno précise que les bandes de stationnement sont des espaces publics réglés par une convention. Lorsqu'on construit un immeuble, il y a toujours des places qui disparaissent. Dans ce cas-ci, il faut garantir un accès à la maison et à l'auvent. Il ne restera donc plus que 3,70 m. Il faudra voir quoi en faire. Comme des espaces verts

4. Avenue du Parc-des-Sports

vont aussi disparaître, Laura Pregno propose d'y planter quelques arbres ou des haies.

Oui, des places de stationnement vont disparaître, mais c'est inévitable quand on construit. D'autres sites sont concernés par le même problème.

ERNY MULLER (LSAP) *n'est pas satisfait. Le PAP devient une formule pour contourner le règlement des bâtisses.*

Dans ce projet-ci, la distance avec le terrain du voisin sur le côté est de 1,9 m. Or le règlement des bâtisses en prévoit trois.

Le terrain faisant 1,04 a, la surface construite brute peut monter à 104 m² sur deux niveaux. C'est ce qui explique la différence de hauteur par rapport à la maison voisine et par conséquent l'avis négatif de la Commission d'évaluation de l'Intérieur concernant le gabarit.

Erny Muller se demandait quelle serait la position du collègue échevinal. Celui-ci a répondu qu'il était d'accord. Toutefois, la prise de position du collègue échevinal concernant l'avis de la Commission ne figure pas dans le dossier des conseillers communaux. Le collègue échevinal a fourni des explications aujourd'hui, mais l'avis manque.

La commission des bâtisses, dont Erny Muller est membre, s'inquiète de la question du stationnement. Un premier plan indique qu'il est interdit de stationner sur toute la longueur de la maison. Sur un deuxième plan, l'interdiction ne porte que sur les 3,5 m permettant d'accéder à l'auvent, ce qui est évident. Mais il reste un espace vert au bout du terrain sur lequel on pourrait aménager une place. C'est à la commission de la mobilité d'évaluer comment procéder.

La commission des bâtisses a également constaté un autre problème récurrent. Le service urbanisme et le service des bâtisses sont séparés. Mais la commission traite aussi bien des questions d'urbanisme que du bâtiment. L'échevin responsable devrait trouver une solution pour les projets concernant à la fois le PAG et un PAP. Erny Muller n'a pas obtenu des réponses satisfaisantes à ces questions parce que

mir elo an de Kapp kommen, et si jo eng ganz Rei Hecken, déi do verschwannen, dat heescht och Gréngfläch, dass een déi Fläch, déi do iwwreg bleift, zum Beispill als Gréngfläch kéint notzen an e puer méi niddreg Beem oder Hecken oder oder oder do kéint upplanzen. Soudass een dee Milieu op eng aner Aart a Weis valoriséiert hätt.

Natierlech ass Parkraum verluer. Mee bon, dat ass eeben ëmmer esou, wann een enzwousch baut. Dat hu mer och op ganz villen anere Plazen hei an dëser Gemeng.

Ech ka mer virstellen, dass dozou e puer Froe kommen. Ech soen Iech op jidde Fall mol Merci fir d'Nolauschteren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci fir d'Explikatiounen. Ganz interessant. Den Här Muller wëll eppes dozou soen.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci Schäffe fir faisant fonction. Dëse Projet ass net ganz glécklech. Mir stellen alt erëm fest, dass e PAP déi gëeegent Formel ass, fir d'Bautereglement ze ëmgoen. A si ass souguer legal. Dëse Projet ass net deen éischten, deen op dës Manéier an eiser Gemeng validéiert gëtt. Mir hunn zum Beispill hei mat dësem Projet e Säitenofstand zum Noper vun nëmme 1,9 m. Wat am Bautereglement 3 m sinn. Allerdéngs ass den Ofstand tëschent den Deeler vun Noper ganzer 3,67 m. Dat anert ass den Ofstand zum Terrain. Mee wéi gesot d'Bautereglement schreift 3 m vir! Hei ëmgi mer dat.

Well den Terrain awer och nëmme 1,04 Ar huet, kann am Ganzen hei eng Surface construite brute vun 104 m² opgeriicht ginn. An dat op zwee Niveauen als Maison unifamiliale. Dir hutt et scho gesot, Madamm Pregno.

Et ergëtt sech doduerch e groussen Niveausënnerscheed zum Nopeschhaus. Dofir och d'Objektioun am Avis vun der Commission d'évaluation vum Intérieur, déi e Problem mat dem Gabarit do gesinn.

Meng Fro hutt Dir beäntwert, meng Fro war: Wéi ass d'Positioun vum Schäfferot zu dëser Objektioun? Dir hutt jo elo gesot, wat Der do wëllt maachen. Mee normalerweis hu mer déi Äntwert, déi d'Kommissioun kritt, och am Dossier leien. Dat heescht den Avis vum Schäfferot betreffend d'Positioun zu den Objektiounen vun der Kommissioun. Deen ass awer net am Dossier. Ech wëll Iech dat nëmme just soen. Dir hutt eis jo elo d'Erklärung ginn, mee a sech misst den Avis draleien.

Déi aner Objektioun vun der Bautekommissioun, wou ech och Member sinn, dat ass déi vum Parkraum. Ech hu mer dat ugekuckt. Ech hunn zwee Pläng gesinn. Dir kënnt dat vläicht eng Kéier nokucken. An engem éischte Plang war iwwert déi ganz Längt, wou d'Haus opgeriicht gëtt, Parkverbuet. Suppression stoung do einfach vum Stationnement laanscht d'Gebai.

Ech hunn awer een zweete Plang gesinn, deen e bësse méi nei ass, huelen ech un, do ass just déi Bande de stationnement verbueden, déi 3,5 m, wou et an de Carport geet. Ech mengen, dat ass jo kloer an evident. Do muss jo fräi bleiwen. Dat ass eeben esou, wann do gebaut gëtt. An do kéint een awer vläicht nach – do ass jo eng Gréngfläch, déi deen Terrain ofschléisst, wou kéint vläicht en Auto parken, dat ass ze kucken. Dat soll iwwert d'Verkéisereglement, iwwert d'Commission de mobilité gekläert ginn, wéi dat mat deem Parkraum herno definitiv ausfällt. Mee et soll ee probéieren, esou vill wéi méiglech Parkraum do ze loossen.

Hei ass elo mat der Bautekommissioun nach e kleng Problem opgetaucht, mee et ass net déi éischte Kéier, wou dat virkënnt. Zemoos wa mer iwwer Projekte vu PAG a PAP schwätzen. Dir wësst jo, dass d'Servicer opgespléckt gi sinn, dat heescht tëschent dem Urbanismus-Büro an dem Büro vun de Bauten, proprement dit. Mir sinn awer eng Kommissioun. D'Bautekommissioun ass eng Kommissioun, déi zwou Fakultéiten huet: Bâtiment an den Urbanisme.

Do misste mer vläicht eng Léisung fanen, um Niveau vum responsabele Schäffen oder Schäffin, fir ze kucken, wéi een dat an Zukunft ugeet. Wa Projeten dobäi sinn, déi de PAG / PAP betreffen, dass dann awer och deen Deel

4. Avenue du Parc-des-Sports

vertrueden ass, an dass mer do kënnen Explikatiounen kréien. Ech hunn dat erwänt, well ech den Dossier jo hat, an do konnt kee mer eng Äntwert op iergendeppes ginn, well déi Leit, net kompetent sinn an och net informéiert iwwert dat, wat um Niveau vum PAG / PAP geschitt. Do musse mer, wéi gesot, eng Léisung fannen.

Wat de PAP vun haut ubelaangt, esou mengen ech, hu mer keen anere Choix wéi dësen ze stëmmen. En ass jo och approvéeiert gi vun dem Interieur. Mee awer schwéieren Härzens. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Muller. Ass nach een, deen eng Wuertmeldung huet? Den Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Effektiv, wéi den Här Muller gesot huet, et ass vläicht en ongewinnte PAP, well et éischtens eng ganz kleng Surface ass. Ech géif awer elo net soen, dass de PAP de Moyen wär, fir d'Bauteglement ze ëmgoen. Här Muller, Dir waart selwer Bauteschäffen. An ech war och an deem Domän tätig. Dir wësst, dass e PAP eigentlech jo och do ass, fir e Bauteglement, wat starr réglementatif ass, fir situatiounsgerecht eventuell eppes kënnen ze maachen. Dat ass jo och de Sënn an Zweck vun engem PAP. An deem Fall hei gëtt en Eefamilljenhaus gebaut an enger Strooss, wou grouss Gabarite sinn.

Ech hunn den Avis vum Ministère de l'Intérieur oder vun der Cellule e bëssen anescht gelies wéi Dir. Do ass keng Objektion dran. Den Avis ass unanime gestëmmt ginn. Et ass just eng Remark dran zu den Niveaue, dass een do sollt probéieren, dat ze alignéieren. Wat ech awer och verstinn. Soss kritt een e bëssen e komescht Bild. Duerfir gesinn ech elo kee gréissere Problem.

Och wann et ongewinnt ass, dass ee fir esou eng kleng Parzell muss dee schwéiere laangwierige Wee vun engem PAP goen, ass dat awer heiansdo déi eenzeg Méiglechkeet, fir eppes ze realiséieren, wann de Schäffen- an de Gemengerot et fir sënnvoll gesäit. Ech ge-

sinn elo net, dass ee mat engem PAP d'Bauteglement, wéi Dir dat vläicht uklänge gelooss hutt, géif aushiewelen. Mee ech gesinn et éischter, dass ee Situatiounen ka behiewen, déi duerch d'Bauteglement eeben net machbar sinn.

Et ass e klengen Dossier. Mir hunn awer kee Problem als Gréng, fir deen ze stëmmen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech hunn net verstanen, Här Muller, wou Der e bësse kritiséiert hutt, do wäert verschidde Servicer, déi net richtig representéiert wäeren. Also wéi ech et verstanen hunn, ass Urbanismus, wéi d'Baugeneemegungen, wéi d'Circulation alles an engem Schäfte senger Hand. An dat anert ass Hoch- und Tiefbau, wat net direkt mat dësen Saachen ze dinn huet. Ausser wa Projete vun der Gemeng do sinn. An da kënnen jo Leit dat presentéieren kommen, déi dovunner wëssen. Ech hunn dat net esou richtig verstanen, wat Der do wollt soen.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech kann Iech dat nach eng Kéier erklären. Also um Niveau vun de Servicer ass dat komplett getrennt. Net um Niveau vun der politescher Säit, wann ech dat elo richtig gesinn. D'Madamm Pregno ass jo fir déi zwou zoustänneg. Et muss een och soen, an der Vergaangenheet ass et dat och scho ginn. Do waren an der Bautekommissioun all Kéier den Deel vum Urbanismus an den Deel vun de Baute vertrueden. Also virdrun. Elo mengen ech, muss eng Léisung fonnt ginn, wa wierklech Projeten dobäi sinn, déi de PAG / PAP betrëfft. Dass dann entweder déi aner Säit vertrueden ass oder dass eng Säit komplett informéiert ass iwwert d'Dossieren. Net méi an net manner. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Elo hunn ech et och verstanen. Dann den Här Eric Weirich, wannechgelift.

son interlocuteur n'était au courant que de sa partie du projet.

Pour ce qui est du PAP d'aujourd'hui, le conseil communal n'a pas d'autre choix que de l'approuver comme l'a fait le ministère. Mais c'est dur.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *réplique que ce PAP est exceptionnel parce que la surface est restreinte. Mais il ne pense pas que le PAP permette de contourner le règlement des bâtisses. L'objectif d'un PAP est précisément d'adapter un projet à la situation sur le terrain alors que le règlement des bâtisses est rigide. Dans ce cas-ci, il permet de construire une maison unifamiliale dans une rue où les gabarits sont grands.*

Georges Liesch ne trouve par ailleurs pas d'objections dans l'avis du ministère de l'Intérieur. Cet avis a été approuvé à l'unanimité. Toutefois, il contient une remarque concernant le fait qu'il faudrait essayer d'aligner les bâtiments.

Recourir à un PAP pour une parcelle aussi petite est rare. Mais parfois, c'est la seule façon de réaliser un projet pertinent. Un PAP n'est pas là pour contourner le règlement des bâtisses, mais pour améliorer des situations quand le règlement des bâtisses ne le permet pas.

TOM ULVELING (CSV) *n'a pas compris la remarque de monsieur Muller concernant les différents services. L'urbanisme, les permis de construire et la circulation sont de la compétence d'un même échevin, mais pas les bâtiments et travaux publics — qui n'ont rien à voir avec ce projet. De toute façon, le cas échéant, un spécialiste peut aller présenter le projet à la commission.*

ERNY MULLER (LSAP) *répète que les deux services sont complètement séparés même si madame Pregno s'occupe des deux ressorts. Auparavant, l'urbanisme et les bâtisses étaient tous les deux représentés au sein de la commission. Maintenant, il faudrait trouver une solution pour les projets concernant le PAG et un PAP.*

TOM ULVELING (CSV) *a compris.*

4. Avenue du Parc-des-Sports

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *apprécie le fait que l'on construise une maison sur un terrain vague. Un des problèmes du Luxembourg est que les terrains appartiennent à des particuliers. Rien qu'avec les terrains vagues, on pourrait construire des dizaines de milliers de logements.*

Eric Weirich n'a pas bien compris la question de l'indemnité compensatoire. Il est clair que dans ce cas-ci, 25 % du terrain ne pourront pas être cédés à la commune. Or d'après le dossier, le conseil communal doit dument motiver pourquoi il renonce à cette indemnité. Est-ce le cas ?

TOM ULVELING (CSV) *répond que cette question sera réglée dans la convention. Mais comme l'a souligné monsieur Weirich, si l'on re-tranche 25 % du terrain, il ne restera plus de place pour construire un immeuble.*

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *suppose qu'il s'agit de la convention du PAP.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *revient sur les propos de madame Pregno concernant la disparition de places de stationnement. Il faudrait les compenser, car il y en a tout de même trois. Si l'on regarde l'ensemble de la commune, il est question de centaines d'emplacements. La situation est critique.*

TOM ULVELING (CSV) *rétorque qu'il s'agit d'un terrain constructible. Il est évident que la place de stationnement doit disparaître pour permettre au propriétaire d'accéder à son garage.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *parlait de compensation.*

TOM ULVELING (CSV) *réplique que dans ce cas, il faudrait compenser toutes les places de stationnement. Qu'en serait-il de celles déjà disparues ?*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *ne comprend pas de quoi parle monsieur Bertinelli. Le projet est situé dans l'avenue du Parc-des-Sports, où se trouve un parc de stationnement.*

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Ulveling. Merci och der Madamm Pregno fir d'Presentatioun. Ech wollt just soen, dass dat hei e positiven Dossier ass am Sënn, dass eng Baulück bebaut gëtt. Et ass jo ganz vill de Problem zu Lëtzebuerg, dass d'Bauterrainen a Privathand sinn, dass déi net mobiliséiert ginn an esou weider an esou fort. Do kéinten am Prinzip just mat de Baulücken Zéngtausende vu Wunnunitéite kuerzfristeg entstoën. Dat heescht, dat hei ass eigentlech ze begréissen, dass mer, trotz der wierklech klenger Parzell, et awer hikréien, dass déi bebaut gëtt a Wunnraum geschafe gëtt.

Ech hunn nach éischter eng Verständnissfro par rapport zum Avis vum Intérieur. Ënnert dem Punkt Divers op der Säit 3 gëtt geschwat vun enger „Indemnité compensatoire“. Dat ass déi Geschicht mat deene 25 % an engem PAP, déi müssen un d'ëffentlech Hand ofgetruede ginn. Dass mer dat hei natierlech net maachen, dat ass jo kloer. An et steet awer och dran, dass mer dat müssen dument motivéieren als Gemengero, wa mer op déi „Indemnité compensatoire“ verzichten. Dat ass éischter eng Verständnissfro, ob ech dat elo richtig verstanen hunn, dass mer dat als Gemengero nach müssen hei festhalen oder net. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An der Konventioun hale mer dat esou fest. Mee Dir hutt et jo selwer gesot. Et ass bal, wa mer et unhuelen, et ass bal net méiglech. Wann een do nach 25 % ofzitt, da kanns de jo näischt méi opriichten.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

A wéi enger Konventioun? An der PAP-Konventioun? Okay. Dat war just fir mäi Verständnis, wou dat eebe festgehalten ass, dass mer dorobber verzichten. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Keng aner Froen? Da kéinte mer zum Vott iwwergoen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt op dat agoen, wat d'Madamm Pregno gesot huet: Wa gebaut gëtt, ass et normal, dass Parkplaze verschwannen, wann eng Garage oder en Haus dohinner kënnt. Ech mengen, et ass och normal, wa gebaut gëtt, dass Beem a Planzen an Hecke verschwannen. An da muss kompenséiert ginn. Ech sinn och der Meenung, dass hei misst kompenséiert ginn. Dat sinn dräi ëffentlech Parkplazen, déi elo do verschwannen. Déi an deem Quartier einfach fort sinn an néierens anescht kompenséiert ginn. An eiser Gemeng ass dat ganz, ganz vill de Fall. Dat sinn Honnerte vu Parkplazen, déi esou verschwannen, an et komme keng bäi. An dat gëtt ëmmer méi kritisches. Duerfir, wann op esou Plaze wéi där doter Parkplaze verschwannen, da misst een och kucken, dass een déi iergendwou anescht kompenséiert kritt. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech mengen, mir wësse jo awer, dass et sech hei ëm Bauterrain handelt. A wa virum Bauterrain, wou dee gebaut ginn ass momentanément eng Parkplaz ass, déi dann eebe muss verschwannen, well de Mann gären a säi Garage kënnt, verstinn ech jo awer.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Kompenséieren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ma da misste mer elo alleguerten – an déi, déi dat virdru gemaach hunn, déi brauchen näischt ze kompenséieren?

(Diskussiounen)

D'Madamm Pregno seet Iech dat.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech weess elo net wierklech, Här Bertinelli, wat Dir Iech virstellt, wann Der dat sot. Mir müssen awer wëssen, dass mer hei zum Beispill d'Chance hunn, dass mer an der Avenue Parc des Sports sinn. Dat ass e Quartier, dee vun engem Parkhaus profitéiert, wat wierklech

5. Règlements temporaires de circulation

ganz gönschteg ass, wann een eng Diffcard huet.

Also iergendwou alles 1:1 ze kompenséieren ass net machbar. Ech denken, dass een dat och net kann op d'Strooss kompenséieren. Well, wéi stellt Der Iech dat vir, dass do eng Parkplaz beim Haus verschwénnt an da vis-à-vis stampe mir aus dem Buedem een neie Parkraum. Dat ass absolutt net méiglech.

Wa mer dat à l'échelle vum Quartier kucken, ass hei d'Chance, dass en Aquasud do ass. Dann erfëlle mer Äre Wunsch no Kompensatioun. Dat ass jo da scho laang am Viraus erfëllt ginn.

Wat aner Quartieren ugeet, si mir eis bewosst, dass Parkraum e Problem ass. Mir sichen ëmmer no Méiglechkeete fir Parkraim. A ville Quartiere si méi grouss Parkplazen. An anerwärts müssen d'Leit awer och einfach sech bewosst sinn, dass et net méiglech ass, dass d'Effentlechkeet fir jidderengem säin Auto eng Parkplaz huet. Dat ass einfach Fakt. Wann natierlech jidderee gewëllt ass, e Vëlo ze hunn, do hu mer vill méi einfach Léisungen. Well déi huele vill manner Plaz. Villmools merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Da kéinte mer elo zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'adopter le projet d'aménagement particulier au lieudit avenue du Parc-des-Sports à Oberkorn présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de monsieur Patrick Pereira.

Da wär et nach eng Kéier un der Madamm Pregno, fir eis d'Règlements temporaires de circulation virzustellen.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Ulveling. Dir krut göschter Owend géint sechs Auer den aktualiséierten Dossier. Et ass just nach ee Reglement bäikomm zu deenen, déi scho méi laang am Dossier ware re-

spektiv ëmmer erëm an d'Diffcloud bäigesat gi sinn, soubal mer se haten.

Wéi schonn zënter enger laanger Zäit, fannt Der d'Verkéisersreglement vum Quartier Woiwer, wat souwuel d'Woiwerstrooss, d'Zolwerstrooss an zum Deel d'Cité Henri Grey betrëfft. Et ass ee Chantier, deen eis eng länger Zäit plot, well vill Aarbechte gemaach musse ginn, mat ganz groussen Trancheen, wou et net méiglech ass, d'Strooss opzehalen.

Mir wëssen, dass mer dee ganze Quartier embêteieren an dass en an enger ganz schlechter Situatioun ass, wat d'Accessibilitéit ugeet. Deels war och nach eng Deviatoun falsch gekennzeechent, well d'Branche fir op Zolwer zou war. Do war de Sens recommandé op Déifferdeng gewisen. Do si se awer dann an eng Sakgaass gefuer. Ech mengen, dat war een oder zwee Deeg. Do war einfach e Problem vun der Kommunikatioun tëschent Suessem an Déifferdeng. Entretemps ass dat gekläert.

Iwwert de leschte Weekend krute mer vill Reklamatiounen vu Bierger, déi sech beklot hunn iwwer aner Bierger, déi sech net wëssen ze behuelen. Ënner anerem, well ganz schnell gefuer ginn ass, deels am Contresens, Parkplazen zougesat gi sinn. Mir hunn eis do Renfort vun den Agenten an och vun der Police ugefrot. Anescht ass et einfach net an de Grëff ze kréien. Wann d'Leit sech net un dat halen, wat halt ass, da si mer e bësse schlecht drun.

Mir hoffen, dass mer Enn Abrëll, wann net souguer e bëssen éischter, dëse Chantier wäerte fäerdeg hunn. Mir hoffen, dass d'Leit nach e bësse Versteedemach opbréngen. Mee mir wëssen natierlech, dass dat, wéi ee sou schéi seet, d'Leit um Zännfleisch lafe léisst, wann dat net klappt.

Weider fanne mer an de Reglementer Aarbechten um Réseau, méi kleng Geschichten an der Rue des Celtes oder Aarbechten an der Rue Prommenschenkel, Bennen an der Garerstrooss oder an der Rue des Mines. Schonn zanter enger laanger Zäit begleet eis de Quartier Belair och do mam Stroossebau. Déi leedeg Diskussioun, den Abatage vun de Beem. D'Policegebaier um Contournement.

ment tout à fait abordable. Par conséquent, les compensations ont été réalisées longtemps à l'avance. En revanche, le collège échevinal est conscient que le stationnement est un problème dans d'autres quartiers et cherche des solutions. Mais les gens doivent comprendre qu'une commune ne peut pas garantir une place de stationnement à chaque résident. Ce serait bien plus facile pour des vélos.
(Vote)

TOM ULVELING (CSV) passe aux règlements temporaires de circulation.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) explique que les conseillers communaux ont reçu le dossier actualisé hier à 18 h. La plupart des règlements étaient disponibles depuis plus longtemps.

Un des règlements concerne le quartier Woiwer avec la rue de Woiwer, la rue de Soleuvre et la cité Henri-Grey. Ce chantier dure depuis longtemps. Le collège échevinal est conscient que la situation est difficile pour les riverains. En plus, une des déviations n'était pas correcte et menait à un cul-de-sac. Le problème était dû à un manque de communication entre Differdange et Sanem.

La Ville de Differdange a reçu de nombreuses réclamations concernant des citoyens ne se comportant pas comme il faut. Certains roulent trop vite; d'autres roulent en contresens; d'autres encore ne se garent pas comme il faut. Le collège échevinal a demandé le renfort des agents municipaux et de la police.

Laura Pregno espère que ce chantier sera terminé à la fin du mois d'avril ou plus tôt. Les riverains doivent se montrer patients même si c'est difficile.

Laura Pregno mentionne ensuite des travaux dans la rue des Celtes, la rue Prommenschenkel, la rue de la Gare, la rue des Mines et le quartier Belair.

Parmi les nouvelles plus chouettes figure la venue d'un cirque ce week-end sur le parking du contournement. Les mesures d'hygiène seront respectées. Ceux qui le souhaitent

5. Règlements temporaires de circulation

pourront profiter de cette belle activité.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *est content de voir que le nombre de chantiers longue durée baisse. Il se réjouit aussi d'entendre que madame Pregno a remarqué que certains chantiers semblent interminables et que cela ne représente pas une plus-value pour les riverains et les automobilistes.*

Dans ce type de chantiers, il propose de fixer dans le contrat que les travaux devront aussi avoir lieu le samedi pour raccourcir la durée de 20 %. Car actuellement, on passe d'un chantier à l'autre. Tout le monde sait que cette situation est malheureuse et espère que le chantier de la rue de Woiwer sera bientôt terminé.

Guy Altmeisch tient aussi à mentionner une situation qu'il a remarquée il y a trois jours en relation avec l'arrêt de bus dans l'avenue Charlotte en direction d'Oberkorn. Lorsque le passage à niveau s'ouvre et qu'il y a un bus, celui-ci s'arrête à l'arrêt quarante mètres plus loin. S'il y a du trafic en sens inverse, les voitures ne peuvent pas contourner le bus et des automobilistes risquent de se retrouver à l'arrêt sur la voie ferrée. Cela engendre des situations de panique surtout si l'alarme retentit et que les feux passent au rouge.

C'est pourquoi Guy Altmeisch propose de déplacer l'arrêt de bus trente ou quarante mètres plus loin. Cela permettrait d'éviter des embouteillages jusque sur la voie ferrée. Guy Altmeisch se dit surpris qu'il n'y ait pas encore eu d'accident. Quand on se retrouve dans cette situation, on a peur.

(Vote)

An eppes méi Flottes: De Weekend ass en Zirkus virgesinn um Parking Contournement, deem awer mat Corona-Hygiènesmesurë soll funktionéieren, dat heescht: Distanz op zwee Meter, eng Säit Entrée, déi aner Säit Sortie an natierlech mat Mask. Ech hoffen, dass dat klappt, dass mer vläicht och emol eis kënnen eng flott Aktivitéit de Weekend virhuelen, fir déi, déi Loscht hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mer, wéi gewinnt, déi Verkéiersreglementer ugekuckt. Ech war frou feststellen, dass d'Zuel vun de Laangzäitchantiere ferm erofgaangen ass. Ech sinn och begeeschtert, dass Dir selwer, Madamm Pregno, feststellt, dass déi Chantiere wierklech immens laang daueren, an dass Der selwer feststellt, dass dat keng Plus-value ass fir déi Leit, déi do wunnen, respektiv fir déi Leit, déi do mam Auto zirkuléieren. An dass et heiansdo en Iwwel eeben ass.

Wat ech awer kéint proposéieren, dat wier bei de Chantieren, wéi zum Beispill d'Verlängerung vun der Woiwerstrooss, do bestéing d'Méiglechkeet, wann déi Chantiere vergi ginn, an de Kontrakt schreiwen ze loosse, dass och samschdes géif geschafft ginn.

Esou kéint een d'Durée vun engem Chantier ëm ronn 20 % reduzéieren, wann ee de Samschdeg mat als Aarbechtshoraire géif eranhuelen. Wat warscheinlech vun de Leit a vun den Utilisateuren vun der Strooss immens géif begréisst ginn. Well mir sinn nach ëmmer an der Phas, wou mer vun engem Chantier an deen anere fueren. A jiddwereen heibanne weess, dass d'Situatioun an Déifferdeng net glécklech ass. Ech mengen, mer hoffen alleguer, dass et kuerzfristeg zu enger Verbesserung kënn, dass déi Chantieren – ech denken un de Woiwerwee – awer eng Kéier ofgeschloss ginn. An dass mer

erëm kënnen an den Alldag zrëckkommen.

Zum Schluss muss ech aus Drénglechkeetsgrënn op eng Situatioun opmierksam maachen, déi ech virun dräi Deeg selwer erlieft hunn. Ech huele mer d'Fräiheet, dat an de Gemengerot ze bréngen. An zwar ass dat a Relatioun mam Busarrêt an der Avenue Charlotte, wann ee vu Richtung Uewerkuer kënnt an et steet ee bei der Barrière.

D'Barrière geet op, et huet een de Malheur, dass e Bus virun engem ass, da firt deem zirka 40 m, bleift beim Arrêt stoen. Vun där anerer Säit kënnt de Verkéier. An déi Autoen, déi kréien de Bus net ëmfuer, déi Kolonn hannendru gëtt verschiebt. Dat si Situatiounen, déi léise bei de Leit, wat ech och verstinn, eng Panik aus. Well op eemol staut et zrëck bis den Auto Nummer 7, 8, an dee steet op de Gleiser.

Wann et e bësse méi laang dauert, ier d'Leit aus dem Bus klammen, kréie mer eng Situatioun, déi net méi ze geréieren ass. Wann et dann op eemol ufänkt mat Schellen an d'Lichtercher ginn un um Passage à niveau, da kënnt do Panik op. Ech kann Iech dat soen. Ech si frou, dass dat net all Dag geschitt.

Mee fir eng Léisung do ze fannen, géif ech proposéieren, dee Busarrêt, dee schonn eng Kéier verréckelt ginn ass, wou ech net d'Ursach kennen, fir deem 30-40 m méi wäit erop ze verleeën. Da kënnt een nämlech besser laanscht de Bus, an et entsteet net déi Situatioun, dass ee Réckstau bis op d'Gleiser geet. Well dat ass wierklech immens geféierlech. An et wonnert mech éierlech, dass do nach näischt geschitt ass. Ech sinn och frou doriwwer. Mee et ass eng Situatioun, wann ee se déi éischte Kéier selwer erlieft an et steet een an der File, dat ass e ganz komesch Gefill. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

6. Autorisation d'ester en justice

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Merci. Da si mer um Punkt 6. Do geet et em eng Autorisation d'ester en justice. Ech well elo just ganz kuerz soen, mir brauche jo den Accord vum Gemengerot a mir mussen et jo an d'Seance publique huelen. Ech fannen et huet awer all Mënsch Recht op eng gewëssen Dezenz. Et geet em eng Locatioun am 1535°, well Loyer net bezuelt ginn ass. Ech bieden Iech em Ären Accord, dass mer fir deen Ester en justice fir all Fro op sinn an der Non-publique.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Dir wellt eng gewëssen Diskretioun behalen. Ech well Iech awer drop opmierksam maachen, dass mir Är Proposition vum Ester en justice als LSAP net kënne Folleg leeschten, an dass mir eis wäerte bei deem Vott enthalen. Do fir gëtt et eng Partie Argumenter. Wann ech déi elo net kann hei soen, da sinn ech bereet Iech déi ...

ENG STËMM:

Ouni Numm.

ERNY MULLER (LSAP):

Ouni Numm, jo. Da kann ech Iech dat soen. Am leschte Gemengerot ass dat Lokal scho verlount ginn un en anere Locataire. Wa mer deemools als LSAP d'Hannergrënn gewosst hätten, déi mer haut wëssen, dann hätte mer deem Contrat de bail sécherlech net zougestëmmt. An deen Artist, deen do a Fro kënnt, deen ass ëmmerhin zéng Joer schonn am 1535° an en huet sécherlech Meritter, wat de Bekanntheetsgrad, och op internationalem Plang vun eise Creative Hub ubelaangt, dat sinn eiser Meenung no awer och wichteg Elementer.

Et ass natierlech dramatesch, wann en Artist – an et handelt sech mengen ech jo, an do wäerte mer eis eens sinn, bei

deem Artist net em dee mannsten – virun d'Dier gesat gëtt. Virun d'Dier gesat ass net dee richteg Begrëff. Hien huet de Kontrakt net verlängert kritt vun der Gemeng. Dat ass eng Interpretatiounssaach. Well fir de concernéierten Artist ass dat am Endeffekt dat selwecht.

Mir wëssen, dass dës Branche am Joer 2020 an nach bis haut duerch d'Pandemie, a speziell duerch Ausfäll vu Reportagen an dargläichen, vill gelidden huet. Mir wëssen awer och, dass do scho verschidde Problemer waren am Virfeld mat Loyer, déi net bezuelt gi sinn. Dat wësse mer och. Awer wat mer ganz traureg an dramatesch fannen, dass déi Affär elo um Geriicht ass, speziell an dëser Zäit, wéi gesot, wou duerch d'Pandemie esou een Artist keng Recette kann hunn. Déi setzen e ganz Joer ouni Recetten do.

A wat mer och am Dossier gesinn hunn, dass awer all Kéier, bis op dee leschte Punkt elo, ass dat vu virun ëmmer bezuelt ginn. Och wann dat vläicht e bëssen d'Nerve kascht huet vun eise Responsabele respektiv och vum Receveur. Dat kann een och verstoen an novollzéien. Mee wéi gesot, et ass vläicht e schlechten Zäitpunkt, fir elo esou een Zeechen ze setzen. An duerfir enthalte mir eis bei där Fro.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Damen an Dir Hären, ech wollt just froen: Ass de Grond bekannt, firwat déi Loyer net bezuelt gi sinn? Op wat ass dat zréckzeféieren? Weess d'Gemeng dat ganz genau? Kënnt Der eis dat soen?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wann Der erlaabt, liesen ech Iech et vir: Zënter 2012 si reegelméisseg Rappeller an derniers Avertissements vun der Gemeng geschéckt ginn. Dat waren awer méi kleng Zommen, well et méi e klen-

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à une autorisation d'ester en justice. Le collège échevinal a besoin de l'accord du conseil communal pendant la séance publique.

Il est question d'une location dans le 1535° pour laquelle le loyer n'a pas été payé. Christiane Brassel-Rausch propose de répondre aux éventuelles questions dans la séance à huis clos.

ERNY MULLER (LSAP) annonce que les socialistes s'abstiendront lors du vote. Peut-il donner ses arguments? (Interruption)

Erny Muller ne donnera pas de nom.

Lors de la dernière séance, l'espace en question a été loué à quelqu'un d'autre. Si le LSAP avait connu les dessous de l'affaire, il n'aurait pas approuvé le contrat de bail. L'artiste en question se trouve au 1535° depuis dix ans et il est connu au niveau international. Il s'agit tout de même d'éléments importants.

Il est triste de voir un artiste aussi important « mis à la porte », même si ce n'est pas la bonne expression. Son contrat n'a pas été prolongé par la commune. Mais en fin de compte, le résultat est le même.

À cause de la pandémie, les artistes ont beaucoup souffert en 2020. Dans ce cas-ci, les problèmes de loyer remontent à avant la crise. Mais la situation est tout de même triste et dramatique — particulièrement en ce moment, où certains artistes n'ont plus de revenus.

Erny Muller signale que l'artiste en question a presque toujours fini par régler son loyer, même si la responsable du 1535° et le receveur ont failli perdre patience à plusieurs reprises. Il comprend tout cela, mais il trouve que le moment est mal choisi. Les socialistes s'abstiendront.

ALI RUCKERT (KPL) demande à la bourgmestre si elle sait pourquoi les loyers n'ont pas été versés.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

répond que depuis 2012, la commune a envoyé des rappels et des avertissements régulièrement. En 2014, le locataire a reçu une première ordonnance de paiement de la part du tribunal. Malheureusement,

6. Autorisation d'ester en justice

ment, les choses sont allées de mal en pire au fil des ans. La commune lui a demandé de régler ses dettes plusieurs fois. Elle a proposé des rencontres pour essayer de l'aider. Mais visiblement, il n'en a pas envie.

Les problèmes remontent donc à 2012. Nous sommes en 2021. Cela n'a rien à voir avec la COVID-19. En octobre, le locataire a reçu une lettre de résiliation officielle. En janvier, il a participé à un état des lieux des locaux. À aucun moment, il n'a pris position alors qu'il était au courant de la résiliation depuis octobre ou novembre. La dernière réponse qu'il a donnée est qu'il refuserait de quitter les lieux.

ERNY MULLER (LSAP) *réplique que les dettes ne portent que sur 2020 et 2021. Le reste a été réglé. Il lui reste 7610,20 € à payer — une dette générée pendant la pandémie. C'est pourquoi Erny Muller a mis en relation la dette et la COVID-19.*

Cet artiste est probablement le locataire le plus difficile du 1535°. Mais y a-t-il d'autres problèmes semblables? Erny Muller ne peut que constater qu'il a toujours fini par payer.

Par ailleurs, le locataire a dressé une lettre à la bourgmestre le 15 février au sujet des entrevues qui n'ont jamais eu lieu. C'était peut-être trop tard, mais la commune n'a pas réagi et a lancé une procédure judiciaire.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *confirme que le locataire a demandé une entrevue. La bourgmestre a demandé à madame Brugnoni de s'en occuper, car elle n'a pas le temps. Or le locataire ne répond pas au téléphone.*

La commune a fait tout ce qu'elle a pu pour raisonner cette personne. Mais dans son dernier mail, elle informe la commune qu'elle ne quittera pas les lieux.

Par ailleurs, il est question de 2018, 2019 et 2020, et pas seulement de 2020.

ERNY MULLER (LSAP) *répète que les loyers ont été payés. Il ne reste que 7000 € de 2020.*

gen Atelier war. 2014 hat den Här déi éischte Kéier eng Ordonnance de paiement vum Geriicht kritt. Leider ass seng Zahlungsmoral am Laf vun de Joren net besser ginn. Au contraire! Mir hunn en un oppe Rechnungen erënnert. An en ass opgefuerdert ginn ze bezuelen. Et si Rendez-vous virgeschloe ginn, déi hunn och stattfonnt, fir him ze hëllefen a mat him zesummen ze kucken, wéi mer déi Situatioun erëm an de Grëff kréien. Et muss awer festgestallt ginn, dass et net méiglech ass, well den Här de Wëllen dozou vermësse léisst.

Dat heescht, mir schwätzen hei vun 2012 an 2014. Mir sinn elo 2021! Dat heescht, dat huet näischt mat Covid ze dinn. Covid huet sécher net der Saach bäigedroen. 2012 an 2014 huet nach kee Mënsch vu Covid geschwat.

An e war bei engem État des lieux dobäi. En huet am Oktober gekënnegt kritt. En offizielle Brëif. Am Oktober ass den offizielle Brëif erausgaange vun der Kënnegung. Am Januar war en éischten État des lieux, wou den Här derbäi war. Den Här huet sech net manifestéiert a kenger Hisiicht. En huet net ausgedréckt, wat e wéilt. Dat heescht, e weess vun Oktober, spéits-tens November vun der Kënnegung, well mer jo vu Joer zu Joer verlounen. An déi lescht Äntwert, déi ech vum Här kritt hunn: Wann dat esou wär, da géif hien decidéieren, net erauszegoen.

Jo, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Wa mer elo schwätze vu Schold, par rapport zu der Gemeng, also Loyer, déi ausstinn, da schwätze mer exklusiv vun 2020, 2021. Alles wat virdru läit, ass elo bezuelt. Dat, wat nach opsteet, dat si 7.610,20 Euro. An dat fält komplett an de Beräich vun der Pandemie. Et ass dofir, wou ech dat a Relatioun gesat hunn. Dass dat vläicht nach net begraff ass. Duerfir hunn ech dat a Relatioun gesat.

Ech muss allgemeng froen – et ass warscheinlech dee schwierigste Client, dee mer haten –: Gëtt et och mat anere Locatairen eventuell Problemer, dass de Loyer ze spéit bezuelt gëtt? Hu mer nach esou Fäll? Dat ass eng Fro. Ech

mengen, ech konnt just am Dossier feststellen, dass dat ëmmer bis elo awer beglach ginn ass.

An dann hunn ech mech awer och nach op de Brëif vun deem Här bezunn, deem de 15. Februar un de Schäfferot oder un Iech, Madamm Buergermeeschter, adresséiert ginn ass, wou awer vläicht elo e bëssen ze spéit war. Mee wou do awer gefrot gëtt, och Entrevuen, déi ni zustane komm sinn. Duerno huet d'Gemeng sech och net méi vis-à-vis vun him manifestéiert, mee mir hunn eng Procédure judiciaire an d'Weeër geleet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech mengen, d'Madamm Brugnoni, déi responsabel ass vum Site, där hunn ech den Opdrag ginn – den Här huet e Rendez-vous gefrot. Dat ass awer esou en Dag wéi haut, an et gëtt där e puer an der Woch, sou Deeg, wou ech vun engem Rendez-vous op deem nächste lafen an net einfach esou e Rendez-vous ageplangt kréien. Do hunn ech d'Madamm Brugnoni beoptraagt, dem Här unzeruffen. Si huet den Här e puermol ugeruff. En huet net opgehewen. Ech sinn amgaang de Mail ze sichen. Also et ass vun der Gemeng aus alles gemaach ginn, fir en zur Räson ze bréngen. An ech sichen dee leschte Mail, wou e seet, hie géif elo decidéieren, dann eben net erauszegoen.

Ech sinn amgaangen ze sichen, wann Der erlaabt. An ech wëll Iech just soen, Dir sot et geet ëm 2020, den Här Ulveling huet dat nämmlecht gesot, wéi ech mer et ugekräizt hunn: Do ass d'Joer 2018, 2019 an 2020.

ERNY MULLER (LSAP):

Et ass alles bezuelt. Well déi Zomm, déi nach opsteet, déi hunn ech ganz genee an déi hutt Dir och, déi ass d'Situation en compte client vun 2020, 2021, dat ass déi Zomm vu 7.000, déi elo nach am Raum steet.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Muller huet jo Recht. Am Ganze war et e Montant vun 31.000 Euro, deem zu enger gewësser Zäit op-

6. Autorisation d'ester en justice

stoung. Dovun ass een Deel beglach ginn. Elo handelt et sech ëm 7.610 Euro. Mee et ass kloer, dass kee Proprietär frou ass, wann en ee Locataire huet, wou een awer wierklech dauernd muss ... An et gesäit een, dass vun 2018 u kee Loyer méi bezuelt ginn ass. Dat heescht, wann s de dauernd muss nofroen – an ech mengen, mir si jo wierklech laang gedëlleg a mir mussen och jiddwereen d'selwecht behandelen. Wann dat doten anzwousch anescht gewiescht wär, dann hätte mer dat och esou gemaach. Ech verstinn och net, dass deen Här net mat eis an d'Gespräch kënnt oder wëllt kommen, an dass hien einfach seet: „Et ass egal, ech bleiwen awer“. Dat weist jo awer scho gewëssen, speziell Usiichten, déi do sinn.

An ech mengen d'Gemeng ka jo awer och net ëmmer nëmme jiddwerengem seng Wurscht broden, wéi se him grad schmaacht. Hien huet e Kontrakt, mat deem hie sech verpflichtet, eng Locatioun ze bezuelen. Mir erfëllen eis Part. An hien erfëllt seng Part net. Soudatt ech et awer normal fannen, dass een dann iergendwann eng Kéier seet, elo geet et duer.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech liese mäi Mail, deen ech geschéckt hunn: „Bonjour, Här X, ech reagéieren op deem Wee op Äre Courrier vum 15. Februar 2021, deen a menger Gemeng den 19. Februar ageetraff ass. Dir behaupt an deem Courrier, dass ech Iech net empfanke wollt an dat opgrond vun Ärer schrëftlecher Demande d'entrevue, déi mir den 8. Februar kritt hunn. Ech denken, ech brauch Iech net ze erklären, dass mäi Rendez-vous-Kalenner schonns Wochen am Viraus voll verplangt ass. An dass ech dofir d'Madamm Brugnoli Tania vum 1535° gebieden hunn, mat Iech ze kucken, wéi mer Iech kéinte weiderhëllefen, respektiv ze kucken, ëm wat et iwwerhaapt géif goen. Dir hutt dës Opportunitéit net wouergeholl“. An da kënnt nach eng ganz Oplëschtung. Ech weess net ob dat elo ... Soll ech weiderlesen?

„Weider stellen ech mat grousser Erstaune fest, dass Dir d'Resiliatioun vun Ärem Bail, déi Dir den 3. November

2020 per ageschriwwene Bréif kritt hutt, op eemol an Ärem Courrier vum 15. Februar 2021 net méi akzeptéiert. Véier Méint méi spéit also. An dat ob-schonns den 3. Februar en éischten État des lieux vum Espace, deen Dir momentan nach lount, gemaach ginn ass.

Ech hunn natierlech Versteedsdemech fir déi verschwéiert Situatioun vun den Indépendanten an dëser sanitärer Kris. Meng Gemengeverwaltung huet dofir och 2020 op zwee Loyere verzicht. D'Decisioun, fir Äre Bail net ze verlängeren, ass awer ënner anerem d'Konsequenz vun enger Rei vu Mise-en-demeuren an Ärer ondynamescher Bezuelmoral an de leschte Joren, wat mir Iech och an engem Courrier vum 27. Januar 2020 matgedeelt hunn.

Wéi Der wësst, sinn d'Espacen am 1535° gefrot an u verschidde Reegele gebonnen. Notamment eng minimal Presenz vun 20 Stonnen an der Woch, d'Participatioun un interne Reuniounen an un der annueller Porte ouverte an d'Anhale vum Règlement intérieur souwéi d'Parkingsreegelen. Och domat hutt Der Iech schwéier gedoen.

Ech bieden Iech also, deen Espace, deen Dir lount, bis e Sonndeg den 28. Februar ze liberéieren, soudass meng Gemeng Engagementer géintwuer eisem neie Locataire, ab 1. Mäerz kann anhalen. Falls dëst net de Fall sollt sinn, wäert ech meng Servicer den Optrag ginn, weider juristesche Schrëtt anzeleeden. Ech denken awer, dass Der Iech vläicht kéint déi Fraisen erspieren.

Wat de Plan de paiement vun Ärer opstouender Schold ugeet, an deen Dir gefrot hutt, wäert ech mäi Gemengereceveur froen, Iech ze kontaktéieren a mat Iech ze kucken, wat méiglech ass“.

Méi kann ech an deem Sënn net maachen.

Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, ech weess net, ob an deem Fall do wierklech d'Verhältnisméissegkeet gewaart gëtt. Wéi vill Betriber gëtt et zu Déifferdeng, déi hir Gewerbesteier net bezuelen? Ee Joer laang net bezuelen oder

TOM ULVELING (CSV) confirme que monsieur Muller a raison. La dette se situait à 31 000 €, mais elle est descendue à 7 610 €. Le locataire n'a plus payé de loyer depuis 2018. Il est normal qu'un propriétaire ne puisse pas être content. La commune s'est montrée patiente.

Par ailleurs, Tom Ulveling ne comprend pas pourquoi le locataire ne veut pas discuter avec le collègue échevinal. Il se contente de dire qu'il ne partira pas. Ce n'est pas commun.

De toute façon, la commune ne peut pas laisser chacun faire ce qui lui plaît. La personne en question a signé un contrat. Il est temps de lui dire que cela suffit.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

lit le dernier courriel qu'elle a envoyé au locataire. Elle lui explique que son calendrier est chargé et qu'elle a demandé à madame Brugnoli de voir de quoi il s'agit. Elle constate finalement qu'il n'a pas profité de cette offre.

(Interruption)

Elle poursuit en lui signalant que dans son courrier du 15 février 2021, il refuse la résiliation du bail du 3 novembre 2020 alors qu'il avait participé à un état des lieux le 3 février. La bourgmestre comprend que la situation est difficile, mais rappelle que son administration a annulé deux loyers en 2020. La décision de résilier le contrat est la conséquence de plusieurs mises en demeure.

Les locaux du 1535° sont soumis à plusieurs règles — notamment une présence minimale de vingt heures par semaine, la participation aux réunions internes et aux portes ouvertes annuelles, et le respect du règlement interne et des règles de stationnement.

Pour toutes ces raisons, Christiane Brassel-Rausch demande au locataire de libérer les lieux au plus tard le 28 février. En cas de refus, elle demandera à ses services de lancer des procédures judiciaires.

En ce qui concerne le plan de paiement, elle demandera au receveur communal de contacter le locataire.

ALI RUCKERT (KPL) se demande combien d'entreprises ne payent

7. Commissions / Questions

pas l'impôt commercial à Differdange pendant plusieurs années. Ces entreprises ne sont pourtant pas trainées en justice.

Dans ce cas-ci, il ne s'agit que de 7600 €. La bourgmestre ne pourrait-elle pas essayer de dialoguer avec le locataire ?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
réplique que les démarches ont été entamées. L'avocat est sur le dossier.

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque que la procédure peut être stoppée.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
répète que la discussion porte sur plusieurs années et sur le non-respect des règles. Le 1535° est une communauté.

La bourgmestre regrette aussi l'attitude du locataire qui refuse de quitter les lieux alors que la commune lui avait tendu la main. Elle se sent un peu bête.

D'ailleurs, si les conseillers communaux le préfèrent, elle peut aussi citer les noms. Elle voulait protéger le locataire et trouve que cette discussion ne devrait pas avoir lieu en public.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe aux changements au sein des commissions consultatives. Monsieur Oliboni remplace monsieur Pettinger en tant que représentant de l'ACOMM auprès du comité d'accompagnement économique.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch constate que monsieur Ruckert et monsieur Bertinelli ont des questions.

FRED BERTINELLI (LSAP) *rappelle qu'il y avait une plaque commémorative sur le terrain de l'AS à l'endroit où se trouve la Jugendfabrick. Les gens lui demandent où cette plaque est passée.*

L'ancien bourgmestre a toujours dit qu'elle serait réaménagée sur place. Elle appartenait à une célèbre famille du Fousbann.

Fred Bertinelli a déjà posé la question à plusieurs services, mais n'a pas reçu de réponse. Personne ne semble savoir où se trouve la plaque.

vläicht méi laang. Kënnt Der mer dat soen? An déi net op d'Gericht geholl ginn.

An hei geet et ëm eng Zomm vu 7.600 Euro. Wäer et do net méi logesch, Dir géift Ärem Häerz e Ruck ginn an nach eng Kéier mat deem Mann schwätzen, fir do eng Léisung ze fannen, amplaz dass dat elo op d'Gericht geet?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

D'Demarchë sinn ënnerholl. Den Affekot ass drop. Also informéiert op d'mannst.

ALI RUCKERT (KPL):

Kann een zu all Moment stoppen, wann ee gudde Wëllen huet!

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et geet jo elo net ëm déi – Ech hunn Iech gesot, dat geet ëm e puer Joer schonn. Dat heescht, et geet ëm d'Anhale vu Reegelen. Et geet ëm sech abréngen an eng Communautéit. Wat de 1535° jo definitiv ass. An eng gewëssen Attitüd. Deen Här, dee mir da schreift: „Ech hunn decidéiert, ech bleiwen do“, nodeem mer him wierklech all Hand probéiert hunn ze reechen. Do kommen ech mer dann och e bësse blöd vir, muss ech soen, fir et esou krass auszudrécken.

Wann et dozou keng Wuertmeldung méi gëtt, dann also herno gären nach Froen. Mee mir kënnen et och mat Nimm – also et war elo éischter, fir Leit ze schützen. Well ech denken, dass dat an der Effentlechkeet net onbedéngt eppes verluer huet.

Villmools merci. Da géife mer zum Vott kommen, wann et keng Wuertmeldung méi gëtt.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 5 abstentions d'autoriser le collège échevinal à ester en justice afin de défendre les intérêts de la Ville de Differdange.

Merci. Changements au sein des commissions. Hei geet et net ëm eng Kommissioun, mee ëm e Changement am CAE, dem Comité d'accompagnement économique: „Suite à la réunion du conseil d'administration de l'ACOMM, nous proposons que Monsieur Franco Oliboni remplacera Monsieur Pierchen Pettinger, démissionnaire comme un des représentants dans l'ACOMM auprès du comité économique de la ville“. Dat heescht, den Här Pettinger gëtt duerch den Här Oliboni ersat.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da soen ech Iech villmools Merci.

Et sinn nach zwou Froen. Den Här Bertinelli hat der zwou an den Här Ruckert hat eng. Här Bertinelli, wannech gelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Madamm Buergermeeschtesch, zwou Froen. Déi éischt geet ëm den AS-Terrain. Wéi mer eis Jugendfabrick opgebaut hunn, stoung op där Plaz en Denkmal. Ech wollt wëssen, ech ginn zéngmol an der Woch gefrot, wou dat Denkmal dann dru wier. Well ech war déi Zäit och nach Schaffen. An dat ass ewechgeholl gi während der Bauzäit. Ech wollt froen, wou dat Denkmal ass.

Well et war ëmmer gesot gi vum fréiere Buergermeeschter, datt dat erëm op d'Plaz géif zrëckkommen, op iergendeng Plaz an deem Park. An ech ginn awer oft gefrot, wou dat Denkmal wier. Well dat och enger berüümter Fuussbanner Famill gehéiert huet. Dofir wollt ech froen, wou mer do dru wieren. Hunn och schonn a verschidde Services nogefrot. Ech kréie keng Äntwert.

Et weess kee sou richtig, wou dat Denkmal drun ass. Dat ass déi éischt Fro.

Déi zweet Fro, déi hat ech Iech gestallt, Madamm Buergermeeschter am leschte Gemengerot, wat d'Taxereglement ugeet. Do muss ech Iech och Merci soen, datt Der mer dat geschéckt hutt iwwert de Sperrmüll. An dat ass och dat, wat ech da gesinn hunn, wat mer och scho virdrun haten.

Ech wëll just soen, datt mer dat net méi wëssen, als LSAP, well mer deemools de Sall verlooss haten, wou d'Erhéijung vum Taxereglement gestëmmt gi war. Duerfir war ech do net méi am Coup, wat dat ugeet. Mee wat ech wëll soen, wat net richtig war, dat war ee Service, dee mer de Leit ugebueden hunn. Fréier an de Prozenter, wou mer eist Taxereglement changéiert hunn a wou mer d'Chippen op d'Dreckschësche gemaach haten, war jo och ëmmer en Taux fixe, dee mer haten. An do war ëmmer de Sperrmüll mat dran.

A mir fuere kee Sperrmüll méi. Mir sinn d'lescht Joer sechsmol Sperrmüll gefuer. Dat heescht d'Leit hunn e Rendez-vous kritt, wann da Sperrmüll gefuer ass. An dann ass de Sperrmüll ofgeholl ginn. An dat maache mer net méi. Mir froen elo, wann een de Sperrmüll brauch, froe mer Taxen. 20 Euro de Meterkibb. Wat mer och virdruschonn haten. Mee mir fuere kee Sperrmüll méi. An, leider Gottes, hunn ech dat net héiere virdrun. Ech hunn dat just um Kalenner gelies, dee mer kritt hunn dëst Joer.

Mee dat war ni eng Usprooch hei am Gemengerot. An dat ass och guer net no bausse kommunizéiert ginn, datt d'Gemeng Déifferdeng dee Service, dee se de Bierger ugebueden hunn, net méi fiert. An dat hätt ech gär, datt dat gekläert ass. Datt mer de Leit soen, mir fuere kee Sperrmüll méi. Sperrmüll gëtt nach just gemaach, wann Der telefonéiert a fir esou vill de Meterkibb bezuelt. Dat war fréier anescht. Dat war esou e bëssen, wou ech duerchernee gi sinn. Ech hunn déi zwou Saache matenee verwiesselt.

Dir hutt mer d'Präisser geschéckt. Mee awer wat ech vermësst hunn, dat war déi sechsmol, wou mer Sperrmüll gefuer sinn, wat gratis war déi Zäit. E Ser-

vice, dee mer eise Bierger ugebueden hunn. War och net gratis, well et war am Taxereglement, an där Taxe fixe festgehale ginn. An elo fuere mer dat net méi. Do ass den Duercherneen och hierkomm. Mee wéi gesot, et wär méi kloer gewiescht, mir hätten eise Bierger gesot, datt mer kee Sperrmüll méi fueren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Ech probéieren Iech kuerz eppes ze zielen, da ginn ech d'Wuert un den Här Ulveling an dann un d'Madamm Pregno. Wat déi berüümt Plack ugeet, wëll ech soen, dat war ee vu mengen éischte Rendez-vousen als nei Buergermeeschtesch, wou ech dorop ugeschwat gi sinn, dass mer schonn zënter engem Joer amgaang sinn ze sichen. An ech ginn dann elo d'Wuert un den Här Ulveling weider.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir hunn eng Enquête gemaach. Véier oder fënnf Leit waren un där Aktioun bedeelegt. Et besti Fotoen, dass déi Plack erfogeholl ginn ass. Déi hu mer interviewt. A mir sinn zur Konklusioun komm, dass déi Plack – et war net nëmmen déi Plack, mee do war och esou ee grouss wäissen A, dat alles ass deemools ewechgeholl ginn, wéi déi Aarbechten ugefaangen hate beim Jugendhaus. Dat ass an den Efco gefouert ginn. Deen A, deen ass nach do, mee déi Plack ass verschwonnen. Soudass mir unhuelen, dass déi eis geklaut ginn ass.

Jiddefalls no intensiivstem Sichen déi lescht zwou Woche fanne mer déi Plack net erëm. Weeder am Efco nach am CID. Wou deen ee gemengt huet, et misst do sinn, een aneren, et misst do sinn. Mir fanne wuel awer Schrëftstécker erëm, wou geschriwwen ginn ass oder wou Fotoe gemaach gi sinn, wou déi Plack erfogeholl ginn ass. Mee, wéi gesot, déi Plack ass verschwonnen.

Mer mussen elo kucken. Ech mengen, et ass kloer, wann déi Plack erëm soll opgeriicht ginn, musse mir als Gemeng déi Plack nomaache loossen a se dann erëm opriichten, do, wou se hätt sollen opgeriicht ginn. Dat schéngt mer ganz kloer ze sinn. Mee déi original Plack, fir

La dernière fois, Fred Bertinelli avait posé une question sur le règlement des taxes concernant les déchets. Il remercie la bourgmestre de lui avoir envoyé le document.

Il rappelle que lors du vote de l'augmentation des taxes, les socialistes avaient quitté la salle. C'est pourquoi il ne se souvenait plus des détails. En tout cas, avant, la collecte des encombrants était incluse dans la taxe fixe. Désormais, la commune facture vingt euros par mètre cube. Fred Bertinelli n'était pas au courant. Il l'a lu dans le calendrier des déchets.

Il répète qu'il n'en a pas été question au sein du conseil communal et que les gens n'ont pas été informés. Le collège échevinal devrait communiquer sur le fait que les encombrants sont collectés uniquement sur rendez-vous et facturés au mètre cube.

La bourgmestre a bien envoyé les prix à Fred Bertinelli. Mais celui-ci regrette que la commune ne collecte plus les encombrants six fois par an gratuitement. « Gratuitement » est d'ailleurs un mauvais mot, car le prix figurait dans la taxe fixe. En tout cas, il aurait fallu en informer les citoyens.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

se souvient qu'un de ses premiers rendez-vous en tant que bourgmestre portait justement sur la plaque commémorative. La commune la cherchait depuis un an.

TOM ULVELING (CSV) ajoute qu'une enquête a été menée. Le monument se composait de la plaque et d'un grand A blanc. Il a été enlevé lors de la construction de la Jugendfabrick.

Il semblerait que le tout ait été stocké sur le site d'Efco. Le A est toujours là, mais la plaque a probablement été volée. Elle ne se trouve ni sur le site d'Efco ni au CID. En revanche, il existe des photos et des dossiers documentant que la plaque a été démontée.

Questions

Si la commune souhaite la remonter, il faudra d'abord la refaire. En tout cas, la plaque originale a disparu.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

constate que la commune continue de collecter les encombrants. Il suffit de passer un coup de fil comme cela est indiqué sur le calendrier des ordures.

La collecte a lieu uniquement le lundi, car les services communaux sont surchargés les autres jours. Les dates ne sont plus fixes, mais en cas de besoin, le service existe encore.

FRED BERTINELLI (LSAP) *a l'impression que madame Pregno ne l'a pas compris. Le service sur appel existait déjà avant. Mais en plus, la commune allait chercher gratuitement les encombrants six fois par an. C'est cette dernière partie qui a été supprimée.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *rétorque que la commune applique le principe du pollueur-payeur.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *n'y voit pas d'inconvénient, mais il aurait fallu prévenir les citoyens.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *répète que l'information se trouve dans le calendrier des déchets.*

TOM ULVELING (CSV) *admet que la commune aurait pu communiquer davantage à ce sujet. Mais avant, le service n'était pas facturé, ce qui n'est pas conforme au principe du pollueur-payeur. C'est pourquoi la commune ne peut plus offrir ce service gratuitement.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *constate que la commune essaie de communiquer les informations du mieux possible. Lorsqu'il y a un problème, il ne faut pas hésiter à le dire.*

ALI RUCKERT (KPL) *ne peut s'empêcher de commenter ce qui vient d'être dit. Puisque le collège échevinal applique le principe du pollueur-payeur, combien facture-t-il pour la pollution de l'air?*

Ali Ruckert passe à sa question. Il demande combien de gens la com-

de Moment, ass verschwonnen. Mir sichen nach ëmmer duerno. Mee déi lescht zwou Wochen, wéi gesot, wou mer intensiivst gesicht hunn, war se net opzefannen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Madamm Pregno, wannechgelift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Här Bertinelli, mir fueren nach ëmmer Sperrmüll sichen. Dir musst eis just uruffen. Dat huet geännert. Also Dir kennt bis freides Bescheid soen an uruffen op der Telefonsnummer, déi am Ëmwelkalenner op der leschter Säit uginnt ass. An da kënne mir Äre Sperrmüll siche kommen.

Dir kritt dat facturéiert. Et steet halt do, dass et just méindes méiglech wär. Well déi aner Deeg eis Servicer ausgelascht si mat deenen normalen Tournéeën, déi se fueren. Mee mir kommen awer nach ëmmer. Et ass eeben net méi esou reegelméisseg oder fix Datum. Mee wann dat gebraucht gëtt, ass dat e Service um Bierger, dee mir nach ëmmer ubidden.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir hutt mech net verstanen, Madamm Pregno. Ech wollt just soen, dee Service, deen hu mer och schonn d'lescht Joer gemaach. Dat heescht, wann ee gefrot huet, en ass geplënnert oder esou, en hat Sperrmüll, dann huet en ugeruff. Dann ass de Camion dohinnergefuer. En huet fir de Meterkibb esou vill bezuelt. Mee mir haten awer och sechs-mol am Joer, datt Sperrmüll gefuer ass. An dat war gratis fir d'Leit. Wou dann eis Leit an de Servicer gesot hunn, da fuere mer Sperrmüll an da komme mer dat sichen. An dat war gratis. Dat maache mer net méi. Dat wollt ech just soen.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Dat maache mer och net méi, well dat géint de Prinzip Payeur-pollueur ass. An dat maache mer net méi.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn näischt dogéint. Mee da musst Der de Leit dat soen.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci. Et steet am Kalenner.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass richtig, mir hätten dat kënne soen, dass mer dat net méi maachen. Mee et ass awer falsch ze soen, de Präis wär virdrun agerechent gewiescht. Virdrun hate mer dat net agerechent. An d'Madamm Pregno seet, et ass net pollueur-payeur-gerecht. Also muss ee fir alles bezuelen. Dofir kënne mer et net méi gratis ubidden. Dat ass am Fong de Problem.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Mir probéiere wierklech eis Kommunikatioun esou gutt wéi méiglech opzestellen. Sot eis, wann et net geklappt huet. Da probéiere mer, et besser ze maachen, souwäit et an eise Méiglechkeete steet. Okay?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Den Här Ruckert, wannechgelift.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Sinn Är Froe beäntwert, Här Bertinelli? Dann Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech stellen Iech eng Fro, mee ech ka mer awer eng Bemierkung net verknäifen: Wa mer Pollueur-payeur maachen, wie bezilt da fir déi belaaschte Loft zu

Questions

Déifferdeng! Hutt Der do och schonn eng Rechnung opgestallt?

Meng Fro dann. Ech wéilt wëssen, Mammad Buergermeeschtesch, wéi vill Leit op der Gemeng schaffen, déi Aarbechte maachen, déi musse gemaach ginn, an déi eng Affectation temporaire indemnisée hunn. Wéi vill Leit sinn dat de Moment, déi op der Gemeng schaffen?

An an deem selwechten Zesammenhang wollt ech wëssen: Stëmmt et, dass déi Leit während hirer Schicht keng Paus hunn? Dass se also net emol e Bréitche während enger Paus iessen, mee dass se müssen duerchschaffen? Ass dat esou? Oder stëmmt dat net?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert. Dat do ass elo eng grouss Fro. Dat ass eng eescht Fro, déi ech ganz eescht huelen. Ech ka mech erënnere, am Mäerz, dat heescht wéi de Confinement ugefaangen huet, hunn ech der Santé müssen d'Zuel vun eise Mataarbechter uginn. Leschte Mäerz ware mer bei 723. Ech denken, dass mer elo éischter ...

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

D'ATlen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

A, d'ATlen. Dat muss ech nofroen. Dat kann ech Iech elo guer net soen. Ech froen Iech dat gär no. An da ginn ech Iech am nächste Conseil eng Äntwert.

ALI RUCKERT (KPL):

Dann och dat mat der Paus. Well dat schéngt mer awer wichteg ze sinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Richteg.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech sinn dat eréischt gewuer ginn oder hunn dat matgedeelt kritt, soss hätt ech déi Fro och schrëftlech gestallt. Da wär vläicht schonn eng Äntwert do gewiescht. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech ka just soen, dass mir eis Servicer ugewisen hunn, dass se missten hir Pausen opdeelen. Dat heescht net méi alleguer zur gläicher Zäit zesummen am gläiche Raum Paus maachen. Jiddweeren huet d'Recht, eng Paus ze maachen. Just déi Pause sinn elo – déi eng kommen um véierel op aacht era bis hallwer néng. A wann déi fort sinn, da kommen anerer. Soudass se sech net ze vill gruppéieren.

A mir hunn och zousätzlech Plazen ausgewisen, wou se kënne Paus maachen. Fir dass net all Mënsch an deem selwechte Raum ass. Dat ass wéinst der Pandemie. Ech weess net, dass ee gesot huet, dass ee keng Paus dierft maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, dat kann ech just bestätegen. Virun zwee an hallwe Mount oder esou hu mer decidéiert, well de CID jo raimlech, vun der Fläch hier, kleng ass – offiziell hu mer jo nach ëmmer déi A-B-Gruppen, ausser déi Servicer, déi dobausse schaffen a wëlle schaffen, zum Deel musse schaffen. Awer och Leit, déi einfach wëlle schaffen. Déi gefrot hunn, dass se erëm dierfe schaffe kommen. Do hu mer gesot, jo, Dir dierft et maachen, wann Der Iech net kräizt! D'Haaptprioritéit war: Évitez les croisements. Wat dat dann alles beinhalt, dass Leit hir Pause versetze müssen a vläicht net méi esou kënne zesummesetzen, do kann ech Iech leider elo direkt näischt soen. Mee de Mot d'ordre war: Évitez les croisements à tout prix. Virun allem op esou engem klengen Raum. Dat ass d'Consigne, déi erausgaangen ass, Här Ruckert. Merci.

Wa keng Froe méi sinn, soen ech Iech villmools Merci fir déi Séance publique hei. Soen dem Här Even Merci a komplimentéieren e ganz gentil eraus, fir an d'Non-Publique ze goen.

mune emploi, qui réalisent un travail nécessaire et qui ont une affectation temporaire indemnisée. Est-il vrai que ces personnes n'ont pas droit à une pause et qu'ils ne peuvent même pas manger un sandwich?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

répond qu'elle prend cette question très au sérieux. En mars, elle a dû communiquer le nombre d'employés à la Santé. Elle pense qu'il s'agit de 723 personnes.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

lui signale qu'il est question des ATI.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

répond qu'elle devra se renseigner. Elle répondra la prochaine fois.

ALI RUCKERT (KPL) *veut aussi une réponse concernant la pause.*

(Interruption de M. Ulveling)

Ali Ruckert explique qu'il vient de recevoir cette information. Autrement, il aurait posé la question par écrit.

TOM ULVELING (CSV) *précise que les services doivent veiller à répartir les pauses pour éviter que les employés ne se retrouvent tous dans la même salle au même moment. Mais tout le monde a droit à une pause. La commune a aussi défini d'avance de sites où faire une pause à cause de la pandémie.*

Mais Tom Ulveling n'est pas au courant du fait que certains n'auraient pas droit à une pause.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ajoute que le CID manque de place. Le personnel est réparti en deux groupes auxquels s'ajoutent ceux qui travaillent dehors.

Mais il y a aussi des personnes qui ont demandé de revenir travailler.

Le collège échevinal a accepté leur requête à condition d'éviter les regroupements. Christiane Brassel-Rausch ne sait pas si cela concerne aussi les pauses. Mais le mot d'ordre est d'éviter les croisements à tout prix.

Christiane Brassel-Rausch clôture la séance publique.

Restez au courant !

Nous vous informons tous les jours des dernières nouvelles de la commune. Nous sommes aussi sur Instagram, Twitter et YouTube.





COURSES ENFANTS & ADULTES

12.09.2021

DÉPART 14H AU CENTRE **DE DIFFERDANGE**

INSCRIPTIONS & INFORMATIONS ► WWW.JUDIFF.LU ► INFO@JUDIFF.LU ► TÉL: 26 58 06 29